



GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL
DU 15.07.2022

#
maville

DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN



COMPOSITION DU CONSEIL COMMUNAL



Dan Biancalana,
bourgmestre LSAP



Loris Spina,
échevin LSAP



René Manderscheid,
échevin LSAP



Josiane Di Bartolomeo-Ries,
échevine LSAP



Claudia Dall'Agnol,
échevine LSAP



Martine Bodry-Kohn,
conseillère LSAP



Romain Zuang,
conseiller LSAP



Bob Claude,
conseiller LSAP



Alain Clement,
conseiller LSAP



Walter Berettini,
conseiller LSAP



Michèle Kayser-Wengler,
conseillère CSV



Jean-Paul Gangler,
conseiller CSV



Jean-Paul Friedrich,
conseiller CSV



Claude Martini,
conseiller CSV



Françoise Kemp,
conseillère CSV



Monique Heinen,
conseillère Déi Gréng



Semiray Ahmedova,
conseillère Déi Gréng



Thessy Erpelding,
conseiller Déi Lénk



Victor Haas,
conseiller indépendant

SOMMAIRE

Rapport sommaire en français	4
1. CORRESPONDANCE	9
2. CIRCULATION	9
Modification du règlement général de la circulation – réglementation des rues Triny Bourkel, Marion Hammang et Anne Holtz	
3. FINANCES COMMUNALES	11
3.1. Approbation d'actes notariés de vente pour l'acquisition d'emprises	
3.1.1. « IMMODUD » s.à r.l., terrain sis avenue Grande-Duchesse Charlotte	
3.1.2. « G3i S.A. », terrain sis rue Belair	
3.1.3. Madame Christiane Elisabeth Jeanne Frisch, terrain sis rue du Nord	
3.1.4. Monsieur Jean-Paul Marie Gedgen, terrain sis rue Goethe	
3.1.5. Époux Antonio Polluce et Domenica Conversa, terrain sis rue Grand-Duc Adolphe	
3.1.6. Époux Rafet Kajevec et Safeta Kajevec, terrain sis rue Jean Friedrich	
3.1.7. Époux Victor Matias Cruz et Catarina Isabel Rodrigues Da Silva, terrain sis rue du Nord	
3.2. Approbation d'un acte de vente notarié avec Madame Virginie Mertz pour un terrain, sis rue du Chemin de Fer	
3.3. Approbation d'un acte notarié de vente avec Monsieur Thomas Jean Reuter pour des terrains, sis rue Angeldall	
3.4. Approbation d'un acte notarié de cession gratuite avec Monsieur Henri François Menster et Madame Béatrice Marie-Pierre Brepson pour un terrain, sis route de Noertzange	
3.5. Approbation d'un acte notarié de cession gratuite avec les époux Marc Jean Pierre Dickes et Marie-Thérèse Roderes pour un terrain, sis route de Noertzange	
3.6. Approbation de deux accords avec la Croix-Rouge luxembourgeoise au sujet de la mise à disposition de logements pour l'accueil de personnes fuyant la guerre en Ukraine	
3.7. Modification du chapitre XII du règlement-taxes général – École régionale de musique de la Ville de Dudelange	(40)
3.8. Approbation du devis estimatif relatif aux travaux de mise en conformité du système d'éclairage du Stade Jos Nosbaum	
3.9. Approbation du devis estimatif relatif au réaménagement de l'aire de jeux Wolkeschdall	
3.10. Approbation de la déclaration de recettes non-réglementées pour l'exercice budgétaire 2021	
3.11. Approbation de décomptes	
3.12. Allocation de subsides ordinaires aux clubs et associations locales	
3.13. Allocation de subsides extraordinaires	
3.14. Approbation du contrat de bail avec les époux Jean-Marie Kontz et Nancy Meisch pour un local de commerce sis 1-6, place am Duerf	
4. OFFICE SOCIAL	32
Approbation des bilans et comptes de profits et pertes des exercices 2019 et 2020 de l'Office social de Dudelange	
5. ÉTAT CIVIL	33
Affectation de biens immeubles à la célébration de mariages	
6. DÉMOCRATIE PARTICIPATIVE	36
Approbation du règlement concernant le budget participatif	
7. ÉCOLE RÉGIONALE DE MUSIQUE DUDELANGE	40
Approbation de l'organisation scolaire provisoire pour l'année scolaire 2022/2023	
8. ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL	43
Approbation des changements dans l'organisation scolaire 2022/2023	

9. CONGÉ POLITIQUE	44
Nouvelle fixation du supplément de neuf heures de congé politique par semaine parmi les délégués dans les syndicats de communes	
10. COMMISSIONS CONSULTATIVES	44
Approbation des modifications dans la composition de différentes commissions consultatives	
11. PERSONNEL	44
11.1. création d'un poste d'employé communal, B1, administratif pour le service d'accueil et de réception	
11.2. conversion d'un poste vacant d'employé communal B1, éducatif et psycho-social en poste d'employé communal A2, éducatif et psycho-social pour le service d'éducation et d'accueil	
12. SYNDICAT INTERCOMMUNAL DE GESTION INFORMATIQUE	45
Récents articles de presse au sujet du fonctionnement du SIGI – projet de création d'une fondation SIGI – prise de position du conseil communal	
13. QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS	49

RAPPORT SOMMAIRE

Présents : Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre ; Loris Spina (à l'exception du point numéro 4 de l'ordre du jour), René Manderscheid ; Mesdames Josiane Di Bartolomeo-Ries et Claudia Dall'Agnol (à l'exception du point numéro 4 de l'ordre du jour), échevins. Mesdames Semiray Admedova (absente à partir du point numéro 6 de l'ordre du jour), Martine Bodry-Kohn ; Messieurs Bob Claude, Alain Clement, Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler, Vic Haas ; Mesdames Monique Heinen (à l'exception du point numéro 3.10 de l'ordre du jour), Michèle Kayser-Wengler, Françoise Kemp ; Messieurs Claude Martini et Romain Zuang, conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal. Absents : Monsieur Walter Berettini, Madame Thessy Erpelding, conseillers, excusés. Procurations : Monsieur Walter Berettini pour Madame Martine Bodry-Kohn ; Madame Semiray Ahmedova pour Madame Monique Heinen (à partir du point numéro 6 de l'ordre du jour).

Début de la séance publique à 8.00 heures.

1 – CORRESPONDANCE

Monsieur le bourgmestre informe le conseil communal que le compte provisoire de l'exercice 2021 clôture avec un boni prévisionnel de quelque 12,4 millions €. Monsieur René Manderscheid, échevin, poursuit pour informer, qu'en date du 9 juin 2022 a eu lieu la 10e édition de la Journée Pacte Climat à la Maison du Savoir à Esch/Belval. La Journée Pacte Climat a été l'occasion de célébrer les premiers résultats du Pacte Climat 2.0. À l'heure actuelle, 100 des 102 communes ont adhéré à la nouvelle mouture du programme et sept d'entre elles sont déjà certifiées, dont la Ville de Dudelange.

2 – CIRCULATION

Avec 11 voix et 7 abstentions, est approuvée l'avenant au règlement général de la circulation portant réglementation des rues Triny Bourkel, Marion Hamman et Anne Holtz dans le lotissement « A Bëlleg ».

3 – FINANCES

A l'exception des points 3.12 et 3.14, tous les autres points suivants, soumis au vote sub finances, sont approuvés à l'unanimité :

1. les actes notariés de vente pour l'acquisition d'emprises suivants : avec la société « IMMODUD » s.à r.l. pour un terrain sis avenue Grande-Duchesse Charlotte ; avec la société « G3i S.A. » pour un terrain sis rue Belair ; avec Madame Christiane Elisabeth Jeanne Frisch pour un terrain sis rue du Nord ; avec Monsieur Jean-Paul Marie Gedgen pour un terrain sis rue Goethe ; avec les époux Antonio Polluce et Domenica Conversa pour un terrain sis rue Grand-Duc Adolphe ; avec les époux Rafet Kajevic et Safe-ta Kajevic pour un terrain sis rue Jean Friedrich, et avec les époux Victor Matias Cruz et Catarina Isabel Rodrigues Da Silva pour un terrain sis rue du Nord ;

2. l'acte de vente notarié avec Madame Virginie Mertz pour un terrain, sis rue du Chemin de Fer ;

3. l'acte notarié de vente avec Monsieur Thomas Jean Reuter pour des terrains, sis rue Angeldall ;

4. l'acte notarié de cession gratuite avec Monsieur Henri François Menster et Madame Béatrice Marie-Pierre Brepson pour un terrain, sis route de Noertzange ;

5. l'acte notarié de cession gratuite avec les époux Marc Jean Pierre Dickes et Marie-Thérèse Roderes pour un terrain, sis route de Noertzange ;

6. deux accords avec la Croix-Rouge luxembourgeoise au sujet de la mise à disposition de logements pour l'accueil de personnes fuyant la guerre en Ukraine. Il s'agit plus précisément d'un studio, sis au rez-de-chaussée de l'immeuble, 27, rue Gare-Usines, ancienne épicerie, d'une surface habitable approximative de 36 m² et d'un appartement au 2e étage de l'immeuble, 73, rue Tattenberg, d'une surface habitable approximative de 39 m² ;

7. la modification du chapitre XII du règlement-taxes général – Ecole régionale de musique de la Ville de Dudelange. Aux termes de cette décision, les droits d'inscription annuels à l'Ecole régionale de musique de la Ville de Dudelange en matière d'enseignement musical sont fixés comme suit :

TARIFS ÉLÈVES ET ÉTUDIANTS SCOLARISÉS

• Tous les cours (tous niveaux)	Gratuit
• Location Instrument	100,- €

TARIFS ADULTES

• Package (instrument & branches en relation)	100,- €
• Cours instrumental ou vocal supplémentaire	100,- €
• Location Instrument	100,- €

8. le devis estimatif, établi par le service communal des sports en date du 27 juin 2022, chiffrant la dépense relative aux travaux de mise en conformité du système d'éclairage du Stade Jos Nosbaum par l'installation de projecteurs LED, au montant global de 99'450,- € TTC. En effet, les lois de jeu FIFA, repris par les statuts de la Fédération Luxembourgeoise de Football (FLF), prévoient des valeurs minimales relatives à la luminosité des installations d'éclairage

requis pour pouvoir disputer des matchs en nocturne. A l'heure actuelle, ces normes ne sont pas remplies et l'éclairage peut sensiblement être amélioré et rendu conforme grâce à l'installation de projecteurs en LED ;

9. le devis estimatif du 16 juin 2022, établi par l'atelier d'Urbanisme et d'Architecture du Paysage – Andrea Weier, pour un montant de 500'000,- € toutes taxes et honoraires compris, relatif au réaménagement de l'aire de jeux Wolkeschdall. Le devis comprend la fourniture et la pose de jeux, les travaux de canalisation, les travaux d'éclairage, les travaux de voirie ainsi que les honoraires de l'architecte paysagiste urbaniste-aménageur. Il s'agit en l'espèce d'un grand espace récréatif jouissant d'une situation exceptionnelle en plein cœur du quartier Wolkeschdall, nécessitant une remise générale au goût du jour, tant en ce qui concerne les infrastructures telles que la canalisation, l'éclairage public et la voirie en général, de même que des jeux proposés, lesquels se veulent plus variés et couvrant les besoins des enfants de tous âges de façon inclusive.

10. la déclaration de recettes non-réglementées pour l'exercice budgétaire 2021 pour un montant de 160'676,15- € ;

11. les décomptes suivants :

- Centre de Documentation sur les Migrations Humaines – Installation d'une détection incendie 19'800,23- €
- Développement d'un système « Ticketing » - Quality Management et logbook 49'747,30- €
- Ecole Boudersberg – Installation d'une centrale de détection incendie 56'057,65- €
- Ecole Italie – Mise en conformité du réseau électrique 79'881,06- €
- Diverses écoles – Installation d'un réseau Wifi 38'894,66- €
- Ecole Boudersberg – Accès pour personnes à mobilité réduite 58'030,94- €
- Maison Relais Schwämm – Remplacement du revêtement au sol 66'037,00- €
- C. I. D. – Renouvellement de la détection incendie et de l'éclairage de secours 33'112,35- €
- Cimetière Rellent – Acquisition d'un garage préfabriqué 15'429,31- €
- C.C.R.D. – Nouveau mobilier 19'659,51- €
- Centre de Documentation sur les Migrations Humaines – Remplacement de la chaudière 19'286,12- €
- Galerie Nei Licht – Ponçage et vernissage de l'escalier principal 19'995,30- €
- Camion – Services Espaces Verts 176'172,75- €
- Cimetière Rellent – Aménagement de chemins et colombariums 99'354,65- €
- Ecole Baltzing – Mobilier – 1er étage 12'491,68- €
- Ecole Italie – Installation d'un parafoudre 42'485,78- €
- Ecole Strutzbiereg D – Renouvellement de la toiture 43'229,18- €

- Diverses écoles – Acquisition de serrures / cylindres « anti-panique » 69'181,11- €
- Maison Relais Boudersberg – Séparation du réfectoire 24'254,57- €
- Foyer Minettsdepp – Réparation mur et pose d'un couvre-mur 15'983,80- €
- Maison syndicale – Salle des fêtes – Installation d'un nouveau beamer 28'588,59- €
- S. I. T. D. – Remplacement de la vitrine 15'360,81- €
- Ateliers communaux – Bâtiment A – Installation d'une détection incendie 16'941,53- €
- G.M.P. – Garage mécanique – Acquisition et mise en place d'une plateforme élévatrice 56'089,70- €
- G.M.P. – Menuiserie – Acquisition d'un élévateur à vide 28'343,00- €
- G.M.P. – Serrurerie – Acquisition d'une scie circulaire 45'190,80- €
- C.C.R.D. – Remplacement d'une partie du système amplificateur et haut-parleurs 49'454,61- €
- C.I.D. – Remplacement chauffage et détection gaz 31'494,32- €
- Véhicule multi-usages UNIMOG avec dispositif déneigement / salage – Service Voirie 196'852,50- €
- Camionnette – Service Menuiserie 34'067,31- €
- Chargeuse télescopique – Service Travaux généraux 128'700,00- €
- Tracteur avec équipement tonte et déneigement / salage – Service Espaces Verts 47'174,00- €
- Voiture de service (utilitaire) – Service sécurité et santé au travail 19'633,95- €
- Voiture de service (utilitaire) – Service Peinture et Maçonnerie 19'633,95- €
- Voiture de service (utilitaire) – Service Gaz et Eau 19'633,95- €
- Voiture de service (utilitaire) – Service Santé scolaire 19'610,99- €

12. l'allocation des subsides ordinaires aux clubs et associations locales 2021 est avalisée avec 13 voix et 5 abstentions ;

13. les subsides extraordinaires suivants sont alloués :

- a.s.b.l. « Diddeleng Hëllef » en tant que subvention pour aide au tiers monde 30.000,- €
- a.s.b.l. « Association nationale des Victimes de la Route » pour le 25e anniversaire d'existence 250,- €
- a.s.b.l. « Association Luxembourg Alzheimer » en tant que soutien de ses activités pour l'année 2022 125,- €

14. avec 13 voix et 5 abstentions, est approuvé le contrat de bail avec les époux Jean-Marie Kontz et Nancy Meisch aux termes duquel la Ville de Dudelange loue des époux Jean-Marie Kontz et Nancy Meisch un local de commerce sis à Dudelange, 1-6, place am Duerf. Les locaux sont loués en vue de les sous-louer pour des mesures de soutien du commerce en Ville, de promotion de l'entrepreneuriat et de contribution à la création d'une offre commerciale diversifiée dans le cadre d'un projet de type « concept-store »

respectivement « pop-up store » ou de tout autre concept pour la valorisation de la place « Am Duerf », en donnant à bail des locaux visant l'installation de magasins éphémères.

4 – OFFICE SOCIAL

Les bilans et comptes de profits et pertes des exercices 2019 et 2020 de l'Office social de Dudelange sont approuvés avec les voix de tous les conseillers communaux.

5 – ETAT CIVIL

La loi du 8 juin 2022, 1° modifiant a) le Code civil ; b) la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 est entrée en vigueur avec effet au 1er juillet 2022 et la loi précitée a pour objectif e.a. de permettre à l'avenir la célébration de mariages ou de partenariats civils dans d'autres lieux que la maison communale.

Aux termes de la loi, le conseil communal peut affecter à la célébration de mariages et à la réception de la déclaration de partenariats, tout bien immeuble, outre la maison commune, qui répond aux conditions suivantes :

« 1° appartenir à l'État, à un établissement public ou à la commune. La célébration de mariages dans un immeuble appartenant respectivement à l'État ou à un établissement public est subordonnée à son accord ;

2° être situé sur le territoire de la commune où aura lieu la célébration ;

3° être affecté à un service public ;

4° être de caractère neutre ;

5° garantir une célébration solennelle et publique du mariage ;

6° permettre à l'officier de l'état civil d'accomplir ses fonctions dans le respect de ses devoirs et obligations » ;

Sur proposition de notre collègue des bourgmestre et échevins, le conseil communal décide à l'unanimité, d'affecter à la célébration de mariages et à la réception de la déclaration de partenariats prévue à l'article 3 de la loi modifiée du 9 juillet 2004 relative aux effets légaux de certains partenariats, outre la maison commune, les immeubles, propriété de la Ville de Dudelange, suivants :

1. le kiosque sur la place de l'Hôtel de Ville ;

2. le kiosque sur la place Marc Zanussi, parc Le'h ;

3. le petit auditorio au Centre culturel régional « operschmelz », et avec 13 voix oui et 5 abstentions, d'affecter à la célébration de mariages et à la réception de la déclaration de partenariats prévue à l'article 3 de la loi modifiée du 9 juillet 2004 relative aux effets légaux de certains partenariats, outre la maison commune, les immeubles, propriété de l'Etat, suivants :

1. le « Pomhouse », propriété de l'Etat – Centre national de l'audiovisuel ;

2. l'ancien château d'eau ARBED, propriété de l'Etat – Centre national de l'audiovisuel.

6 – DÉMOCRATIE PARTICIPATIVE

Comme suite à l'organisation du « Biergerrot » et du « Panel des citoyens », outils déjà mis en place et fonctionnels pour institutionnaliser et promouvoir la participation citoyenne à la vie communale, il échet désormais de procéder à la mise en œuvre du projet de budget participatif.

Le principe du budget participatif permettra aux citoyens de Dudelange de soumettre leurs idées et projets avec un budget à l'appui, sachant que c'est grâce au budget alloué par le conseil communal que les projets retenus pourront être financés et réalisés, projets d'intérêt général, destinés à améliorer le cadre de vie, à contribuer au vivre ensemble et à favoriser les démarches collectives.

Ainsi, le règlement concernant le budget participatif est approuvé à l'unanimité.

7 – ECOLE RÉGIONALE DE MUSIQUE

Le conseil communal arrête d'un commun accord l'organisation scolaire provisoire pour l'année scolaire 2022/2023 de l'école régionale de musique de Dudelange. Ci-après les chiffres clefs : 1'354 élèves, 1'180 cours collectifs, 1'127 cours individuels, 201 cours de musique de chambre et ensembles, 59 enseignants. Les cours sont dispensés à Dudelange, Bettembourg, Roeser, Weiler-la-Tour et Kayl/Tétange.

8 – ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL

Un changement dans l'organisation scolaire 2022/2023 est approuvé à l'unanimité.

9 – CONGÉ POLITIQUE SYNDICAL

La nouvelle fixation du supplément de neuf heures de congé politique par semaine parmi les délégués dans les syndicats de communes est avalisée avec 13 voix et 5 abstentions.

10 – COMMISSIONS

Un changement dans la composition de la commission des jeunes est approuvé à l'unanimité. Ainsi Monsieur Gledis Kryeziu remplace Monsieur Sven Barthels en tant que membre.

11 – PERSONNEL

Les deux décisions suivantes sont prises avec les voix de tous les conseillers communaux :

1. la création d'un poste d'employé communal, B1, administratif pour le service d'accueil et de réception en vue de régulariser la situation administrative d'un agent ;

2. la conversion d'un poste vacant d'employé communal B1, éducatif et psycho-social en poste d'employé communal A2, éducatif et psycho-social pour le service d'éducation et d'accueil.

12 – SIGI

Les conseillers communaux s'échangent sur les récents articles de presse au sujet du fonctionnement du SIGI et de l'échange de correspondance avec le syndicat. Ainsi, les conseillers prennent acte qu'au courant de la réunion du comité du SIGI du 12 juillet 2022, le comité du SIGI a donné son feu vert pour un processus d'audits afin d'améliorer le fonctionnement en interne et une enquête externe sur la collaboration avec les communes. Le premier audit portera sur le climat social et le deuxième sur la structure financière du syndicat. Une enquête externe sera conduite dans le but d'améliorer la collaboration avec les communes, et de mieux pouvoir répondre à la diversité des besoins et demandes exprimés envers le SIGI. Le comité a également voté pour l'instauration d'un groupe de travail, composé de 5 membres du comité et de 3 membres du bureau.

Ce groupe de travail définira le cadre des analyses et un ou plusieurs bureaux d'études spécialisés dans les audits d'entreprise seront donc mandatés pour développer, mener et restituer un audit sur différents niveaux d'opération du SIGI.

13 – QUESTION AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS

Quelques questions ont été soumises au collège des bourgmestre et échevins de la part de la fraction « CSV » au sujet des pistes cyclables et la réglementation y afférente. Il est répondu aux questions séance tenante.

La réunion se poursuit ensuite à huis clos.

Fin de la séance vers 12.50 heures.

* * *

GEMENGEROTSSÄTZUNG VUM 15.07.2022

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Schéine gudder Moien an häerzlech wëllkomm am hei viraussichtlech leschte Gemengerot virun der Summer-vakanz. Dofir begrëssen ech och hei eis Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, respektiv och d'Vertreieder vun der Press. Ech proposéieren, dass mer op den Ordre du jour iwwerginn, well en ass zimmlech voluminéis fir dëse Gemengerot. Der Form halber wollt ech nach matdeelen: Entschëllegt ass fir dëse Gemengerot d'Tessy Erpelding an och aarbechtsbedéngt de Walter Berettini, an deen huet dem Martine Kohn eng Procuratioun ginn.

I. KORRESPONDENZ

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da wollt ech normal weiderfuere mam Ordre du jour a matdeelen, dass ënnert Korrespondenz de Punkt war vum SIGI. Dass mer deen op den Ordre du jour eriwwehuelen, an dass de Gemengerot och mat där Modifikatioun averstanen ass. Da wollt ech hei ënnert dem Punkt Korrespondenz nieft de Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schännerot, déi hei op deen een oder anere Punkt aginn, hei awer och matdeelen, dass mer den definitive Kont vum Joer 2021 virleien hunn. Wou mer hei e Boni maache vu ronn 12,4 Milliounen Euro. Am Initial 2021 waren dat jo nach 944.000.- Euro. Sou dass mer eng gutt Ausgangspositioun hu fir d'Joer 2022 dat jo voll am Gaang ass, och fir d'Projeten, fir déi ëmzesetzen. Mir hunn e Boni am Ordinaire vu 15,5 Milliounen Euro. Do sollt mer am Initial 6,6 Milliounen hunn. Mir hunn e Mali am Extraordinaire vu 25,1. Do sollt mer der am Initial 15,1 hunn. Mir huelen am Boni général vum Joer 2020 eriwwer 21,9 Milliounen Euro. A wann een do déi néideg Additiounen a Soustraktiounen mécht, dann hu mer en definitive Boni um Kont definitif vum Joer 2021 vun 12,4 Milliounen Euro. Dat par rapport zu der gudder awer och gesonder a stabiller Finanzsituatioun vun der Stad Diddeleng. Da froen ech d'Kolleeginnen an d'Kolleegen vum Schännerot, ob déi nach Punkten hunn ënner Korrespondenz?

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Ech wollt just matdeelen, dass den 9. Juni den nationale Klimapakttag zu Esch war. An do ass och ënner anerem d'Gemeng Diddeleng zertifizéiert an mat mat 60,6% ausgezechent ginn. An deem selwechte Kontext wëll ech nach eng Kéier drun erënneren, dass mer jo dann de Méinden hei ëm 17:30 den informelle Gemengerot hunn, an do wäerte mer och nach eng Kéier de Covenant of Mayors diskutéieren an och d'Nohaltegkeetsmoosname wäerten nach eng Kéier op den Ordre du jour kommen, sou dass mer dann den 30. September, dem nächste Gemengerot, de Covenant of Mayors offiziell verabschiede kënnen. Merci.



2. CIRCULATIOUN

Modifikatioun vum Allgemenge Verkéiersreglement – Reglementatioun vun de Stroossen Triny Bourkel, Marion Hammang an Anne Holtz

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da géif ech proposéieren, dass mer op d'Circulatioun eriwerginn. Ech begrëssen och de Chef vun eisem Service Circulation, de Pit Demuth. Hei geet et ëm Modifikatioun vun engem Règlement général, an da ginn ech dem Claudia d'Wuert.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Merci Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, Dir kënnt lech sécher drun erënneren, datt mer am leschte Gemengerot vum 3. Juni iwwert déi Stroossennimm vun eiser neier Cité A Bëlleg hei ofgestëmmt hunn. A vu datt mer elo d'Stroossennimm hunn, kënne mer den zweete Schratt goen an en Avenant op eist Generellt Verkéiersreglement huelen, dass mer eben déi nei Stroossen, déi mer d'leschte Kéier benimmt hu mat engem Circulatiounsreglement beleeden. Fir déi dräi Stroosse gëllt, Maximum 24 Stonne parken op där selwechter Plaz. Parking résidentiel mat Vignette oder 3 Stonne mat Ticket. Dat Ganzt ass natierlech an der Zon B, well et ausserhalb vum Zentrum ass. Tëscht 18 an 8 Auer dierfe keng Camionnetten do parken. Dat ass genau sou, wéi et och soss iwwerall hei an Diddeleng de Fall ass. Dann awer spezifesch fir déi 3 nei Stroosse gëllt Folgendes: An der Rue Triny Bourkel: Tempo 30 km/h, Dräieck op der Kräizung mat der Rue Jean Simon, 2 Elektroparkplaze laanscht d'Spillplaz, 1 PMR-Parkplaz bei der Spillplaz an e Parking bei der Spillplaz.

Rue Marion Hammer: Sens unique tëscht der Route de Burange an der Rue Triny Bourkel, de Vëlo kann do am double Sens fueren, Sens unique tëscht der Rue Triny Bourkel an der Route de Luxembourg, de Vëlo kann och do am double Sens fueren. E Stoppschild fir an d'Route de Luxembourg, also op d'N31 ofzebäien an op déi Plaz kommen och 2 Elektroparkplazen. 1 PMR-Plaz op der Plaz niewent den Elektroautoen, en Zone résidentielle, Tempo 20 km/h also, tëscht der Route de Luxembourg, Route de Burange an der Rue Triny Bourkel. Dann hu mer nach d'Rue Anne Holtz: dat gëtt eng Zone résidentielle, also och Tempo 20 km/h. An der Lëtzebuergerstrooss gëtt de Busarrêt Ribeschpout a Faartrichtung Beetebuerg verréckelt a kënnt elo an d'Entrée vun där neier Cité. Fir all weider Froen oder fir lech dee schéine Plang do ze erklären ass de Pit Demuth hei.

A mir haten och dës Woch och Verkéierskommissioun, wou mir dat doten och eng Kéier virgestallt hunn.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Ech hunn net richteg verstanen, wéi d'Circulatioun do geet. Däerf een an der Lëtzebuergerstrooss eran an eraus? Neen. A bei der Bierenger Barrière däerf ee just eran? An an der Rue Jean Simon däerf een eran an eraus? A wou kënnt dat Sens unique-Schëld do, wou Dir sot, d'Vëloë kënnen an zwou Richtunge fueren? Dat een do net däerf erafueren. OK, Merci.

CLAUDE MARTINI (CSV): 2 Parkplaze fir Elektroautoen. Dat gëtt an der nächster Zäit e bëssen enk dat. Wéi wäit kënne mer déi ausbauen? Dat heescht, wéi schnell? Wa mer lo ganz mussen oprappen herno fir d'Kabelen ze zéien a fir d'Bornen ze stellen. Ech fannen dass dat e bëssen enk ass fir 2 Stéck just ze setzen.

PIT DEMUTH (SERVICE CIRCULATION): Also d'Infrastrukturen, also d'Leitunge si gezu gi fir 4 Parkplazen ze maachen. Dat heescht, mir maachen der aktuell 2. Wa mer gesinn dass nach Besoin do ass, da kënne mer ganz séier nach eng Kéier 2 Stéck norüsten an eng Borne dohinner stellen, fir dann am ganze 4 Plazen ze hunn. Also dat souwuel an der Rue Marion Hammang wéi och bei der Spillplaz, bei der Rue Triny Bourkel. Dat heescht, mir kéinten herno vun deenen aktuell 4 geplangten der herno 8 Stéck dohinner maachen, wa Bedarf do ass.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Mir kruten dat effektiv an der Verkéierskommissioun presentéiert an hunn eis dat elo a Rou ugekuckt. Mir hunn awer nach e puer Froen dozou an eppes mécht eis elo e bësse Suergen, nämlech d'Strooss Triny Bourkel, déi ass jo Zon 30 km/h an do kann een an zwou Richtunge fueren. Déi ass nieft der Spillplaz, respektiv deem kleng Park, an do sinn dann 30 Parkplazen, déi souguer fir Camionnettë sinn. Bon, ech denken dat war am PAP scho sou. Deen hu mer jo och matgestëmmt. Mee déi Parkplazen tëschent Spillplaz a Strooss, dat ass awer vläicht net grad glécklech, well wann do Kanner erauslafen tëschent Camionnetten an Autoen, da gesäit ee se awer vläicht net gutt. Ech hoffe jo, dass dat do baulech sou gemaach gëtt, mat Hecken oder vläicht och nach Verengungen, fir dann awer d'Vitess erauszehuele vun der Zon 30 km/h. Bon, et hätt ee jo och vläicht kënnen dee ganze Quartier Zon 20 km/h maachen. Dat wier jo och eng Méiglechkeet gewiescht.

Ech hunn d'Parkplaze mol gezielt, et sinn der 60. Ech hat vergiess nozefroen, ob an engem Lotissement souvill Parkplazen, ob et do eng Virschrëft gëtt, wéi vill ëffentlech Parkplazen do musse gemaach ginn. Vlächte hätt een der och e bësse manner kéinte maachen, well mir hu jo awer do d'Gare vum Zuch direkt, mir hunn e Busarrêt. An dann hätte mer jo och do de Vëlo-Expresswee, deen do géif laanscht kommen. An dat ass da meng nächst Fro: Wou geet deen da laanscht? Well ech sinn elo um Plang net direkt klug ginn, wou dee Vëlo-Expresswee lo do soll laanschtgoen? Ass et esou, dass ech duerch de Lotissement muss fueren? Dat heescht, wann ech elo an d'Stad géif fueren, da fueren ech d'Rue Triny Bourkel eran, wou dann awer Verkéier an zwou Richtungen ass. Oder ass do eng Oftrennung? Fueren

ech do iwwert den Trottoir an da fueren ech hannert de Residenzen? Do ass jo och e kleng Wee. Ass dat de Vëlo-Expresswee? Da kommen ech eraus wou d'Elektrostatioun ass an dann duerch d'Rue Marion Hammang. Da wier ech bei der Bierenger Barrière an da wäert dee warscheinlech op där anerer Säit weidergoen. Also sou hunn ech mer dat elo mol virgestallt. Ech sinn elo mol gespaant, wat ech als Äntwert kréien.

Dann den Zougang vum Lotissement zur Gare. Ass dat esou dee kleng Wee bei der Elektrostatioun an der Rue Marion Hammang? Gëtt do en Zougang zur Gare gemaach? Dat wier och interessant ze wëssen. Do si jo dann och elo déi Locatiounsvëloen. Déi ware jo méi no bei der Barrière, déi sinn jo dann do verréckelt ginn. Dat mécht jo dann och Sënn, wann d'Locatiounsvëloë beim Zougang vun der Gare sinn. Da sinn nach déi 16 Parkplazen an der Rue Marion Hammang, dee riichte Wee, dee bei d'Lëtzebuergerstrooss geet. Sinn déi net reglementéiert? Well do steet elo kee Schëld dobäi. A sinn déi op privatem Terrain? Well dat do sou chiffriert ënnendrénnen ass. Do wollt ech froen, wann déi net reglementéiert sinn iwwert d'Gemeng, da kéint dat jo fir Dauerparker sinn. Wat jo da vlächte och sou e bëssen e Park & Ride wier fir dann den Zuch ze huelen. Voilà, dat ware meng Froen alleguerten.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Et ass mer lo nach grad agefall: et ass jo ëmmer gesot ginn, dass d'Gare eventuell sollt versat ginn. Hu mer lo do en neie Moment? Well et ass elo de Moment, fir dorop ze äntweren. Well mir haten eis och enthalte beim PAP Bëlleg, ënner anerem well mir et och méi sënnavoll fonnt hätten, wéi d'Monique Heinen elo gesot huet, wa mir dee Shared Space iwwer dee ganzen Areal gemaach hätten, wa mer scho keen autofräie Quartier maachen. Dat wär méi eng Logik gewiescht, wéi déi kleng Strépp do. Mir fannen, dass dat net schrecklech coherent ass. Merci.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Just ganz kuerz zum autofräie Quartier. Ech widderhuelen net, wat ech hei schonn e puer Mol sot, do ginn eis Vuen auserneen. Well mer aus Erfahrung aus der Stad geléiert hunn, wéi sënnavoll dat doten ass. Mee vlächte wann nach e bësse Waasser d'Diddelenger Baach erofgelaf ass, da kann een dat dote realiséieren, mee momentan mengen ech ass dat net dran. Camionnettë-Parkplazen, dat gesinn ech elo net. D'Camionnettë kënnen a ganz Diddeleng am Dag parken, wat jo och normal ass, well Aarbechte gemaach ginn. Mee owes, dat hunn ech och virdu gesot, owes ass et hei wéi a ganz Diddeleng, do dierfe se net parken. An Dir sot 60 Parkplazen, ech mengen, Dir hat gesot 60. Egal wéi vill Parkplazen do sinn, eng Parkplaz huet ee séier ewech.

A wa mir muer géife gesinn, déi ginn net méi gebraucht, da kann een déi ganz séier ewechhuelen. Fir den Zougang zur Gare, dat ass och schonn an der Circulatiounskommissioun um Plang gewise ginn, ech mengen da kann de Pit dat nach eng Kéier weisen an och op all déi Detailler an technesch Froen agoen.

PIT DEMUTH (SERVICE CIRCULATION): Merci Claudia fir d'Wuert. Da probéieren ech elo emol, chronologesch op d'Froen ze äntweren. Wat d'Unzuel vun de Parkpla-



zen ugeet, do géif ech un de Service Architecture verweisen, déi kënne bestëmmt eng Äntwert drop ginn, wéi vill der do an engem PAP musse virgesi ginn, dat weess ech elo net auswenneg. De Vëlos-Expresswee, dee geet laanscht d'Eisebunn an deen ass gréissten-deels um Terrain vun der CFL, dofir ass en um PAP net mat drop. Et gëtt awer herno e puer Verbindungsstécker. Eng Kéier kënnt eng Verbindung hei vun der Plaz vun de Quai gemaach vun der CFL fir Diddeleng-Biereng. Dat heescht, da kënnt een direkt vum Parking op d'Gare. Inwéifern lo do d'Gare verréckelt gëtt, ech mengen dat musse mer mat der CFL kucken. Déi hunn am Moment net gesot, wéi wäit geréckelt gëtt. Et geet jo och ëm déi Zweegleisegkeet. Mee dat ass awer kompatibel mam PAP.

D'Locatiounsveloën, déi sti jo aktuell hei, an déi ginn dann op d'Quartiersplaz gdo esat, fir dass se méi no beim Bierger sinn, wéi scho gesot ginn ass. D'Parkplazen. Dat do sinn och éffentlech Parkplazen, an déi sinn och reglementéiert mat deenen normale Reglementer, wéi mer se och fir d'Parkplazen hunn. Dat Eenzezt, wat lo hei um Plang feelt ass d'Schëld. Dat ass och maximal 24 Stonnen, Parking résidentiel mat 3 Stonnen dierfen do ze parken oder mat Vignette. Dat ass wéi déi aner och. Ech mengen dann hunn ech elo op alleguerten d'Froe geäntwert.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Et ass net d'Gare, déi verréckelt gëtt, de Quai gëtt verréckelt. An dat ass jo kloer, do war d'CFL och kloer, dat gëtt jo ebe gemaach fir déi Connectioun kënnen ze maachen. Do gëtt et keen neie Moment. Deen neie Moment ass deen ale Moment. Dat heescht, dat sinn d'Predispositiounen, déi d'CFL muss agoen, fir niewent dem PME, wou den Accès jo och gemaach gëtt fir op d'Gare, fir grad eben den éffentlechen Transport ze privilegiéieren, do muss de Quai verlängert ginn. Wann dat d'Fro war, dann ass dat mengen ech kloer. Jo, dat muss gemaach ginn.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Dir wollt wësse wéini? Dat ass dat, wat de Pit sot. Do hu mir elo nach keng nei Info.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Soss nach weider Froen? Dat ass net de Fall, da géif ech proposéieren, dass mer iwwert dëst Verkéiersreglement ofstëmmen.

Wien ass domadder averstanen? Dat sinn d'Stëmme vun LSAP an eisem onofhängege Member. Wien enthält sech? Dat ass dann Déi Gréng an d'CSV. Villmools merci. An och dem Pit Demuth merci fir seng Presenz a seng Erklärungen

3. GEMENGEFINANZEN

3.1. Approbatioun vun notarielle Verkafsakte fir d'Acquisitioun vun Emprisen

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Mir hunn hei eng Rei Akte virleie fir d'Acquisitioun vun Emprisen. Dat si 7 Stéck, ech géif proposéieren, dass ech déi 7 duerchhuelen.

3.1.1. „IMMODUD“ s.à.r.l., Terrain op der Avenue Grande-Duchesse Charlotte

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Den éischten Akt ass duerch IMMODUD hei vertrueden duerch den Här Sales. Do ass et 0,66 Ar an der Avenue Grande-Duchesse Charlotte fir de Präis vun 260.- Euro an d'Integration an d'Voirie publique. Dat ass deen éischten.

3.1.2. „G3i S.A.“, Terrain an der Rue Belair

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Den zweeten ass G3i S.A., hei vertrueden duerch den Här Bei, an dat ass an der Rue Belair, 47 Zentiar, 329.- Euro och an d'Utilité publique.

3.1.3. Madamm Christiane Elisabeth Jeanne Frisch, Terrain an der Rue du Nord

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Dann ass deen nächsten d'Madamm Frisch, dat ass an der Rue du Nord, 0,65 Ar, 455.- Euro.

3.1.4. Här Jean-Paul Marie Gedgen, Terrain an der Rue Goethe

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Dann, deen nächsten Akt ass den Här Gedgen an d'Madamm Helbach, an der Rue Goethe, 0,21 Ar, fir de Präis vun 203.- Euro an och d'Integratioun an d'Voirie publique.

3.1.5. Déi bestuete Koppel Antonio Polluce an Domenica Conversa, Terrain an der Rue Grand-Duc Adolphe

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Dann ass den Här Polluce an d'Madamm Conversa, dat ass an der Rue Grand-Duc Adolphe, dat sinn 0,23 Ar fir de Präis vun 161.- Euro, och an d'Voirie publique. Wéi gesot, dat sinn alleguerte privat Parzellen, déi mer hei regulariséieren, andeems d'Gemeng Proprietär gëtt.

3.1.6. *Déi bestuete Koppel Rafet Kajevic a Safeta Kajevic, Terrain an der Rue Jean Friedrich*

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
An dann nach den Här Kajevic an d'Madamm Kajevic, dat ass an der Rue Jean Friedrich, dat sinn 0,29 Ar fir 203.- Euro.

3.1.7. *Déi bestuete Koppel Victor Matias Cruz a Catarina Isabel Rodrigues Da Silva, Terrain an der Rue du Nord*

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
An dann ass den Här Cruz an d'Madamm Rodrigues Da Silva, dat ass an der Rue du Nord, dat sinn 0,03 Ar, dat si 50.- Euro. An och déi, Integratioun an d'Voirie publique.

Dat sinn déi 7 Emprisen, déi mer hei kaaft hunn. Si Froen dozou? Kënne mer och vläicht en bloc iwwert déi 7 Emprisen ofstëmmen? Wien ass mat deene 7 Emprisen, déi mer hei kafen averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools merci.

3.2. Approbatioun vun engem Acte de vente notarié mat der Madamm Virginie Mertz fir en Terrain an der Rue du Chemin de Fer

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Da gi mer op deem nächste Punkt iwwer. Dat ass en Terrain, dee mer hei der Madamm Mertz ofkafen, déi vertrueden ass duerch d'Madamm Lopes. Dat ass an der Rue du Chemin de Fer 136 an 138. A mir kafen dat doten. Mir ware schonn eng Zäitche mat der Madamm a Kontakt, säit 2021, wou si un eis erugetrueden ass, ob mir déi Terrainen do wëlte kafen. Déi leien natierlech an enger net oninteressanter Lag, well se och direkt bei der Gafelter Schoul leien am Kader och vun enger eventueller Extensioun, déi ee kéint maachen. Ech mengen dass dat ganz interessant ass, well jo och do de Schoulhaff direkt dobäi läit. A wann ee sou Opportunitéiten huet, da soll een déi och notzen, well mer jo wëssen, dass mer do och limitéiert si mam Raum, deem eis zur Verfügung steet. An et ass, wéi gesot, e Gaart, dee mer do kafen. Dat sinn 2 Ar an 10 Zentiar an der Rue du Chemin de Fer, fir de Präis vu 25.200.- Euro, also 12.400.- Euro den Ar. An dat ass am Kader vun der Utilité publique wou mer déi Acquisitioun maachen. Dat sinn déi Infoen, déi ech hei dem Gemengerot ka ginn. Remarken, Froen dozou?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo merci fir d'Wuert. Do si jo och déi aner Gäert, déi alleguerten an enger Linn sinn. Si mer do och a Verhandlung mat deenen anere Proprietären a wat hu mer konkret do wëlle? Verbreedere mer do de Wee oder wat hu mer ugeduecht?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Also déi aner Gäert, déi stinn net zur Diskussioun, do sinn d'Proprietären net un eis erugetrueden. Ech weess just dass am Kader vun Diskussiounen déi mer hate ronderëm de PAG, dass d'Leit gäre wëlle Proprietär vun hire Gäert do bleiwen, dass se net wëlle verkafen, well et och fir si eng stättesch Liewensqualitéit

ass, well se do e Gaart hunn am urbane Raum. Si hate jo och am Kader vun der éischter Mouture vum PAG do reklaméiert. Do besteet elo de Moment keng Demande. Wa se eng Kéier géifen un eis eruntrieden, well se vu sech aus wëllen un d'Gemeng verkafen, da si mer natierlech ganz interesséiert. Well dat gëtt natierlech aner Méiglechkeete wéi hei. Hei ass wierklech eng Proprietärin, d'Madamm Mertz, aktiv un eis erugetruede fir do ze verkafen. Hei kann een eng Extensioun maache vum Schoulhaff. Josiane, wann s Du nach Saache wëlls bäifügen.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN):
Mir haten elo réischt eng Reunioun mat eisem Service Architecture fir deem Terrain do an d'Iddi, déi mer wëlte realiséieren, dat wär e gréngt Klassenzëmmer. Wou dann och dobaussen eng Schoulstonn ka gehale ginn ouni datt mer lo do vill amenagéieren. Mee ech mengen mat Sätzgeleeënheeten an eventuell Tafel, am Holz alles... dat war elo mol eng éischt Iddi, dat ass awer elo nach net a Stee gemeesselt.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Mir hu jo lo och am Ament keen direkten Drock. Mee mir hunn awer elo mol den Terrain. Kënne mer iwwert dës Acquisitioun ofstëmmen? Wien ass domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools merci.

3.3. Approbatioun vun engem Acte notarié de vente mat dem Här Thomas Jean Reuter fir Terrainen an der Rue Angeldall

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Da gi mer op deem nächsten Akt iwwer, dat ass mam Här Reuter. Do gi mer eriwier an den Angeldall. Dat heiten ass d'Suite logique vum Virkafsrecht, dat mer gezunn hunn. Do hate mer jo och schonn eng Kéier hei am Gemengerot driwwer diskutéiert. Dat war de 5. Februar 2021, wou hei de Gemengerot decidéiert huet, d'Virkafsrecht ze zéien. Lo e bësse méi spéit hu mer den Akt virleien. Ech muss natierlech och soen, dass et sech e bësse gezunn huet, wou mer als Gemeng och net frou waren. Mee mir hunn awer missen iwwer eisen Hausaffekot fueren, fir dem Notaire ze rappelléieren, dass mer hei en Akt musse maachen. Dat huet geschleeft, respektiv waren op eemol Gedanken do, der Gemeng net méi wëllen ze verkafen an dofir hu mer den Hausaffekot ageschalt, fir dat awer en bonne et due forme kënnen iwwert d'Bün ze kréien, wat och op eemol no eisem Courier guer kee Problem méi war an och ganz schnell gaangen ass.

Et handelt sech hei ëm 12,12 Ar am Angeldall. 9 Ar 72 Zentiar déi eng Parzell an déi aner 2 Ar a 40 Zentiar, an dat fir de Präis vun 80.000.- Euro. Dat ass dee selwechte Präis, dee mer och deemools am Virkafsrecht haten. Dat ass d'Suite logique. Dat Ganzt gëtt jo gemaach fir d'Utilité publique, fir e Logement abordable. Dir wësst jo och, dass mer am Kader vum PAG e Schema directeur drop leien hunn, wou dann normalerweis, fir deem dote Projet ze realiséieren, déi privat Proprietäre mussen aktiv ginn, mee mir der Meinung waren, wa mer déi Méiglechkeet hunn, dat Virkafsrecht hei ze zéien, well ma da kënne mat Co-Lotisseur ginn. Dofir

dann hei och den Akt, fir en bonne et due forme Proprietär ze gi vun deenen 12,12 Ar. Ass de Gemengerot mat deem Akt averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools merci.

3.4. Approbatioun vun engem Acte notarié fir eng Cession gratuite mat dem Här Henri François Mens-ter an der Madamm Béatrice Marie-Pierre Brep-som fir en Terrain an der Näerzenger Strooss

3.5. Approbatioun vun engem Acte notarié fir eng Cession gratuite mat der bestuetener Koppel Marc Jean Pierre Dickes a Marie-Thérèse Roderes

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da géif ech op déi aner Akten agoen, dat sinn zwou gratis Cessiounen. Dat ass de Punkt 3.4. an 3.5. Ech géif déi zesummen huelen. Do ass engersäits an engem éischten Akt an der Näerzenger Strooss, wou d'Partie cédante d'Gemeng ass un den Här Menster an d'Madamm Brep-som, wou mer hinnen, wéi mer et hei am Akt virleien hunn, 19 Zentiar, déi der Gemeng säit Jore gehéieren, mee déi op huer Propriétéit sinn, hinne gratis cedéieren. An op där anerer Säit, dat ass den Akt 3.5., wou dann den Här Dickes an d'Madamm Roderes der Gemeng 56 Zentiar cedéieren an der Näerzenger Strooss. Alle béid, wéi gesot, gratis. Mir zéien hei e-pes duerch, wat schonn initialement virgesi war mam Här Dickes a mat der Madamm Roderes, wou mir jo Proprietär waren a si Proprietär waren. Entretemps hunn den Här Dickes an d'Madamm Roderes hir Propriétéit verkaf un den Här Menster an d'Madamm Brep-som, an deen Deal, deen deemools war, fir mat engem Proprietär den Echange ze maachen, elo mat zwee Proprietären, do hu mer d'Logik vum Echange bäibehalen. Dofir hu mir dat och an den Akt gesot, fir dass mer dann och déi Gratuitéit do weider kënne walte loossen, och wa mer lo net méi vis-à-vis vun engem Proprietär si mee vis-à-vis vun zwee Proprietären. Méi ass zu deem Acte de Cession gratuite do net ze soen.

Ass de Gemengerot mat deenen zwee Akten, déi e bësse liiert sinn, averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools merci.

3.6. Approbatioun vun zwee Accorde mat der Lëtze-buerger Croix-Rouge fir d'Mise à disposition vu Loge-menter fir Leit déi virun dem Krich an der Ukraine geflücht sinn

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da komme mer eriwier op deen nächste Punkt. Do geet et ëm d'Mise à disposition vu Logementen un d'Croix Rouge. Mir haten d'Diskussioun jo hei am Kader vun de Flüchtlingen, déi hei zu Lëtzebuerg ofgeholl ginn. Et sinn der jo schonn iwwer 5000. An enger éischter Phas si mer do iwwert den Hotel Cottage gefuer, wou 10 Hotelszëmmeren ugelount si wou 5 Famillen dra sinn, 20 Leit. Entretemps ass och – en appreciable Geste vum Cottage selwer – deen och Zëmmer iwwerholl huet op seng eege Fraisen. Wat jo och ganz gutt ass. Dir kënnt lech jo och erënneren, dass mer hei eng Enveloppe gestëmmt hate fir déi doten Zëmmeren am Cottage kënnen ze bezuelen. A mir haten och gesot, dass mer nach eng Kéier mam Staat géifen noverhandelen. Dat hu mer

och gemaach, sou dass den ONA ab deem Mount och en Deel vun der Locatioun vun den Zëmmeren en charge hëlt a mir just nach brauchen d'lessen ze iwwerhuelen, am Fong d'Mëttegiessen. Déi Part iwwerhëlt de Staat. Dat ass d'Informatioun par rapport zum Cottage, déi ech lech hei gi wollt an der Suite vun den Diskussiounen, déi mer haten. Op där anerer Säit hate mir jo och gesot, dass mir als Gemeng géifen eng Rei vun eisem eegenen Immobiliepark zur Verfügung stellen un d'Croix-Rouge. Well d'Croix-Rouge déi ass, déi hei am Land souwuel d'Gestioun wéi och de ganze Suivi psycho-social mécht. An an deem heiten Accord de Mise à disposition geet et ëm zwee Logementen: Engersäits ass et e Studio vu 36 m² an der Rue Gare-Usines, wou mer temporär elo mol fir e Joer zur Verfügung stellen. Dat ass, wou déi viregt Epicerie de proximité war, déi elo säit kuerzem eidel ass, well déi viregt Exploitante Faillite gemaach hunn. Dat Ganzt leeft och iwwert d'Liquidatioun, déi gemaach gouf. Dat konnte mer ofschléisse vun eiser Säit aus, awer och si. Sou dass mer dat dote mol temporär fir e Joer der Croix-Rouge zur Verfügung stellen, wou si d'Chargen iwwerhuelen a si bezuelen eis och eng Avance mensuelle vu 70.- Euro. Dat ass par Rapport zu deem éischten. Mir hate jo gesot, dass mir dat géife maachen an hei konkretiséiert dat sech.

An dat zweet Gebai, dat ass an der Tattebiergerstrooss op Nummer 73. Dat sinn 39 m² an och dat fir 12 Méint. Déi béid Kontrakter kënnen och de commun accord verlängert ginn. Et ass jo och do, wou mer déi aner Appartemen-ter a Studiosen hunn, déi d'Gemeng geréiert an der Tattebiergerstrooss, och déi stelle mer dann deementspreechend zur Verfügung. Just als Informatioun: Wat och nach sollt zur Verfügung gestallt ginn, wat mer awer de Moment nach net kënne maachen, well mer op de Rendez-vous waarde mat de staatlechen Instanzen, fir dass dann och d'Zëmmeren, respektiv dat ganz Gebai ka konform iwwerholl ginn, dat ass an der Rue du Commerce op Nummer 37. Do sollt jo en Appartement si mat 5 Zëmmeren, dat muss nach ofgeholl gi vun de staatlechen Instanzen. Do waarde mer nach op e Rendez-vous. Mir sonn do derhannert a mir harceléiere se, well dat einfach generell lo wichteg ass, well et ass alles sou gutt wéi fäerdeg. Mir brauche just nach dat ze maachen, fir dass et kann a Betrib geholl ginn.

An dat anert ass déi fréier Concierge-Wunneng um Ri-beschpont. Dir kënnt lech jo erënneren, dass mer do op d'Gericht gezu sinn. D'Affaire ass plaidéiert ginn den 1. Juli an de Prononcé wäert eis elo deemnächst zou-gestallt ginn. Da wësse mer och do méi. Vlächts musse mer dann nach eng Kéier an Appell goen, dat wësse mer nach net. Dat ass jo nach déi aner Wunneng, wou mer och wollten zur Verfügung stellen. Et geet einfach drëm, fir komplett ze sinn, fir dem Gemengerot ze soen, wou mer actuellement dru si mat deenen Zëmmeren, déi mer den ukrainesche Flüchtlinge wollten zur Verfü-gung stellen. Et muss een och soen, dass d'Integrati-oun generell ganz gutt geléngt. Mir hate jo och kierzlech d'Diplomiiwwerreechung vun de Sproochecoursen. An do waren der eng ganz Rei do, déi d'Sproochecourse be-sicht hunn. Also do gesäit een, dass si ganz motivéiert sinn. Dat hei war lo fir op dee méi generelle Kontext, mee awer och fir op déi zwee Kontrakter anzegoen, déi mer der Croix-Rouge zur Verfügung stellen.

D'Diskussioun ass op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci Här Buergermeeschter. Selbstverständlech fanne mir dat gutt, dass mir solidaresch si mat de Flüchtlingen aus der Ukraine. wéi iwwerhaapt och mat alleguer eise Leit, déi och an der Struktur hannen op der Schmelz sinn. D'Problematik ass bekannt, dass, wa se an enger Struktur sinn oder opgefaange ginn, wéi maache mer duerno weider? Wéi kréie mer se duerno an eng Wunneng, déi adequat ass? Meng Fro ass elo, éischens emol dat Appartement um Tattebiërg, dat ass jo kloer, dat hate mer jo souwisou schonn. Ech fannen dat och ganz gutt, dass mir déi Wunneng um Ribeschpont, dat ass jo e ganzt Haus, dass mer dat zur Verfügung stellen. A meng Fro ass elo just mat der Epicerie am Quartier Italien: Firwat hu mer do keng Chance gehat, fir en neie Locataire ze fannen? Well dat jo awer och eng Beliewung wier vum Quartier. Dat war jo am Fong d'Iddi dovunner.

An dann eng aner Fro ass: Ass elo ugeduecht, dass déi Leit, déi am Hotel sinn, fir déi elo an déi dote Strukturen eransetzen oder kommen do aner Leit dohinner? An dann, mir hu jo och ganz vill Leit, déi och schonn e Statut hunn, déi an eiser Struktur an der Wuernerengstrooss wunnen, wéi maache mer et do? Dat Haus am Ribeschpont, dat ass jo richtig grouss, do kéint ee jo wierklech och grouss Famillen hisetzen. Well ech weess, dass do verschidde Famille mat 3 Kanner setzen. Ass do ofgekläert, wann z.B. primär e Besoin do ass vu méi grousser Famillen? Bei den ukrainesche Flüchtlingen handelt ech sech meeschtens ëm Dammen mat 1 oder 2 Kanner, wann ech richtig informéiert sinn. Wéi maache mir do elo d'Gratwanderung mat der Verdeelung vun deene Wunnengen, oder iwwerloosse mir dat ganz der Croix Rouge, dass déi de Choix mécht, wie wou hinner kënnst? Op jidde Fall si mer ganz d'accord, dass mer Wunnraum zur Verfügung stellen. An dass déi Leit sou gutt wéi méiglech verdeelt ginn an Diddeleng, dat fannen ech och ganz gutt, dat hëlleft och e bëssen d'Integratioun ze fërderen. Merci.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci. „Cette guerre, ce n'est pas un sprint mais un marathon“ stoung eng Kéier an der Press ze liesen. Säit der russescher Invasioun an der Ukrain sinn, sou stoung et an der Zeitung, 6000 Refugiéë méttlerweil zu Lëtzebuerg enregistriert ginn. An dovun waren Ufanks Juli 2.600 vun de Familles d'accueil opgeholl ginn. Weider 1237 Persounen waren a staatleche Strukturen ënnerbruecht. D.h. Strukturen vum Primo-accueil, d'Urgence, weider véier aner Strukturen d'Hébergement d'urgence an 11 Structures d'hébergement de protection temporaire. Et gesäit een un den Zuelen, datt ausser de Privatleit, déi hëlleften an de Staat, och d'Gemeinde gefuerdert si fir där grousser Nofro gerecht ze ginn. Soss ass dat do net ze packen. Mir haten als Gemeng Diddeleng direkt no Léisunge gesicht, an an eiser Sëtzung vum 25. Mäerz parteiwwergräifend e Kredit gestëmmt fir d'Käschte vum Hébergement a vun der Restauratioun vun de Flüchtlingen ze decken. Den Här Buergermeeschter war lo op d'Detailer agaangen. Et ass e bëssen aus der Press verschwonnen, ma wann een awer weess, dass nach all Dag nei Flüchtlingen aus der Ukrain och hei

zu Lëtzebuerg ukommen, da kënne mer jo net einfach d'Hänn an de Schouss leeën a a soen: „Mir hunn eist gemaach.“ Neen, de Schäfferot ass proaktiv ginn an huet weider 2 Logementer prett gemaach fir den ukrainesche Flüchtlingen zur Verfügung ze stellen. Dëst, wéi gesot, e Studio vu 36 m² op 27, Rue Gare-Usines an der fréierer Epicerie am Quartier Italien an e klengt Appartement um 2. Stack an der Tattebiërgstrooss Nummer 73.

Als LSAP-Fraktioun ënnerstëtze mir de Schäfferot bei senger Decisioun fir der Croix-Rouge des Appartements zur Verfügung ze stellen an dat elo mol fir eng Period vun 12 Méint. An d'Rout Kräiz këmmert sech och ëm de sozio-educativen Encadrement vun de Flüchtlingen, wat mir hei ausdrécklech begrëssen, well eleng mat Logement ass et net gedoen. Dat als LSAP nach eng Kéier, fir ze ënnerstëtzen, datt fir eis wat d'Solidaritéit mat den ukrainesche Flüchtlingen ugeet, datt et do net bei eidel Wieder dierf bleiwen, mee datt mer ëmmer erëm musse kucken, fir Léisungen um Terrain ze fannen. Merci.

CLAUDE MARTINI (CSV): Ech hätt just eng Fro: Ass et an Zukunft och ugeduecht, fir vläicht Privatwunnengen unzelounen, wann d'Leit da bis dra sinn, dass d'Gemeng de Loyer bezilt. A wann d'Leit, d'Famille bis Fouss gefaasst hunn, si maache jo Lëtzeburgereschcoursen, si wäerte sech jo hoffentlech schoulesch integréiert kréien an herno beruflech integréiert kréien. Dass se da kënnen d'Wunneng, wou se lo dra wunnen herno vun deem Proprietär kënne weider iwwerhuelen. Dat ass e Konzept, wat d'Rout Kräiz scho viru Jore gemaach huet, well et Succès hat, wat vläicht och an deem Fall keng allze schlecht Iddi wier.

DAN BIANCALANA (LSAP – BÜRGERMEESCHTER): Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Da géif ech vläicht op verschidde Punkten agoen. Mir begrëssen d'Ausféierungen, déi hei gemaach goufe vun der Madamm Kayser an och vun der Madamm Kohn. Dat beweist dass Solidaritéit hei zu Diddeleng keen eidelt Wuert ass, mee dass mir dat konkret ëmsetzen. An ech mengen datt dat generell ganz wichteg ass. Ech wëlt vläicht déi Fro, déi d'Madamm Kayser gestallt huet an e bësse méi generelle Kontext setzen. Et ass net allze laang hir, do gouf et och e gréisseren Interview mam Ausseminister, deen och gesot huet, dass iwwer 50% vun den DPlen, also déi, déi, de Statut hunn als DPI, generell hei am Land an deene Strukturen a Foyeren sinn. Dat weist generell d'Problematik an där mir sinn. Well d'DPlen, déi kënnen natierlech herno och classesch eng Aarbecht kréien an och um classesche Wunnensmaart, wou awer e bëssen eng Tensioun ass. Et ass deen éischte Punkt, wou de Leit hei am Land héich läit. Do ass d'Problematik, dass si eng Wunneng fannen. An dat ass hei zu Diddeleng net anescht. Dofir wëll ech dat och e bëssen an de generelle Kontext setzen.

Natierlech sinn hei anerer, déi hei elo an déi Strukturen kommen, déi mir der Croix-Rouge zur Verfügung stellen. Si kucken natierlech och ëmmer, dat mat eis ofzeklären, fir dass et kee Problem gëtt. Dat ass en fonction vun der Gréisst vum Studio, vum Appartement, vum Haus, dass dann och Famillen dragesat ginn, déi 1, 2, 3

Kanner hunn. Dat kucke si jo schonn. Do sinn natierlech aner Méiglechkeeten, déi mer hunn.

Par rapport zu der Interventioun vum Här Martini hunn ech net sou richtig verstanen, wat Dir gemengt hutt. War Äre Message, dass d'Gemeng Appartementer einfach esou sollt ulounen a weider verlounen? Ech hunn d'Logik net verstanen. Wann dat de Message ass, da soen ech: Mir hu jo eppes. Mir hu jo d'Gestion locative sociale iwwert den Office social, déi och konventionéiert ass mam Logementsministère, wou och de Präis festgesat ass, 10.- respektiv 12.- Euro de Meterkaree vis-à-vis vun de private Propriétaires. Dat ass jo en Outil, dee géif gräifen. Wa mir dat heiten als Gemeng géife maachen, och am Kader vun der aktueller Wunnengssituatioun generell, géife mer dat jo guer net subventionéiert kréien. Mir misste jo carrement Wunnengsbau kréieren, fir dass mer och an d'Subsidiekritäre kommen. Einfach eppes uloune fir ze verlounen am Kader vum Logement, do géife mer guer keng Subside kréien. An dofir ass dat jo och gemaach ginn. Et ass jo net fir näischt gemaach ginn, dass et iwwert den Office social oder iwwert aner Acteuren d'Garantie locative sociale gëtt. Wann dat d'Uleies war, da ginn et Äntwerten an do ass den Office social jo ganz aktiv.

CLAUDE MARTINI (CSV): Merci, dat ass eng ganz pertinent Äntwert. D'Iddi hannendrun ass jo wierklech déi - ech wëll jo lo net alles matenee vermëschen - mee hei am Duerf z.B. huele mer e Geschäftslokal a verlounen dat. An wann dat Geschäft da gutt geet an de Propriétaire huet Vertrauen an de Locataire, da léisst hien och d'Geschäftslokal sinn, well e Vertrauen opgebaut huet. Bei de Wunnengen ass et d'selwecht. Et ass eng immens Tensioun um Wunnengsmaat an et ass schwéier fir eppes ze lounen. A wann s de an eng gewësse Situatioun kënns, da sinn d'Propriétaires nach vill méi zréckhalend, well se net wëlle jiddwerengem eppes verlounen. Wann s de da gesäis, dass verschidden ethnesh Gruppën tatsächlech vill méi Schwierigkeeten hu fir eppes gelount ze kréien, wéi anerer - dat kréien ech oft gesot, dat krut ech d'lescht Woch nach gesot - da wär dat do vläicht eng Spuer, déi net schlecht wär ze iwwerdenken. Dass wann s de als Gemeng eppes louns, eng Famill drasetz, déi Famill déi kritt Fouss, déi huet Vertrauen opgebaut zum Propriétaire. An dann no 3, 4, 5 Joer, wou d'Gemeng de Garant war, an hien huet gesinn, dass déi Famill sech gutt integréiert huet, dass dat gutt geklappt huet, dass se dann do ka wunne bleiwen. Da muss déi Famill net aus engem Logement vun der Gemeng erausgoen a sech eppes Neies um Marché sichen. Dat ass déi wäitdenkend Iddi hannendrun.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Den Här Buergermeeschter huet awer wierklech lo erkläert, wéi dat hei fonctionéiert. D'GLS, also d'Gestion locative sociale vum Office social, déi verlount jo als Mëttelsmann tëschent dem Propriétaire an dem Locataire an dat entsprécht eise Leit, déi op der Waardelëscht sinn. An do sinn och ebe vill DPlen drënner, déi de Statut hunn, awer wou d'Konditioun ass, dass se e Joer mussen hei um Terrain wunnen. An dofir maache mir dat a mir si Mëttelsmann. Mee d'Propriétaire wëllen eben net déi Locatiounen maachen, wéi's De gesot hues, Claude, direkt un déi Clienten do. Well se effektiv e bësse Mësstrauen hunn a sou

weider a sou fort. Mir si de Garant, dass mir de Loyer dann och effektiv dem Propriétaire ginn. An domat huet dee seng Sécherheet. E brauch sech als Propriétaire ëm näischt ze bekëmmern. De Locataire, dee muss eis natierlech d'Suen iwwerweisen. Wann do mol en Hick kënnt, da kënne mer do mol eng Aide ginn. Also mer hëllefen, andeems mer eppes zrécksetzen, zemoools bei de Chargen, wou et elo explodéiert ass duerch déi héich Energiepräisser. An dofir ginn d'Propriétaires net mat op de Wee fir selwer ze verlounen. Dass d'Gemeng dat do net kann an Eegeregie maachen huet de Buergermeeschter erkläert. Mir si jo effektiv och konventionéiert mam Logementsministère. Domadder kreien d'Leit bis zu 12.- Euro/m², jee nodeem. Wann d'Wunneng méi al ass, ass et natierlech e bësse manner. Mee dat gëtt ëmmer de commun accord festgehalen.

An dofir, d'Gemeng kann dat net maachen. Dat wär éischstens mol kontrovers zur Logementspolitik, déi mir hei hunn. D'Gemeng déi keeft jo dann och, duerch d'Préemptioun wéi mer öfters scho gesinn hunn, Logementer fir och eise Leit hei ze hëllefen, fir se an eng Wunneng ze setzen, fir dass se iwwerhaupt zu engem abordabele Präis do kënne lounen. Dëst mécht de service Logement. Eis Formule, déi iwwert den Office social geet, kënt gutt un. D'Propriétaire sinn ëmmer frou, wa se bis ënnerschiwwen hunn an da gesi an héiere mer se net méi. Mir verspriechen hinnen jo och, dass mer hinnen den Immeubel och an deem Zoustand zréckginn wéi mer e kruten. An dofir ass dat do e bësse illusoresch wats du proposéiert has, och mat deene Präisser, déi hautdesdaags um Maart sinn, fir d'Leit do a sou eng Locatioun ze kréien.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci och nach eng Kéier fir déi doten Erklärungen. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat deenen zwee Kontrakter, deenen zwou Mises à disposition averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools merci.

Et fällt mer an, dass ech op eng Fro vun der Madamm Kayser net geäntwert hunn, déi vun der Epicerie. Dat ass just temporär. Dat heescht, mir kënnen zu all Moment, wa mer wëllen, d'Epicerie erëm ulafe loossen. Mee de Moment ass et net gutt gelaf, dofir hu mer gesot, mir maachen hei eng temporär Mise à disposition vu Wunnengen. Mee mir kënnen ouni Problem herno erëm riwwerswitchen. Dann den nächste Punkt, de Règlement-taxi vun der Museksschoul, dee géife mer herno zesammen huele mat deem anere Punkt vun der Museksschoul a vun der Organisation scolaire. Dat ass e Ganzt. An da kann och de Bob Morhard herno als Direkter zu deenen zwee Punkte schwätzen.

3.8. Approbatioun vum Devis estimatif fir d'Aarbechte fir d'Mise en conformité vum Belichtungssystem am Stade Jos Nosbaum

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da fuere mer weider, da gi mer bei d'LED-Luuchten um Stade Nosbaum an do ginn ech dem Loris d'Wuert.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Merci Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäf-

fen- a Gemengerot, nodeems eisen F91 weiderhin eng flott europäesch Geschicht schreift, ware mer eis jo hei an de leschte Budgetsdebatten eens, dass mer géifen den Eclairage astandsetzen, sou wéi dat och vun der FLF virgesinn ass. An deementspreechend setze mer lo hei e weidere Budgetspunkt ëm. A mir hunn deen Devis hei virleie vun 99.450.- Euro TTC, sou dass mer ënner deenen 100.000 leien, déi mer virgesinn haten am Budget fir do beim Eclairage eng Mise en conformité ze maachen, fir wann herno d'Spiller mussen owes am Wanter untrieden, dass dann och genuch Luucht um Terrain ass.

JEAN-PAUL FRIEDRICH (CSV): Merci fir d'Wuert Här Buergermeeschter. Mir fannen dat natierlech absolut an der Rei. Well een, deen do owes do e Match kucke geet, dee gesäit, net nëmmen d'Zuschauer mee och d'Spiller, dat ass bal eng Zoumuddung wann ee gesäit, wéi si do musse spillen, well et ass effektiv immens däischter an et ass absolut néideg, dass do en neien Eclairage gemaach gëtt. D'Fro ass, wa mer eng Kéier envisagéieren, en neien Terrain ze maachen, kënne mer, sou wéi beim Tennis och, déi LED-Luuchte da mat erwiwerhuelen? Dat wär eng Fro, déi mer hätten, well et ass natierlech ëmmer flott, wann een déi och ka mat erwiwerhuelen. An do ass natierlech och d'Fro an de Raum gestallt: Envisagéiere mer iergend eng Kéier en aneren Terrain ze maachen? Mee dat ass natierlech eng Fro, déi haut net muss beäntwert ginn. Mee ass iergend eng Kéier eppes do, dass den F91 och en adequaten Terrain soll kréien an absehbarer Zäit? Merci.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Merci fir déi doten Interventioun. Also wat den Terrain ugeet, fir elo mat der leschter Fro anzegräifen, do wësst Dir, dass mer am gaange sinn, un engem Masterplan ze schaffen am Kader vum aktuelle Stade Meyer. Dat ass awer eng gréisser Envergure. Am Budget si Chiffere virgesinn. Et ass jo do de ganze Quartier, dee betraff ass, net nëmmen d'Sportsinfrastruktur. Et ass och net nëmmen den F91. Do si mer am Moment nach net konkret genuch, fir ze soen, wéini deen neien Terrain an Ugrëff geholl gëtt, mee do lafen d'Planungen, an do si mir och gutt op der Schinn. Wat d'Luuchten ubelaangt, déi kënnen natierlech och matgehall ginn, sou wéi dat och beim Tennis ass, fir dass een net ze vill investéiere muss. Well 100.000.- Euro sinn awer scho vill Suen, fir dass déi net herno verluer sinn. Dat heescht, déi gi mat geplënnert. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Vlächet nach fir ze preziséieren zu deem Masterplang: Dir hutt jo matkritt, dass mer am Kader vum PAG, mir si jo net eleng Här a Meeschter bei där doter Planung, do sinn eng ganz Rei Proprietären un déi mer mussen eruntrieden, fir dat doten ëmzesetzen. A mir hu jo och net fir näischt am Kader vum PAG op deen doten Areal och eng BEP-Zon gesat – Bâtiments et équipements publics – fir dat kënnen ëmzesetzen, fir och d'Richtung unzeginn. Nach, fir dee Projet kënnen ze realiséieren – dat ass eng politesch Intentioun vun dësem Schäfferot, fir an déi dote Richtung ze goen – mussen natierlech och d'Proprietäre matzéien, fir hir Terrainen zur Verfügung ze stellen, fir déi och der Gemeng ze verkafen, fir dass mir deen dote Projet kënnen ëmsetzen. Dofir

brauch dat eng gewëssen Zäit, well ee weess, wat ee méi Proprietären huet, wat d'Diskussiounen och oft méi laang dauere kënne fir sou e Projet ëmzesetzen. Dat si Realitéiten, déi si bei eis net anescht wéi op anere Plazen.

Ass de Gemengerot mat dësem Devis averstanen?
Villmools merci. **Dat ass unanime.**

3.9. Approbatioun vum Devis estimatif fir de Reamenagement vun der Spillplaz Wolkeschdall

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da gi mer eriwuer op en Devis estimatif wat den Amenagement vun der Spillplaz am Wolkeschdall ugeet. Do géife mer och eng Presentatioun maachen. Dofir begrëssen ech och hei d'Andrea Weier, wat keen Onbekannten hei am Gemengerot ass, wat schonn e puer Mol hei Projekte virgestallt huet an och eise Mataarbechter, den Tom Schroeder. Dofir géif ech hinnen, respektiv direkt dem Andrea Weier d'Wuert ginn. Mir hunn hei en Devis vu 500.000.- Euro virleien, fir dat doten ëmzesetzen. Quitt dass mer scho fir dëst Joer e Kredit am Budget hate vun 200.000.- Euro. Wéi gesot, d'Andrea géif dann d'Presentatioun maachen an duerno géif och d'Josiane op e puer Punkten agoen.

ANDREA WEIER, BUREAU WEIER: Schéine gudde Moien. Villmools merci, dass ech lech dee Projet hei dierf presentéieren. Mir hunn un der Spillplaz Wolkeschdall geschafft, fir déi ze reamenagéieren. Eng Spillplaz, déi e bëssen an d'Jore komm ass. Den Terrain situéiert sech am Quartier Wolkeschdall, tëschent der Rue de la Paix an der Rue Nic Biver. Dir gesitt ganz flott, wéi déi Spillplaz e bësse geschützt hannert den Haiser läit an engem wierklech grénge Areal, ofgeleeë vun der Strooss, relativ sécher fir d'Kanner. Si deelt sech am Moment an zwou Zonen, duerch en ëffentleche Wee, deen derduerch geet. Eng Kéier am Osten déi Spillplaz fir déi méi grouss Kanner an am Westen déi Spillplaz, dee Beräich, fir déi méi kleng Kanner. Och déi Struktur wäerte mer am Kader vum Reamenagement e bëssen oprechterhalen, fir net wierklech komplett Tabula rasa ze maachen. Mee mir wëllen awer déi Spillplaz, déi am Laf vun der Zäit e bëssen an d'Jore kommen ass, renovéieren an op en neie Stand bréngen.

Dir gesitt elo d'Fotoe vun der Situation existante, wat mer de Moment um Terrain hunn. Do hu mer de Bestandsberäich vun deene kleng Kanner. Eng Sandspillplaz mat enger Schaukel, engem ganz kleng Klotergerüst an enger flotter Surface pavée, déi ronderëm déi Zon fiert an déi et eis dann och erlaabt, do mat de Vëloen an Trottinette kënne ronderëm ze fueren, wat fir d'Kanner immens flott ass. Dann op där anerer Säit dee Beräich vun deene méi grouss Kanner, wéi gesot, en Holzspillgerät, dat wierklech an d'Jore komm ass, wat och aus Sécherheetsgrënn net méi grad op dem aktuelle Stand ass an doduerch eben och erneiert gëtt an duerch eng ganz nei Struktur ersat gëtt. Hei gesitt Der och de Wee, deen déi zwou Stroosse verbënnt. Mir hunn eng Kéier sou e Plateau mat enger duebeler Rampesituatioun a Weeër am Pawee. Och do musse mer intervenéieren, fir déi Infrastrukturearbechten ze erneieren an de Projet, de Site erëm a Schoss ze bréngen.

De Projet u sech – hei ass de Plang dovunner – do behale mer déi raimlech Opdeelung vun der Spillplaz bäi. Mir hunn op der lénker Säit déi Spillplaz fir déi kleng Kanner, wou mer vum Prinzip hir d'Strukturen erhalen, also d'Bordüren, déi bleiwe bestoen, et bleift och weiderhin eng Sandspillplaz, mee et gëtt alles erneiert. Dat Ganzt nom Thema vum Weltall. Well mech de Begrëff „Wolkesch“ mech u Wolleken, un déi Thematik erënnert huet. Mee mir hunn eis awer dann och a gemeinsame Berodungen doriwwer informéiert, wat eigentlech déi richteg Originn ass, an dat ass anscheinend Marécage fir de Wolkeschdall, well dat anscheinend och ee Sumpfberäich war. Sou datt mer engersäits fir déi Kleng den Thema vum Weltall bäibehalen hunn an déi aner Säit, déi kréien dann éischter d'Sumpfgébeit als Thema fir hir Spillgeräter.

An deem Beräich fir déi kleng Kanner hu mer eng Kloterkombinatioun mat Rutschen, och hu mer d'Méiglechkeet, dat mat Sandelementer eropzezéien, dass et wierklech méiglech ass, mam Sand kënnen ze spillen, dass mer kleng Astucen dodrunner hunn, ganz flott gestallt, rout-wäiss, eventuell vläicht och eng aner Faarkombinatioun, mee mat wierklech Elementer aus dem Weltall. Mir kréien zwee Ressortsspiller dohinner, eng Kéier eng Rakét an eng Kéier e kleng Fliger nach. Dozou setzt sech dann awer och nach am Randberäich ee Spill dobäi, wou am Moment Pawee ass, wou mer eng Nestschaukel wäerten installéieren. Dat mat synthetischem Belag, sou dass och dës Spillplaz eng Opportunitéit bitt fir all Kanner, déi vläicht och emol déi eng oder aner Aschränkung hunn, déi Spillplaz ze notzen a sech op där Spillplaz kënnen aktiv dorunner ze bedeelegen.

Zu deene Strukturen, déi mer am Moment hu kënn an deem Beräich och nach eng Bänk dobäi, fir d'Openthaltsqualitéit eropzesetzen an et gëtt vum Service vun der Gemeng e Wéckeldesch realiséiert an implantéiert hei op der Plaz an dee wäert sech dann och an deem Beräich hei befannen. Wa mer dann op déi aner Säit ginn, dann hu mer dat Thema vum Sumpf. Eben e bësse méi gréng, och e bësse méi héich vun de Strukturen hir, dass eben d'Rutschen och vill méi interessant gëtt, kombinéiert mat verschiddene Plattformen an Tiern, déi ugedockt sinn un e Kloterelement mat verschiddenen Hängebarren oder och Seeler, déi dann do eriwwe féieren. Do dernieft wäert awer och am hënneschte Beräich vun där Surface eng duebel Schaukel installéiert ginn, fir datt och do déi Demande vum Schaukeln op dëser Spillplaz wierklech ofgedeckt ass. Déi ganz Spillplaz u sech wäert mat Rondinen encadréiert ginn, so dass mer probéieren, de Sand e bësse besser op der Plaz ze halen.

A virun där Plaz hu mer dann nach eng kleng Wiss, déi mer oprechterhalen a reamenagéieren, sou datt einfach dat fräit Spill op där Spillplaz och méiglech ass. Da kann e Ball spillen, et kann ee Yoga maachen, Gymnastik, wat och ëmmer engem grad afält, eng Gebuertsdaysfeier do stattfanne loossen, wéi och ëmmer. Do dernieft, hei e puer Biller vum Projet, vum Mobilier urbain, deen ausgesicht ginn ass, an deen Dir generell och verstärkt op de Spillplazen zum Asaz bréngt. Dann ass eise Wonsch, dass d'Spillgeräter ebe sou naturno wéi méiglech sinn, dat heescht, mir géifen och hei mat Rubinienholz schaf-

fen a Stämm, déi e bëssen naturbelooss sinn.

Ee Prototyp vun dem Wéckeldesch, wou ech elo net honnertprozenteg weess, ob dat déi definitiv Versioun ass, wéi e wäert ausgefouert ginn. Dann eng Foto, wéi et kéint si mat deene Bamstämm, déi d'Delimitatioun maache vun där Spillplaz vun deene grouse Kanner. Eng Schaukel, wéi mer eis se kéinte virstellen an eben herno och déi Struktur vun deem Klotergerüst, wéi dat herno mat de Faarwe sech kéint duerstellen. An d'Nestschaukel, ech mengen déi kennt jiddereen, do wär just um Fouss dann ebe synthetesch Belag, fir dass dat accessibel ass fir jiddereen. Voilà, da komme mer zum interessanten Deel vun deem Projet, wou mer eben och müssen d'Kanalisiatioun an d'Infrastrukturen erneieren, well déi an d'Jore komm sinn, a well déi einfach musse frëschgemaach ginn. Och d'Belichtung ass net grad adequat op deem Site, sou datt mer do separat Positiounen virgesinn hunn, souwuel fir d'Kanalisiatioun an den Eclairage.

D'Montante weess ech elo net auswenneg. Fir d'Kanalisiatioun hu mer en Total vu 17.000.- Euro am Budget am Moment virgesinn. Fir den Eclairage hu mer 26.500.- Euro virgesinn. D'Spillplaze schloen natierlech och e bëssen an d'Geld, well dat einfach komplett nei Strukturen sinn. Déi musse mer frëschmaachen, mir kënnen praktesch näischt, ausser deenen zwee rotativ Spillgeräter reintegréieren. Mee déi ganz aner Strukturen, déi sinn net méi recuperabel. Do si mer bei 150.000.- Euro. An dann hu mer nach déi Part Voirie a Revêtement, well wa mer schonn alles oprappen, dann hu mer och elo festgehalen, dass mer dee ganze Revêtement géinge frëschmaache fir d'Accès propper ze hunn. Op Plazen hu mer nach sou al Grille leien, och déi géingen dann erausgeholl ginn an alles wierklech de plein pied a gutt accessibel fir jidderee gemaach ginn. Sou datt mer mat der Plantatioun an allen Aarbechten, déi mer u Béton a Revêtement nach hunn, bei 241.000.-Euro leien. An da kommen d'Honorairen och nach dozou fir 65.000.- Euro, sou datt mer en Total vum Budget hätte vu 500.000.- Euro fir dësse Projet. Wa Froe sinn, da sinn ech weider do.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP - SCHÄFFIN):

Villmoos merci och nach eng Kéier vu menger Säit fir déi flott Presentatioun. Ech wëll nach op e puer Detailer agoen. Ech mengen de Budget, Dir gesitt et, deen ass zwar 500.000.- Euro, dat ass ganz vill Geld, mir wëssen dat alleguer. Mee et ass awer och esou, am Ufank, wou mer de Projet gemaach haten, hate mer virgesinn d'Spiller ze amenagéieren an do hate mer nach net driwwer geschwat, fir och do d'Kanalisiatioun ze maachen. Dofir kënn do elo dee Budget do dobäi. A mir müssen natierlech och nach de Kredit stëmmen, fir déi Aarbechte kënnen ze realiséieren. Dir gesitt et, et ass propper opgedeelt, et gesäit ee ganz genau, wat et kascht. D'Madamm Weier huet et och nach eng Kéier ganz kloer an detailléiert erkläert. Mee déi Plaz, dat ass jo net nëmmen eng Spillplaz, dat ass virun allem och eng Quartiersplaz, wou d'Leit sech ophalen, do war et eis wichteg, dann och all déi Saachen ze maachen, déi do néideg sinn.

Ech ginn nach eng Kéier just op de Projet selwer an. Dir gesitt, wann der erakommt am Aganksberäich, do

hutt der dann direkt Vëlosstänneren, mee net nëmme Vëlosstänneren, och fir Trottinette wäert do virgesi sinn. So datt d'Leit oder d'Kanner kënne mam Vëlo dohin, hire Vëlo ofstellen an dann op déi eng oder aner Plaz goen. Wat awer och wichteg ass am Beräich fir déi kleng Kanner, et ass gesot ginn, do gëtt Wolleken, Weltraum, Fuséeën dohinner gestallt. Do ass et awer ganz wichteg ze soen, dass do och e Spill dobäikënnt, wat handicapéiertegerecht ass. An dann jo, et ass eng Première, de Wéckeldësch. Eis Servicer hu sech ganz vill Méi ginn. Et ass deen éischten ëffentleche Wéckeldësch dee mer wäerten dohi stellen. Do ass och eng Poubelle integréiert, dat muss jo direkt dobäi sinn. Dofir si mer ganz frou, hei deen éischten ëffentleche Wéckeldësch op enger Spillplaz ze hunn, wou sécher och kleng Kanner dohinner kommen.

Dann de Beräich fir grouss Kanner. Do ass gesot ginn, do ass eng Wiss am Virfeld, also wann der rakkommt. Jo, effektiv, do kann ee Fussball spillen, Yoga maachen. Mir wollten hei net op de Wee goe fir kloer ze definéieren, wat do ka gemaach ginn. Well wann ee bis seet, dat ass e Fussballterrain, da wäerten do och massiv Leit Fussball spille kommen. Et ass jo lo net de Wonsch, do riseg Matcher ze maachen. Sou hu mer einfach Wiss gemaach, an da kann do gemaach gi wat d'Leit wëllen. Dann, ganz flott natierlech och eis Picknicksdëscher déi dohinner installéiert ginn. Dat ass eppes, wou d'Leit och kënne sech eng Kéier sonndes mëttles dohinner sëtze goen an och nach eppes picknicken do mat hire Kanner zesummen, ech fannen dat eng ganz flott Iddi. Dann, Saachen, déi ech awer wëll soen. Wat mer och ganz wichteg war, d'Madamm Heinen hat schonn d'lescht Joer gefrot, wéi et mat der Participatioun wär vun de Leit. Mir haten net nëmme intern Reuniounen, mir haten och e Grupp zesummegeruff, wou mer eng Presentatioun gemaach hunn an eng Diskussioun haten iwwert de Projet. Do waren d'Elterevertrieder aus dem Brill an aus der Lenkeschléi dobäi. D'Presidentin aus der Lenkeschléi war dobäi, de President vum Brill konnt awer leider net dobäi sinn. Et waren och Awunner dobäi aus dem Quartier fir mat eis de Projet ze diskutéieren. Do sinn och ganz vill flott Iddie komm, mir hunn déi och mat erageholl, och d'Iddi vum Sumpf ass am Fong an deem Aarbechtsgrupp erauskomm, du hu mer dat och sou ugeholl.

Et war nach e bëssen eng Diskussioun, ob d'Wiss soll hannen oder vir kommen, mir sinn awer du bei deem dote bliwwen. An et war nach eng Ännerung nom Aarbechtsgrupp, dat war am Fong dat mat de Rakéiten. Ech hunn awer dunn eng Mail un dee Grupp gemaach, fir ze froen, ob si domadder averstane sinn. An d'Iddi vun de Rakéiten ass ganz gutt ukomm an et war och eigentlech eng flott Erfahrung, fir elo mat de Leit déi do wunnen an den Elterevertrieder, fir hir Meinung ze héieren, wat se dozou soen, wat si gesinn, wat do soll gemaach ginn. Dat war ganz flott an dat huet gutt geklappt. Bon Poubellen natierlech, Äschebecheren, Hondstuten, alles dat ass och do op den Dësch komm a mir hunn dat alles an de Projet integréiert. Et hat et scho gesot, et ass eng Quartiersplaz. Et si vill Awunner do. Et kann een och mam Vëlo vun deem engen an deen anere Quartier duerchfueren. Dee Wee ass och agezeechent, dir kommt och mam Vëlo vun där enger Strooss

an déi aner. Et ass e ganz flotten, wann och net ganz bëllege Projet. Mee mir wëssen, datt alles méi deier gëtt, a voilà, dat war alles, wat ech ze soen hat.

JEAN-PAUL FRIEDRICH (CSV): Merci fir d'Wuert. Ech hu just zwou, dräi Remarken. Ech hat dem Josiane virdru scho gesot, et war immens begréissenswäert dass éier de Projet an de Gemengerot komm ass, dass d'Elterevertrieder an och verschidde Leit aus dem Quartier konnten dobäi sinn, well et ass, wéi d'Josiane gesot huet, et sinn awer Iddien eragefloss, déi vläicht soss net rakkomm wieren. An dat ass natierlech immens begréissenswäert. Virun allem bei sou enger Envergure ass et natierlech flott, wann da virdru doriwwer geschwat gëtt. Zu där Saach bei deene Bänken déi gemaach ginn, fir dass ee ka picknicken. Do ass vläicht nach eng Méiglechkeet, vu dass et elo nach net gemaach ass, kann ee sech dat vläicht nach eng Kéier iwwerleeën, dat ass wéi am Beetebuerger Park. Do gëtt et sou e klengen Iwwerdaach, deen do bei dese Bänken ass. Dat ass engersäits gutt fir sech e bësse géint d'Sonn ze schützen, mee awer och wann et mol ufänkt, e bëssen ze reenen, da kann een awer do sëtze bleiwen, well et gëtt awer e gewëssene Schutz. A vu dass et nach net gemaach ass, ass dat vläicht eng Iwwerleeung, déi ee ka mat eranhuelen. Well do gesäit een awer am Beetebuerger Park, dass do ganz vill Leit, och mat kleng Kanner, sech drënner setzen an da sinn déi souwuel virun der Sonn, wéi och vum Ree geschützt. Dat ass eng Saach.

Dann, just nach eng Saach, déi lo net direkt mat dëser Spillplaz zesummenhängt, an ech hat et och scho gesot, et si ganz vill Reklamatiounen bei der Lenkeschléi mat där héijer Wiss. Ech hat dem Josiane dat och scho virdru gesot. Et ass wonnerbar, dass mer sou Naturwise maachen. Mee de Problem ass, et si ganz vill kleng Kanner, déi an déi Naturwiss eralafen, wou Dëschtele sinn an och Zecken, an alles, wat an deenen héije Grieser ass. Wéi gesot, mir sinn och dofir, dass sou Saache sinn, mee et ass vläicht e bëssen onglécklech, well op där Spillplaz ass d'Gras wansinneg héich op verschidde Plazen, an déi kleng Kanner, dat kanns de net vermeiden, déi rennen dodran an do si verschiddener, déi doe sech immens wéi, respektiv gi gepickt vun egal wat, wat do ronderëm kréicht. An do muss ee sech vläicht iwwerleeën, wann ee sou héich Graser mécht, dass een déi vläicht net op eng Spillplaz mécht, wou ganz kleng Kanner rennen. Wéi gesot, dat ass engersäits ganz flott, wann ee sou Naturwise huet, an op där anerer Säit, wann een och héiert, wéi vill Eltere sech mëttlerweil gemellt hunn, ob een do net kann eppes maachen. Dat ass scho penibel, wann déi kleng Däbbessen do duerch déi héich Grieser musse rennen an herno mat Blessuren oder gepickt gi vun egal wat. Do muss ee sech vläicht eng Kéier iwwerleeën, wat een domadder mécht. Merci fir d'Wuert.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert a merci och fir d'Presentatioun. Ech kennen déi Spillplaz perséinlech ganz gutt, well et ass mäi Quartier a meng Kanner sinn do grouss ginn an ech hunn do ganz vill Stonne verbruecht. Si läit matten am Wolkeschdall tëschent zwou verkéiersberouegte Stroossen, mat zwee Accèsen, mat zwee Beräicher, mat Beem, mat Bänken. Et ass net nëmme eng Spillplaz mee och e konvivialen

Treffpunkt fir Familiën. Do ginn och Kontakter geknëppt aus dem ganze Quartier. D'Butze kënnen am Sand budelen a klunschen a kloteren, an déi grouss Gesëchter ginn op d'Klettergerüst oder spille Fussball an der Wiss. Ganz beléift ass de Mëtteleel, hei kann ee fueren, ronderëm, op an of, mat allem, wat Rieder huet, dat hu mer jo op der Foto gesinn. Wéi ech a menger Noperschaft erzielt hunn, déi Spillplaz géif renovéiert ginn, war meeschtens d'Reaktioun: „Firwat? Déi ass dach gutt, wéi se ass.“ Dofir hat ech op dëser Plaz proposéiert, onbedéngt d'Bierger an d'Biergerinne mat anzebanne beim Ausschafe vum Projet. Eis Iddi ass och vun der zoustänneger Schäffin berücksichtegt ginn an doriwwer ware mer ganz frou. Just d'Form hu mer net ganz verstanen. Also no eisen Informatiounen, wou mer gewuer gi sinn, an och wat d'Madamm Ries gezielt huet, si just d'Elterevertieder an de Schoulen ugeschriwwen ginn. Dat hu mer e bësse komesch fonnt, well och déi Kanner aus dem Brill, déi kommen net onbedéngt bis an de Wolkeschdall oder vun der Lenkeschléi. Et si jo awer haapt-sächlech déi Kanner, déi ronderëm wunnen, a wann ee just iwwert d'Schoul fiert, dann erreecht een awer net all méiglech Visiteuren.

Vläicht wier et méi einfach gewiescht, einfach eng Invitatioun fir eng ëffentlech Versammlung an d'Bréifkëschen ze geheien an de Stroossen am Wolkeschdall. Dann hätt een nämlech och d'Eltere vu méi kleng Kanner erreecht, déi nach net an d'Schoul ginn, déi awer déi nächst 10 Joer vun där Renovatioun wäerte profitéieren. Et hätt ee Grousselteren erreecht, déi mat Enkelen dohinner ginn. An och déi Leit, déi keng Kanner hunn, déi awer ronderëm d'Spillplaz wunnen. Well dann hätten déi och kéinten hiert Uleies matdeelen, an dann hätt ee vläicht kéinten Konflikter antizipéieren, déi awer mol oprieden, wann eng Spillplaz sou matten am Quartier ass. Bon, souvill zur Biergerbedeelegung. Dat ass jo nach en Thema och herno. Da war jo awer déi Versammlung an de Virschlag vun der Bierger a Biergerinnen, de Mëtteleel bäizebehalen amplaz vun enger Trap, ass mer erzielt ginn. Deen ass berücksichtegt ginn, dat fanne mer och richtig. Et ass jo eng Liaison pédestre a cyclable. An dat steet och an der Beschreiwung, an dat bleift jo dann nach ëmmer garantéiert. Et ass och flott, datt en Trotinetten- a Vëlosstänner kënnt. Do hu mer eis just gefrot, wann elo Famillje mat Vëlo kommen, déi sou en Unhänger hunn, ob dann nach genuch Plaz ass, well déi Bänk awer zimmlech no bei de Vëlosstänner kënnt? Am Mëtteleel kënnt am Moment wann et reent ëmmer d'Waasser erofgelaf. Ech huele jo un, wann d'Kanalisatioun alles frëschgemaach gëtt, dass dat dann och gefléckt gëtt.

Do war anscheinend och d'Propos vu BiergerInnen fir Gaart am Mëtteleel ze maachen. Ass déi Iddi fale gelooss ginn? Firwat? Well do ass nämlech déi meeschte Sonn. Et ass elo eng Plaz fir Urban gardening am Weste virgesinn. Do géif ech emol eng aner Iddi erabringen: dat wier Kréischelshecken an Hammwier do ze planzen, well da brauch ee keen Hochbeet ze maachen an dat verlaangt praktesch keen Ënnerhalt an d'Kanner ginn awer och gären dodrunner plécken. Dann, wéi ee Belag gëtt fir de Mëtteleel geholl? Do ass jo Pawee. Bleift deen? Ass dee waasserduerchlässeg? Zum Mobilier: Et ass flott, datt déi zwee Beräicher bäibehale goufen. Op

der Säit vum Marécage, do bleift jo dann nach genuch Plaz, fir Fussball ze spillen, tëschent dem Klettergerät an dem Mëtteleel. Also do ass traditionell schonn ëmmer gekickt ginn, an dat wäert warscheinlech och sou bleiwen. Do war awer och scho mol Konflikt mat den Noperen. Well wann de Ball dann eriwwer an d'Gäert flitt. Do kéint een dann och vläicht en Netz maachen.

Souwäit ech weess, dat sot jo d'Madamm Ries, war d'Demande fir de Fussball un déi aner Extremitéit, an den Osten ze verleeën. Well déi kleng Kanner, déi lafe jo dann och eriwwer op déi grouss Spillplaz, ech nennen dat elo mol déi „grouss Spillplaz“, an do si jo hanne Klunschen. A wann déi gäre klunsche ginn, da lafen déi duerch de Fussball an duerch dat grousst Gerät vum Marécage. Vläicht kéint een sech awer nach eng Kéier iwwerleeën, ob een de Fussball net ganz hanne soll setzen. Dat wier jo och eng Méiglechkeet. Oder et gëtt och vläicht eng Ursaach, firwat dat net gemaach ginn ass? Dann, wéi ass den Zoustand vun de Beem? Ech war mir dat gëschter nach ukucken. Do si Beem, déi gesinn net méi ganz gutt aus. Viru kuerzem ass do och e groussen Aascht erofgefall. Ginn do nach Beem ewechgeholl an neier geplanz?

Dann, déi Dillendapp-Spiller, déi gi recuperéiert. Dat fanne mer ganz gutt. Ech mengen, et kommen awer nei Klunschen. Dat sinn net déi al Klunschen, déi eriwwegeholl ginn, wann ech dat elo richtig interpretéiert hunn? An et ass och nëmme richtig, dass och eng behënnertegerecht Schaukel dohi kënnt, dat begrësse mer ausdrécklech. Et ass och gutt, dass eng nei Beliichtung kënnt, well déi Spillplaz, déi gëtt och mol besicht vu Jugendlecher, déi brauche jo och Chillplazen, déi verstoppen sech dann heiansdo an deem Tunnel. Do ass elo kee méi do, wéi ech dat gesinn hunn. An domat wier ech da bei de Reglementer vun de Spillplazen, wou jo och d'Auerzäiten definéiert sinn. De Panneau am Wolkeschdall ass vereelt a wäert jo dann och erneiert ginn. Vläicht kéint een e Concours maache mam Lycée fir en neie Panneau méi kënschtlersch ze gestalten, fir datt déi Panneauen och mol erëm opfale an an d'A stiechen. An déi Jonk géifen dann och mol d'Reglement liesen, wat drop steet. Schreift awer wannechgelift net méi drop, dass et do verbueden ass mam Vëlo ze fueren, well am Moment steet dat esou do. Et ass allerdéngs verbuede mat den Hënn op d'Spillplaz ze goen an et ass och net gutt wann d'Kaze sech an de Sand propper maache ginn. Dës Spillplaz ass dofir extra mat Drot an Hecken ëmginn, an déi zwee Accèsen, do ass jeeeweils e Gitter am Buedem, dat d'Déiere soll dovun ofhalen, driwwer ze goen. Dat wier jo och da gutt, wann déi Gittere bleiwen. Well ech menge schonn, dass dat awer och e bëssen ofschreckt. Vum Devis hir ass et fir eis OK, well jo och Voirie, Kanalisatioun a Luuchten dobäi sinn a mir wäerten dat dann och matstëmmen.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci Här Buergermeeschter. Merci och der Madamm Weier fir d'Presentatioun an d'Erklärungen vun dësem – wei vun lech gewinnt – erëm flotte Projet. Dës Spillplaz Wolkeschdall läit am Häerz vun dësem Quartier, e Quartier dee säit e puer Joer am gaangen ass, sech ze verjéngeren. An dat muss och mat dëser Spillplaz, déi an den Alter komm ass, geschéien. D'Spillplaz selwer gesäit een net vun der Strooss aus. Si läit geschützt virum Verkéier an der

Verbindung tëschent der Rue de la Paix an der Rue Nic Biver a ka vu Foussgänger, Vëlos- an Trottinettefuere, mee och vu Persounen mat beschränkter Mobilitéit genotzt ginn, vu dass et keng Trape ginn. Änlech wéi am Projet Schoulhaff Butschebuerg ginn net nëmme Spiller erneiert, mee et gëtt profitéiert, fir d'Kanalisation ze ersetzen, d'Luuchten an natierlech déi gesamte Buedembeleg. Ganz originell ass d'Wiel vum Thema vun dëser Spillplaz, eigentlech sinn et zwee Themen, déi sech op de Quartier, respektiv de Quartiersnumm bezéien. Op där enger Säit hutt der fir déi méi Kleng ënner 6 Joer den Thema Weltall vu Wollek hir. Dat war e flott gewielt. An op där anerer Säit hutt der dat Thema Sump, wat fréier am Fong am Quartier war. D'Klettergeräter, d'Rutschbanen a sou weider sinn haaptsächlech aus Rubinienholz. Recuperéiert Spiller stinn och am Sand. Picknickdëscher an aner Sätzgeleeënheete sinn aus Holz a maachen den Openthalt méi agreabel och fir déi erwuesse Persounen, ob se d'Kanner begleeden oder ob se einfach selwer op dëse Lieu de rencontre kommen.

Inclusioun spillt och hei eng Roll. Grad wéi zu Butschebuerg fanne mer hei d'Nestschaukel, d'Vullennascht, wéi een et och op Lëtzebuergesch kann nennen, op engem synthetesch Belag. Gras kënnt och vir op dëser Plaz. An der Mëtt vun dësen zwou Zone gëtt däers geséit, sou dass een och do kann divers Spiller maache wéi Ballspiller, Turnen, Yoga a sou weider. Ganz interessant ass och déi Geschicht vum Wéckeldesch. Et ass, wéi d'Josiane gesot hat, eng Première, déi dann och nach vun eise Servicer realiséiert soll ginn. Jo, et ass e ganz reusséierte Projet. Wat een awer och muss ervirhiewen, dat ass d'Participatioun. Dass net einfach drop lass gemoolt gëtt mat Ären Iddien, mee dass Dir effektiv nach Incentive kritt hutt vu Privatleit, vun den Elterevertrieder, vun der Presidentin vun dem Schoulgebai Lenkeschlei a sou. Dat heescht also, dass flott Elementer warscheinlech do mat agefloss sinn an Ärer Aarbecht. Voilà. Alles an allem e Bravo zu dësem gutt duerchgedachte Projet a mir freeën eis schonn op dee fäerdeg Projet. A mir stëmmen och deem Devis estimatif zou. Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci. Et ass scho vill Guddes gesot ginn. Mir fannen dee Projet och ganz gutt. Den Här Friedrich huet et och schonn ausgefouert, dass mir do derhannert stinn. Et ass mir just elo nach eppes agefall. Wa mer schonn eng nei Kanalisation maachen, da wär et vläicht net onklug, och en Drénkbrunnen iergendwou hin ze maachen, well dat wär z.B. och eng Méiglechkeet, éischters mol fir d'Bidonen opzefëllen an zweetens och eng Méiglechkeet, wann se d'Kanner gewéckelt hues, fir d'Hänn och ze botzen. Ech mengen dat misst iergendwéi nach machbar sinn, fir dat iergendwou hin ze setzen. Ech hat just eng Iwwerleeung, bei de Kannerspillplazen, do bei de Sätzgeleeënheeten, do ass d'Poubelle genau tëschent de Bänken. Ech weess net, ob dat net awer méi attrayant ass fir Moustiquen an Harespelen. Firwat déi just tëschent deenen zwou Bänke maachen an net op der Säit vun enger Bänk? Dat stéiert mech e bësse wéinst dem Risiko fir gepickt ze ginn. An da mat den Hänn. Meng Fro: Ass do eng Hondstoilette an der Géigend? Ech weess dat elo net auswenneg. Wou d'Leit da kéinten initiéiert gi fir vläicht éischter dohinner ze goen. Well dat ass jo

e leidleche Problem. Dass d'Leit déi Wiss do dann awer vläicht wäerte benotzen – malheureusement – fir hir Hänn, dass déi sech propper maachen. Mee ass do eng Hondstoilette an der Géigend, fir dass ee kann dorobber referéieren? Merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Merci och fir déi Presentatioun. Ech mengen d'Madamm Heinen huet hei eis Positioun vertrauen, mee et sinn nach e puer Froen opkomm, wou ech d'Presentatioun gesinn hunn. Ech froe mech wéi et ass mat der Livraisoun vum Holz. Well am Moment ass dat jo wierklech e grouse Problem. A wäerte mer do kënnen déi Zäit anhalen, déi virgesinn ass, fir dat Ganzt ze realiséieren oder misste mer do och mat Retarde rechnen? A misste mer do och vläicht mat Präisdeierecht rechnen, vu que datt alles, all Mount, ech soen elo mol 10% an d'Luucht geet, wat de Bausecteur ugeet. Déi aner Fro, déi ech hat. Wann ech d'Pläng richtig verstinn, fannen ech perséinlech – mir hunn eis net ofgeschwat – dass net vill Bänke virgesi sinn. Well effektiv, déi Bänken, déi Dir virgesitt, déi si geriicht op d'Spillplaz a wéi d'Madamm Heinen virdu gesot huet, dat ass en Treffpunkt fir de Quartier, an ech géif et interessant fannen, wa mer vläicht géife Sätzméiglechkeeten, Sätzplazen opbauen, déi net onbedéngt op d'Spillplaz geriicht sinn. Déi kucken och Richtung Spillplaz. A wann et och fir d'Jugendlech geduecht wier, kéint ee sech virstellen, dass et méi aus de Spillplazen eraus a méi un d'Natur, also méi un de Rand vläicht, do wou déi Rampen sou ronn eroffueren.

Egal. Et ass eng Propos. Well de Problem, deen ech bis elo ëmmer hat mat Spillplazen ass: Déi Bänke si fir d'Eltere geduecht, fir datt si op d'Kanner kënne kucken an op déi kënnen oppassen. An et sinn awer och aner Leit, déi dohinner ginn, déi vläicht net onbedéngt mat Kanner dohinner ginn. Déi aner Fro déi ech hat, dat ass mat der Beliichtung. Ech weess effektiv net, wéi et owes do momentan ausgesäit. An ech gesinn déi Punkten, déi der virgesinn hutt fir d'Beliichtung. Ass dat genuch? Misst een net nach vläicht e puer Plaze méi belichte fir datt et och a punkto Sécherheet méi e Sécherheitsgefill gëtt? Dat anert, wat ech wollt soen, mee d'Madamm Heinen huet et gesot, an d'Madamm Kayser huet et och gesot, dat sinn d'Hänn. Well dat wat ech mierken dat ass, am Dag spillen d'Kanner do, dat heescht, d'Leit déi Hänn hunn, déi gi vläicht net dohinner fir datt d'Hänn Gassi maachen, mee owes, wann d'Kanner bis net do sinn, gëtt dat wierklech sou en Treffpunkt vu Propriétaire mat Hänn, an d'Hänn déi ginn awer do Gassi maachen. An et ass wierklech immens schrecklech, wann ee sech virstellt, datt den Dag drop d'Kanner drop spille ginn. Allgemeng eng Fro un d'Gemeng: Si vläicht aner Spillplaze virgesinn, datt se och sou flott kéinte renovéiert ginn? Oder ass dat elo déi eenzeg, déi virgesinn ass? Merci.

ANDREA WEIER, BUREAU WEIER: Ech probéieren dann emol sou wäit et geet op all déi Froen ze äntweren, ech huele se vläicht net der Rei no. Wat Gaart ubelaangt, weess ech elo net genau, a wat fir eng Richtung dat geduecht war. Mir haten iwwert Urban gardening mam Josiane geschwat, dat hate mer gekuckt. De Problem ass, dass mer net sou vill Rescht-Espace behalen an där ganzer Enceinte, wou mer dann eng Plaz definéiert hunn, déi am Moment schonn e bësse fräi ass vu Bewuess.

A mir wëllen trotzdem kucken, dass mer déi Beem, déi um Site stinn, dass ,er déi natierlech eng Kéier kontrolléieren an ënnerhalen. Mee et war lo net geplangt, weder gréisser Beem erauszehuelen. Et ass geplangt, den Entretien ze maachen, dass eeben och dat Ganzt, déi ganz Hecken an der Gidd gehale ginn. Fir dass de Site u sech vun der Plantatioun hir och méi attraktiv gëtt. Wéi wäit dee Gedanke Gaart gefrot war, dat weess ech net. Do muss vun där anerer Säit och Positioun geholl ginn. Wat de Revêtement ubelaangt ass et sou, dass mer dat Ganzt erëm wollte mat Pawee ausleeën. Initial wollte mer Recuperatioun maachen, mee Recuperatioun gëtt grad sou deier wéi nei. An insoufern ass de Choix gefall, fir neie Pawee op d'Plaz ze bréngen. Wat een am Beräich vum Urban gardening oder vun deem Gaardeberäich, dee mir lo definéiert haten, elo effektiv realiséiert, ech mengen, dat kéint eng flott Quartiersaktioun ginn, wou einfach mat de Bierger gekuckt gëtt, wat se wëilten hunn. Dat wier meng Virstellung. Ob dat elo vun der Gemeng gewünscht ass, weess ech net, mee och Hamm Bier a Kréischele géing ech do sécherlech net ausschléissen.

Déi Geschicht Panneau, dozou kann ech mech net äusseren. Déi Grillen an den Entréeën, déi hu mir am Moment virgesi gehat ewechzehuelen, well de Pawee sech an deene Beräicher och duerch d'Befuere sech onregelméisseg gesat huet. Wa mer et als Verbindungswee gesinn tëschent deenen zwou Stroossen, mussen fir mech kënnen d'Leit mat de Muppen dee Wee och kënnen notzen. Och e Mupp geet net gären iwwert déi Grillen. Dat ass effektiv eng Erfahrung. Dat kënnen mir awer elo net direkt decidéieren. Do muss da gekuckt ginn, ob dat wierklech e Wunsch ass, dass do sou mann wéi méiglech Muppen duerch ginn. Da muss ee sech iwwerleeën, ob déi Elementer erëm zum Droe kommen. Déi Schaukel ass eng nei Schaukel. Dat ass net déi recuperéiert Schaukel. Wat déi Demande ass, fir déi Wuesfläch hannenaus ze leeën... bon, mir hunn et eigentlech als flott Transitioun tëschent deenen zwee Beräicher gesinn a wollten en dofir éischter am zentrale Beräich behalen, wou een déi Surface dann och fräizügig notze kann. Och do, wann dat expressement eng Demande ass, et ass net onméiglech, déi Spillplaz no vir ze rëckelen. Mir haten doriwwer geschwat, an et soll scho wa méiglech konfliktfräi kënnen oflafen an d'Kanner solle sech natierlech net de Ball un de Kapp stoussen, wa se vun där enger Spillplaz op déi aner lafen. Dat ass sécher net de Wunsch vun eis.

Wat d'Fontaine fir ze drénken oder d'Hänn ze wäschen ubelaangt, do hu mer och doriwwer geschwat. An et war initial och eng Kéier am Projet mat dran. Mir hunn dat awer am Moment fale gelooss, well einfach déi Fontainen an och déi Krinn, déi oft dann an iergendenger Extremitéit sinn, bakteriell belaascht sinn, well einfach den Duerchfloss net sou garantéiert ass wéi bei engem Hausanschluss. An dofir ass déi Demande am Kader vum Projet fale gelooss ginn, well da misste mer wierklech och besser Leitunge mat virgesinn, wat am Moment net Deel vum Projet ass. An och do misst een da wierklech kucken, eng Ringleitung ze hunn. Mee wann herno awer d'Waasser iwwert eng länger Zäit am Krunn an deem Stéck steet, wou keen Duerchfloss ass, da sinn do Belaaschtungen virprogramméiert. Dofir war eigentl-

ech éischter d'Tendenz fir ze soen: Dat gesi mer an deem Projet net vir, well déi Notzung just punktuell wäert sinn. Net wéi beim Mayrisch-Park, wou wierklech vill méi Leit hikommen. Wa mol ee pro Dag seng Fläsch wëllt opfëllen, weess ech net, ob ee sollt dee Risiko agoen. Dat ass d'Fro.

Zu Hondstoiletten an der Proximitéit kann ech mech net ausloossen. Wat de Planning ubelaangt an de Retard. Jo effektiv, wa mer lo ausschreiwe mussen mer de Projet sou opstellen, dass mer wëssen, datt mer en Decalage an der Zäit kréien, wat d'Furniture vun de Spillplazen ugeet. Dat heescht, mir hunn am Moment fir aner Spillplaze schonn eng Liwwerzäit vu 6 Méint. Dat heescht, wa mer d'Aarbechten entaméieren, bis herno d'Spiller do stinn, entweder et seet een, mir maachen de ganze Revêtement fäerdeg a kommen an enger leschter Instanz dann d'Spiller dohinner setzen. Dann ass natierlech iwwert e gewëssenen Zäitraum kee Spill op der Plaz. Oder mir mussen mam Entrepreneur kucken, dass mer soen: OK, en fonctioun vun deem Delai, wat mer mengen wat d'Spillplaz-Furniture ubelaangt, dass en da réischt souvill Zäit am viraus ufänkt an demoléiert. An dass mer doduerch natierlech en Decalage an der Zäit kréien, mee dann, en fonctioun vun där gewosster Liwwerzäit fir d'Spiller. Dat ass effektiv esou.

Wat d'Holz ubelaangt: Sécher sinn déi Marchéspräisser am Moment immens evolutiv. Dat läit net an eiser Muecht. Mee wa mer dorobber waarden, da maache mer näischt méi mengen ech. Déi Haussen, déi do eventuell ufalen an déi mer vläicht net consideréiert hunn, déi mussen mer natierlech herno iergendwéi droe kënnen. Déi Präisser, déi mir bis ewell op de Spillgeräter haten, déi waren elo net explosiv. Dat spigelt sech éischter iwwert d'Liwwerzäite erëm, dass einfach vun der Liwwerung vum Réimaterial Enkpäss bestinn. D'leschte Kéier huet och ee mer gesot: Den Holzpräis ass erëm erofgaangen. Ech sinn awer do net um leschte Stand. Wat d'Belichtung ugeet, do hu mer et sou ugeluecht, dass mer wierklech den Haaptwee belichten. Mir hunn elo net dorobber geziilt, dass mer och d'Spillplaz u sech auslichten. Et ass wichteg, dass dee Verbindungswee, deen ëffentleche Wee securiséiert an ausräichend belicht ass. Mee mir wëllen awer och fir déi Leit, déi do wunnen den Impakt vun der Liichtbelästegung sou geréng wéi méiglech halen. Sou dass mer d'Belichtung wierklech just op den Zougangswee axiéiert hunn an deen entsprechend ajustéiert hunn.

An déi Geschicht vum zousätzleche Mobilier. Mir hunn elo net méi wierklech vill Espacen, wou mer kéinte Recul kréien, wou mer Nische kéinte schafen, wou een dat e bësse kéint separéieren. Wa mer d'Picknickbänken oder d'Bänken ewechhuele vun de Spillplazen, da bleift nach just déi grouss Wiss. A wann do soll Ball gespilt ginn, da gesinn ech do keng Bänk an direkter Proximitéit. A fir de Rescht ass et awer enk. Mir hu keen zousätzlechen Espace, wou ee kéint sou Bänken oder och aner Sätzgeleeënheete schafen, wa mer dee Programm mat Schaukel, Klottergerüst, do op der Plaz ënnerbréngen. Am Ufank hate mer keng Schaukel dran. Do war och nach e bësse Plaz am hënneschte Beräich, wou een dat hätt kënnen dat amenagéieren. Mee wann mer elo an deem Beräich hei vum Talus eppes schafen, da kritt een

awer, wann d'Kanner Ball spillen, de Ball ëmmer emol an d'Gesicht. ODat ass vläicht ze kucken. Wann ee seet, déi komme just wann net Ball gespillt gëtt. Ob dat funktionéiert, ob een dat kann esou takten, dat weess ech net ganz genau. Sou, dann hätt ech souwäit den Tour gemaach, oder hunn ech eppes vergiess?

Do war nach déi Geschicht mat der Naturwiss. Vum Prinzip hir géife mer jo hei den Entretien maachen. Do dierfte mir dee Konflikt vun extensiv-intensiv net kréien, well mer déi Plaz och net hunn. Da war nach déi Fro, iwwerdaacht Picknickbänken. Bon, d'Fro déi sech fir mech a sou engem Kader stellt ass: Notzt ee sou eng Spillplaz, wéi een de Beetebuerger Park notzt? Ass dat wierklech eng Plaz, wou ech higinn, wann d'Wieder net sou schéin ass? Wann et schéint Wieder ass, hu mer do relativ vill Beem, déi awer och en natierleche Schied bidden, déi e schéine Schied maachen, wou ech mech froen, ob dat net dat ka kompenséieren. Ech weess net, ob een op déi Spillplaz geet, wann et wierklech riichtera reent. An de Beetebuerger Park geet een alt emol, an der Hoffnung, dass et iergend eng Kéier ophält mat reenen. Awer ech weess net, wéi dat fir dës Spillplaz hei ass. An zu där Participatioun, do kann ech mech elo net direkt ausdrécken.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Villmools merci nach eng Kéier fir d'Äntwerten. En Iwwerdaach fir d'Bänken. Ech fannen d'Iddi ganz gutt. Well ech weess, dass d'Leit ganz oft an der Sonn setzen. Do kënne mer eng Kéier driwwer diskutéieren. Wann et méiglech ass. Ech weess, wann een op enger Bänk sëtzt an der praller Sonn... mir sollten dat einfach préiwen, well vun der Iddi hir fannen ech et gutt. Da wëll ech awer op d'Madamm Heinen agoen. Ech wëll just soen, datt een och an dräi Minutten e ganz flotte Projet schlecht maache kann. Ech fannen dee Projet ganz flott. Mir haten d'Elterevertrieder, sief et aus dem Brill, sief et aus der Lenkeschléi. D'Elterevertrieder, dat sinn déi Elteren, déi wunnen do. Ech wëll dat mol kloer soen. Dat si schonn déi Leit, déi an deene Quartiere wunnen, déi vun där Spillplaz do profitéieren. Ech hätt och kënnen de ganze Wolkesdall invitéieren an de Projet presentéieren. Ech weess net, wat dat ännert. Hei si flott Iddie vum Terrain komm, Leit déi do wunnen, och aus der Rue de la Paix ware Leit dobäi. Also ech hunn d'Iddi lo richtig gutt fonnt. Mir haten eng flott Sëtzung. Mir hunn e gudden Echange gehat. Jo, et kann een ëmmer och ganz wäit aushuelen.

Vëlo mat Unhänger. Déi Fro war och gestallt ginn. Neen, leider net. Mir si frou, datt mir do e Vëlosstänner hunn, mir si frou, datt mir do Trotinetten hunn, mee ech kann net och nach Parkplaze fir Vëlo mat Unhänger dohinner setzen. Dir wësst et selwer, dat ass net sou grouss an dat ass och de Moment net virgesinn an et ass och soss néirens virgesinn.

Gaart am Mëtteledele: Jo. Gaart ass iwwerall e bëssen ugeduecht. Jiddweree wëll jo e bëssen déi ëffentlech Plaze mat Urban gardening. Mee et ass awer elo hei an deem Projet net wierklech virgesinn. Mee wann et de Wunsch wär, da kann een dat nach ëmmer maachen, dass en Hochbeet gesat gëtt. Mee dat ass elo eigentlech d'office net virgesinn.

D'Madamm Semiray hat nach gefrot no anere Spillplazen. Jo, mir maache jo konsequent Spillplazen. Mir maache jo ëmmer all Joer eng frësch. De Moment weess ech awer elo net wat fir eng, a mir hunn och nach net driwwer diskutéiert. Mir wëssen dass de Boujel muss gemaach ginn, mir wëssen och, dass zu Butschebuerg nach eppes muss gemaach ginn am Quartier. Mee fir de Rescht hu mer lo nach net weider geduecht wéi deenen heiten.

Da wollt ech nach soen: D'Aarbechte sollten eigentlech scho gemaach sinn, konnten awer leider nach net gemaach gi well mer Retarden hunn, och wéinst Covid an esou. Mir haten d'lescht Joer gesot: Mir fänken Enn dës Jores un. Duerch de Covid huet sech alles e bëssen no hanner geréckelt. Mee et wäert do och iwwert de Winter geschafft ginn, fir datt d'Leit am Summer erëm kënne profitéieren. Voilà. Villmools merci.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo, ech wëll awer kuerz reagéieren op zwou Saachen. Dat mat de Gitteren: Also ech fannen déi Gitteren, déi erfëllen do awer en Zweck. Ech hunn déi Iddi, wéi déi Gittere gemaach gi sinn, genial fonnt. An um Schëld vum Reglement, do steet och, dass keng Hënn do sollen eragoen. Bon, elo kann een natierlech soen, et ass e Passage tëschent zwou Quartieren. Mee da musse mer lo awer soen, ass et elo Spillplaz oder ass et e Passage? Well wann een et als Spillplaz definéiert, da wieren d'Gitteren awer besser, fir d'Hënn ze evitéieren. Bon, wann een elo seet, de Mëtteledele, dës Passage, do dierfen d'Hënn duerch, da spillt awer d'Reglement vun der Spillplaz net. Dat ass dann awer e bëssen eng Diskussioun, déi do opkënn. Dann awer zu der Biergerbedeelegung. Also bei mir an der Strooss si Famille mat klenger Kanner. Déi kleng Kanner, dat sinn awer déi nächst Generatioun, déi elo op déi Spillplaz wäert goen. Déi kruten awer keng Invitatioun. Wann ech awer wëll d'Bierger mat abannen, dann ass fir mech awer sou, bei enger Quartiersspillplaz, dass all Bierger aus deem Quartier misst d'Chance kréien, do matzeschwätzen. Dann hu mer eng aner Interpretatioun vu Biergerbedeelegung.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP - SCHÄFFIN): Ech wëll lo net d'Diskussioun féieren iwwer d'Biergerbedeelegung, et ass elo net u mir, ganz Diddeleng ze invitéieren. Ech wëll awer eppes soen zu deene Gitteren, déi do sinn. Jo, d'Leit sollen och kënnen do laanscht trëppelen. D'Leit sollen och kënne mat hiren Hënn do duerch goen. Et ass jo awer eng ëffentlech Plaz. D'Schëlter, déi kann een och duerchaus un d'Extremitéit vun der Spillplaz setzen. Op zwou Säite setz de ech Schëld: An deem Beräich ass et verbueden, mat dengem Hond hin ze goen. Déi Gitteren – deen ee fënnt et gutt, deen anere fënnt et net gutt. Wann der selwer en Hond hutt, da wësst der, datt et net gutt ass. An d'Kazen, wéinst dem Sand, do kann ech och nach drop reagéieren. Mir hu Servicer, déi maachen all Moien, all Moien, den Tour vun de Spillplaze fir ze kontrolléieren, ob net Sprëtzen iergendwou sinn, ob net Kacka am Sand ass. Dat gëtt all Moie vun eise Servicer gemaach. A sämtlech Spillplazen an och sämtlech Schoulhaff. Voilà.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech wollt awer nach eng Kéier nohaken. Dat mat deem Drénkbrunnen,

deen net machbar ass, dat kléngt mer zwar net ganz logesch. Éischtens emol, wa wéi Dir elo gesot hutt, all Dag eis Leit dohinner ginn, da kéinten déi och eng Kéier dee Krunn opmaachen. A wann ech mech net ieren, dann hu mer jo och en Drénkbrunnen am Skaterpark? Wann ech mech net ieren, hu mer do och eng Méiglechkeet, fir Waasser ze zapen. Da misst dat jo och hei machbar sinn. Ech mengen, dat misst een nach eng Kéier iwwerleeën, well dat géif awer och eng Plus-value bréngen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Et muss ee just oppassen, wann een op enger Plaz ufänkt. Alleguerten déi Spillplazen, déi mer hunn – dann hues de op all Spillplaz déi doten Diskussioun. Et muss ee jo och kucken, wou mécht et Sënn, a wou mécht et net Sënn? Och dat soll awer gekuckt ginn. Net soen, da fänke mer lo do un, an dann zéie mer dat duerch op all Spillplaz. Well da muss ee jo argumentéieren, firwat op där enger Spillplaz an net op där anerer.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Da kann een z.B. argumentéiere mat der Wéckeloplaz. Wéinst der Hygiène zum Beispill.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Jo. Gutt, merci nach fir déi Ureegungen. Dat huele mer mat op. Soss keng weider Froe méi? Da gi mer zum Vott iwwer: Wien ass mat deem Devis estimatif averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools merci.

An ech soen och dem Andrea Weier an dem Tom Schroeder merci fir hir Presenz.

3.10. Approbatioun vun der Deklaratioun vun de Recettes non-réglementées fir den Exercice budgétaire 2021

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da géife mer am Ordre du jour weiderfueren. Da komme mer op d'Deklaratioun vun de Recettes non-réglementées, dat ass vum Kont vum Joer 2021. Dat si Recetten, déi net virgesi waren, déi mer awer kritt hunn. Dat heescht, déi kommen an d'Gemeengekeess, wat jo positiv ass. Dat sinn 160.676,15.- Euro. Do ass engersäits e Remboursement vum Geschäftsverband vun 23.093,57.- Euro, e Remboursement vun de Frais de publication, wou mer kréien am Kader vun de PAPen: 27.235.- Euro. Dann, wa Saache futti gemaach ginn, iwwert d'Assurance 23.815.- Euro, wou mer zréckkréien. Iwwert eis Fotovoltaik-Anlagen 27.412.- Euro. Dann och nach Sponsoring: 13.000.- Euro wou mer kritt hunn am Kader vun der Fête de la Musique. An dann hu mer och de Service de l'Éducation différenciée, do kréie mer 22.396.- Euro zréck. Do ass jo eist Personal, wat d'Lokalitéite notzt an de Ministère de l'Éducation nationale, dee rembourséiert eis déi Suen. Dat sinn d'Erklärunger fir déi Méi-Recetten, wat de Kont 2021 ugeet.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci. Ech hunn net richteg verstane wat dat war am Kader vum Covid: „Aides au commerce local touché par la crise sanitaire – remboursement“

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Dir kënnt lech jo erënneren, mir haten hei eng Envelop-

pe gestëmmt vun 300.000.- Euro, déi mer jo de Residente ginn hunn, fir dass se déi kënnen aléisen. An am Fong war dee Montant, dee mer hei gestëmmt hunn, deen hate mer jo dem Geschäftsverband zur Verfügung gestallt, dee sollt jo d'Gestioun dovunner maachen. Also vum globale Montant vun 300.000.- Euro, vun där Enveloppe, sinn 23.093,57.- déi net ausbezuelt goufen, an déi de Geschäftsverband eis rembourséiert. Dat heescht am Umkehrschluss, dass 277.000.- Euro an d'Commercé gefloss sinn.

Ass de Gemengerot mat deene Recetten averstanen?

Dat ass unanime. Da soen ech lech villmools merci.

3.11. Approbatioun vun den Dekonten

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da komme ganz vill Dekonten.

- Am Centre Doc, do hate mer d'Installatioun vun enger Détection Incendie. Den Devis 25.000.-, d'Dépense 19.800.-.

- De System „Ticketing“, den Devis 50.000.-, d'Dépense 49.747.-.

- Zu Butschebuerg, d'Détection Incendie, déi frëschgemaach ginn ass. Den Devis 75.000.-. D'Dépense 56.057,65.-

- An der Schoul Italien. D'Mise en conformité vum Réseau électrique. 80.000.- den Devis, d'Dépense 79.881,08.-.

- Installatioun vum Wifi-Réseau a verschidde Schoulgebäuer. Dat ware 40.000.- Devis. D'Dépense effective 38.894,66.-.

- Bei der Butschebuerger Schoul, den Accès pour personnes à mobilité réduite. 60.000.- den Devis. D'Dépense 58.030,94.-.

- An der Maison Relais Schwämm, do ass de Buedem frëschgemaach ginn. Den Devis, deen hei am Gemengerot gestëmmt ginn ass, war 67.000.-. D'Dépense 66.037.-

- Am Centre d'Intervention de Renouvellement vun der Détection Incendie. Do si mir jo Propriétaire. 40.000.- Euro den Devis. D'Dépense 33.112,35.-.

- Um Rellent, um Kierfecht, e Garage préfabriqué wou mer kaaft hunn. Den Devis 20.000.-. D'Dépense 15.429,31.-.

- Da war am Centre culturel den neie Mobilier. Den Devis 20.000.- an d'Dépense 19.659,51.-

- Am Centre Doc, do huet missen d'Chaudière ersat ginn. Dat waren 20.000.- Euro am Devis. An d'Dépense 19.286,12.-.

- D'Galerie Nei Liicht, do ass d'Trap frëschgemaach ginn, Ponçage a Vernis. 25.000.- den Devis an d'Dépense 19.995,30.-

- Beim Service Espaces Verts en neie Camion. 180.000.- den Devis, d'Dépense 176.172,75.-.

- A weider: Cimetièr Rellent, do war et d'Wéier an d'Colombarien an d'Reamenagement dovunner. Den Devis 100.000.-, d'Dépense 99.354,65.-.

- D'Baltzenger Schoul, de Mobilier um 1. Stack. 20.000.- den Devis. 12.491,68.- d'Dépense effective.

- Schoul Italien, de Blitzableiter, 43.000.- den Devis. 42.485,78.- déi effektiv Ausgab.

- Ecole Stutzbiérg D, den Daach dee frëschgemaach ginn ass, den Devis 48.000.-, d'Dépense 43.229,18.-.

- Da verschidde Schoulen, do ware jo Anti-Panik-Zylindere bei den Dieren. Do war den Devis 70.000.- an d'Depense effective 69.181,11.-
- D'Maison Relais Butschebuerg, d'Separatioun mam Refectoire. Den Devis 25.000.-. D'Depense 24.254,57.-
- De Foyer Minettsdepp, do ass d'Mauer fräschgemaach ginn an 20.000.- Euro den Devis, an d'Depense 15.983,80.-
- An der Maison syndicale, wou mir lounen, an der Salle des fêtes en neie Beamer, 30.000.- hei den Devis. D'Depense 28.588,59.-
- Am Syndicat d'Initiative, d'Fënsteren, déi fräschgemaach goufen. 18.000.- den Devis, d'Depense 15.360,81.-
- An eise Gemengenatelieren am Gebai A – d'Détection Incendie, 22.000.- Euro den Devis, d'Depense 16.941,53.-
- An eise Service G.M.P. an der Garage hu mer d'Acquisitioun vun enger Plattform fir d'Autoen ze flécken. 72.000.- den Devis, d'Depense 56.089,70.-
- An eiser Schräinerei, do hu mer en Elévateur kaaft vu 37.000.- Euro den Devis. 28.343.- dat ass déi effektiv Depense.
- Dann de Service G.M.P., eis Schlässerren, eng Schneidmaschinn. 55.000.- Euro den Devis, 45.190,80.- d'Depense effective.
- Am Centre Culturel Haut-Parleuren an Amplificateuren, déi ersat goufen. Déi al hunn hiren Déngscht net méi geleescht. 50.000.- Euro den Devis, d'Depense 49.454,61.-
- Am Centre d'Intervention. Chauffage an Détection Gaz hu missen ersat ginn. Den Devis 32.000.- d'Depense effective 31.494,32.-
- E neie Camion fir d'Streemaschinn. 200.000.- Euro den Devis, d'Depense 196,852,50.-
- Dann eng Camionnette fir eis Schräinerei. 35.000.- Euro war den Devis. D'Depense 34.067,31.-
- Dann, fir de Service Travaux généraux eng Chargeuse télescopique. Den Devis 135.000.- Euro, d'Depense 128.700.- Euro.
- Een Trakter mat Equipement de déneigement an tonte fir de Service Espaces Verts. Den Devis 48.000.-, d'Depense 47.174.-
- Fir de Service Sécurité et santé au travail. Voiture de service. 20.000.- Euro den Devis. Depense 19.633,95.-
- Fir eis Usträicher am Usträicherbetrib 20.000.- Euro fir d'Voiture de service, also éischter eng kleng Camionnette, an d'Depense 19.633,95.-
- Da fir de Service Gaz et Eau, och en Utilitaire. 20.000.- Euro den Devis, d'Depense 19.633,95.-
- An dee leschten, eise Service Santé scolaire, en Déngschtauto. 20.000.-Euro den Devis an d'Depense effective 19.610,95.-

Dat war d'Presentatioun vun den Dekonten. Dir gesitt et sinn der och aus de Joren 2020 an och 2019. Dat heescht, mir sinn do wierklech ganz bái an dofir komme mer jo och reegelméisseg drop am Ordre du jour, fir dass mer déi Konten dann och kënne sou gutt wéi méiglech ofschléissen.

Kënne mer iwwert déi ofstëmmen? Wien ass domat averstanen? **Dat ass unanime.** Da soe mer lech villmools merci.

3.12. Allocatioun vun ordinaire Subsiden un d'Klipp an d'lokal Veräiner

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da komme mer op de Volet vun der Allocatioun vun de Subsiden ordinaires un eis Veräiner. Dat ass eng Enveloppe vu 56.610.- Euro, déi mer wëllen ausbezuelen. An da ginn ech hei dem Loris Spina d'Wuert, fir op d'Detailer anzegoen.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN):

Jo merci Här Burgermeeschter. Lo kënnt Der e bësse Loft huelen an eppes drénken. Dat do war lo ustrengend. Deementspriedend sinn elo hei eis Subsiden, wéi mer se all Joer presentéieren. Mir probéieren dat virun der Summer-vakanz, fir net ze soen, Summerlach, fir eis Veräiner ze maachen, fir dass se do e bësse Liquiditéite kréien. Dir kënnt lech erënneren, mir hate festgehalten, dass mer dat e bësse méi transparent hei géife presentéieren. Deemno si se hei opgedeelt an Divers, Sport, Scouten, Soziales, Educatioun oder eis Mémoire, Arts et Culture, Natur an Ëmwelt an eben och Loisirs. Dir wësst dass dee Rechnungsschlüssel beinhalt wéi vill Membere déi jeeweileg Veräiner an Associatiounen hunn a wéi vill jonk Membere ënner 18 bei hinne lizenziert sinn, wéi d'Ausbildung vun den Encadranten ass an op se um Virowend vum Nationalfeierdag matmaachen. Da kënnt hannen eng flott Zuel eraus an deementspriedend kréien déi Veräiner, wann Dir den Accord gitt, déi dote Subsiden, déi och deelweis plafonéiert sinn. Et gëtt och ëmmer eng Basis.

De Schlüssel hate mer jo en long et en large hei presentéiert, sou dass mer kënne feststellen, dass déi grouss Veräiner nach ëmmer un der Limitt si mat deenen 3.200.-. Dat ass änlech och bei de Scouten. Och déi sinn do un hire Limitten, um Plaffong. An, et ass awer och opgefall, dass eng Rei vu Veräiner an Associatiounen awer schonn d'Konsequenze vun der Pandemie spieren. Dat heescht, d'Memberszuel, déi huet bei deenen engen oder aneren awer schonn ofgebaut. Bezéiungsweis weess een och, wann een den Tour vun de Generalversammlung gemaach huet, dass et net nëmmen déi aktiv Membere schwéier haten, erëm vum Kanapee an d'Hall oder an de Sëtzungssall ze fannen. Och fir verschidde Benevoller ass et schwéier, sech erëm ze reaktivéieren, no där ze laanger Pandemie. Dir hutt den Tableau an den Detail virleien. An dann ass d'Froeronn op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):

Merci Här Spina. Impressionnant war jo dëst Joer de Cortège fir Nationalfeierdag, wou déi éischt Veräiner scho bei der Tribün stoungen. A mir stoungen op der Tribün a mir hunn eng gutt hallef Stonn gewaart, bis dee leschte Veräin wierklech d'Kéier gemaach huet, fir op d'Stadhausplaz ze kommen an dat war immens impressionnant a flott an et huet ee gesinn, wéi eng Freed a Begeeschterung nees bei de Leit ass, fir erëm sech ze weisen, a sengem Trikot, a senger Uniform, hannert sengem Fändel, mat sengem Foulard. An dat mécht engem richteg waarm ëm d'Häerz an ech menge mir profitéieren och eng Kéier als CSV vun der Geleeënheet, fir op dëser Plaz alle Responsablen, Trainere, Cheffe vun de Veräiner fir hiren Asaz merci ze soen, och no der Pandemie nees prett ze

sinn, fir Versammlungen, Trainingen, Fiestaen, Manifestatiounen z'organisieren. D'Veräiner, dat ass d'Aushängeschëld vun enger Stad, dat ass eng wichteg Roll an der Vie communautaire, an der Vie sociale, e wichtige Facteur fir Integratioun, Kohesioun a Mateneen zesummen. D'Veräiner sinn et, déi Liewen an d'Stad bréngen. Also wéi gesot, dat war en impressionnanten Defilé, de mer Nationalfeierdag do konnte gesinn.

D'lescht Joer am Summer hate mer eng interfraktionell informell Sëtzung, fir iwwert de Verdeelungsschlëssel vun de Subsidien ze diskutieren. Natierlech ware mir als CSV och prett, fir do matzeschaffen. Well mir sinn och der Meenung, Transparenz a participativ Demokratie heescht och, d'Oppositioun bei Decisiounen mat anzubannen. Mir hate gehofft, de Subsidieschlëssel géif nach eng Kéier méi am Detail op de Leescht geholl gi fir gemeinsam Schwaachstellen ze verbesseren a gemeinsam am konstruktiven Dialog eng Formule ze fannen, wou mer alleguerten heibannen zefridde kéinte sinn. Mir waren awer do e bëssen enttäuscht ginn. Mir hate verschidde Froen opgeworf. Zum Beispill: Firwat muss de Veräin am Detail d'Qualifikatioun vu sengen Encadranten uginn, wann dës awer herno net am Detail berücksichtegt ginn, just wéi gesot d'Zuel vun den Encadranten, awer net hir Formatioun, déi se hunn, hire Level vu Formatioun, déi se hunn.

Dat hu mer e bësse schued fonnt. Et huet geheescht, dat wär ze vill komplizéiert. Mir hunn awer doropshi gesot: Sou komplizéiert kann et net sinn, well de Staat gëtt seng Subside jo och op de Relevé vun de Formatiounen vun den Encadranten. Wéi gesot, do ass ëmmer nach eng Méiglechkeet, fir dat ze verbesseren. A mir maachen nach eng Kéier den Appell, dass mer eng Kéier eng konstruktiv Versammlung maachen, an a voller Transparenz. Dann huele mer eis de Schlëssel vun der Opdeelung vun de Subsidien op de Leescht, a mir kucken iwwer all Veräin seng Demande.

Genau wéi bei de Subsidien vun de Studenten an de Schüler, dat kréie mer jo och ronn. A wann ech kucken, hei si just 70 Veräiner, déi e Subsid kréien, dann dierft dat jo och net sou komplizéiert sinn, dass mer eis do eng Kéier zesummesetzen.

Et geet och net drëm, wéi mer ëmmer virgeworf kréien, d'CSV géif eng Divisioun maachen tëschent Sport an anere Veräiner. Dat ass genau sou net richtig, wéi mer jo och bei Studentensubsidien keen Ennerscheid maachen tëschent Schüler aus dem Classique, Général a Professionnel. Et geet net dorëmmer, mee et geet drëm, dee Schlëssel nach eng Kéier méi transparent duerchzeschaffen. A bei 70 Demanden déi berücksichtegt ginn, dierft dat jo net sou schwierig sinn. Mir wëllen den transparenten Dialog, deen och déi Aarbecht déi d'Veräiner maachen, andeems se hiren Dossier preparieren, deem och gerecht gëtt. Firwat net zum Beispill déi Leit, déi an der Subsidienkommissioun sinn, sollicitieren, fir iwwer déi Dossier ze kucken. Déi hunn zweemol am Joer eng Sëtzung, ech mengen do wär sécher och eng Bereedenschaft do, fir am Kader vun där Subsidienkommissioun och d'Veräinssubsidien nach eng Kéier duerchzeschaffen. Déi ganz ausféierlech ausgeschaffte Bewertungstabell, déi ënner anerem och de Jemp Gangler an de René Goergen an der Zäit am Aarbechtsgrupp aus-

geschafft hunn, dat ass sécher eng gutt Basis. Mee do kann ee sécher nach e bësse feilen an dat nach e bësse méi transparent maachen.

Ech betounen et nach eng Kéier: Mir begreifen natierlech selbstverständlech all Ënnerstëtzung vun de Veräiner. Mir wëssen och dass dat hei net alles ausmécht, wat d'Ënnerstëtzung vun de Veräiner mécht. Mir als Gemeng maachen och logistesche ganz vill, mir ginn e Coup de main, dat ass eng ganz gutt Saach. Mee mir géifen d'Asetze vun enger Kommissioun, respektiv d'Abanne vun enger existierender Kommissioun fir d'Bewertung vun den Demanden vun de Subsidien nach eng Kéier op de Leescht ze huelen, dat géife mer ganz begreifen.

Ech hunn awer och e puer Froen. Éischtens, ech hat jo gesot, et ware souvill Veräiner, déi matgaange ware mam Cortège, wann ech de Listing kucken, dat waren iwwer 200 Veräiner, déi mer oplëschten hei an eisem Cortège des associations. A wann ech da kucken, 70 Veräiner, bon, et kommen nach d'Museksgruppe derbäi a verschidden anerem, mee do komme mer awer lagement net op déi 200 Veräiner. Woubäi awer steet, fir d'Participation bei der Fête nationale kriss de awer 40.- Euro. Wéi geet et dann elo mat deenen anere Veräiner? Déi Diskrepanz tëschent 200 a 70? Kréien déi dann awer déi Participatioun oder ass dat wierklech just, wann een e kompletten Dossier erareecht?

Dann, eng Fro, déi mer ëmmer erëm gestallt kréie vu ville Veräiner: Firwat hu verschidde Veräiner méi e lichten Zougang zu Manifestatiounen, fir zum Beispill e Gedrénksstand unzebidden, e Catering unzebidden? Ech schwätzen elo virun allem vum USINA, wat e mega-coole Succès war a wou verschidde Veräiner awer mol net gefrot gi sinn an och net woussten, wou se sech hätte solle mellen. Wäre dat net vläicht och eng Fro, déi ee kéint an de Questionnaire mat erabréngen? Wat kënnt dir als Veräin ubidden? Wéini sidd dir disponibel? Dann hu mer d'Familljefest, dann hu mer d'Fête de la musique, dann hu mer iergend en anerem Event. Wéi disponibel sidd der? Wat kënnt der ubidden? Dat wär och flott, da géifen och mol aner Veräiner d'Méiglechkeet kréien, hir Keess opzefëllen. Well d'Fro ass och, wéi gëtt dat momentan gehandhaabt? Anscheinend ass et sou, et gëtt ee gefrot. Mee vu wem gëtt ee gefrot? A firwat gëtt deen ee gefrot an deenen aneren net? Oder müssen d'Veräiner sech mellen? Wéi eng Optimiséierung kéint een do nach maachen, fir do nach e bësse méi eng Gerechtegkeet ze bréngen?

Ech hu mer natierlech och d'Méi gemaach, d'Lescht vun de Subsidien duerchzekucken. Den Här Spina hat gesot gehat, verschidde Veräiner hu manner Memberen. Bon, d'Variatiounen sinn heiansdo vun d'lescht Joer 745.- Euro op 600.- Euro erofgaangen. D'Amicale des Enrôlés de force, dass do d'Memberen ofhuelen, dat ass warscheinlech naturgebonnen. Mee bon, do sinn awer anerem, déi kréien awer méi, wou ee sech dann och freet, wat ass do d'Argument, oder wéi geet dat vir sech? Also wéi gesot, mir fannen et net schrecklech transparent. Da feelt eis dës Kéier awer och d'Association à subsidie fixe. Do hunn ech mer dann d'Méi gemaach, dat nach eng Kéier duerchzewullen an eisem Budget.

Do stelle mer fest, dass d'Quartierscomitéen, Quartier Italien, Quartier Schmelz-Comité, Interesseveräin Butschebuerg, Bons Amis Burange, déi kruten alleguer méi, vun 200.- Euro sinn déi op 385.- Euro gehéicht ginn. Dat ass eng global Zomm, fir jiddwereen d'selwecht. Dat begréisst mer, well mir fannen et och ganz wichteg, dass déi Comitéen, déi an de Quartieren aktiv sinn och ënnerstëtzt ginn.

Dann, wat opfällt, dat ass dass déi Subside fir d'Harmonie de la forge du sud, d'Harmonie municipale, déi kruten ëmmer 1000.- Euro extra, mee déi hate jo och ëmmer en extra Posten: Subventions aux sociétés de musique, dat ass dës Kéier och nees am Budget virgesinn. Do kritt d'Harmonie municipale 18.700.- Euro, d'Forge du sud 12.000.- Euro. Dofir huelen ech un, dass déi 1.000.- Euro, déi mer ëmmer ënnert Subsiden haten, dass déi ewechgefall sinn, well déi jo awer och schonn e relativ wichtige Montant kritt hunn. Dat war ëmmer eng Demande, déi mir ausgeschwat haten, firwat déi zweemol do stinn? Firwat dass déi e Subside fixe kréien an dann awer och nach ënnert deenen normale Subsiden eppes kréien? Wat awer opfällt, dës Kéier hu mer net méi Summer, Spill a Spaass, déi hate mer d'lescht Joer nach opgeléicht, déi Veräiner, déi do matgemaach haten. Dat ware 4.400.- Euro. Déi sinn elo net hei derbäi. Am Budget vun de Manifestatiounen steet awer, dass 20.000.- Euro fir Summer, Spill a Spaass virgesi sinn, dat ass dee selwechte Budget wéi 2021. Wéi ass dat elo gehandhaabt ginn? Kruten d'Veräiner do näischt oder steet dat iergendwou, wou ech dat net fonnt hunn?

Also wéi gesot, et sinn e puer Froen, déi sech aus dem Detail stellen, mee virun allem denke mir dass et awer vläicht flott wier an engem Grupp, sief et an der Subsidekommissioun, oder an enger Ad-hoc-Sëtzung, sou wéi mer et d'lescht Joer gemaach haten, einfach déi 70 Dossieren, dat ass jo wierklech net d'Welt, eng Kéier am Detail duerchzehuelen, well ech kucken an de Subsiden, do hu mer dat Duebelt oder dat Dräifacht, wou mer mussen duerchwullen an dat geet och. Ech géif dat einfach besser fannen. A virun allem meng Fro: Wéi maache mer et, dass et méi gerecht ass, dass verschidde Veräiner och mol Zougang kréien zu de groussen Manifestatiounen fir hir Keess opzefëllen? Well et si ganz vill Veräiner, déi och, dat muss een och soen, net nëmmen d'Suen huele fir sech, mee mat de Suen, déi se anhuelen iwwert d'Joer och en Don maachen. Ech denken zum Beispill un d'Knabbermais, déi ganz grousszügeg sinn am Weidergi vun hiren Donen. An da wéi gesot, wou kënnt déi Diskrepanz hir vun deenen 200 Veräiner, déi mer um Cortège, laut Listing, gesinn hunn an deene 75 Veräiner, deene mer awer just e Subsid ginn? A wéi kréien déi Leit, déi um Cortège deelhuelen awer hir 40.- Euro Participatioun? Voilà. Dat waren e puer kleng Froen. Merci.

BOB CLAUDE (LSAP): Merci Här Buergermeeschter. Et ass déi 9. Kéier, datt de Gemengerot iwwert d'Verdeele vun den ordinaire Subside fir eis Veräiner an Associatiounen debattéiert. No zwee battere Joren, bedéngt duerch d'Pandemie, ass d'Normalitéit erëm agetrueeden. D'Veräiner kënnen wéi gewinnt hiren Aktivitéiten nokommen. Sou fält d'Erhéijung vu 50% vun de Mon-

tanten dëst Joer ewech. De Verdeelungsschlüssel mat senger Kritären war jo ab 2012 vun deem deemolegen Aarbechtsgrupp ausgeschafft ginn. Mir bleiwe bei eiser Meenung, datt déi Verdeelung transparent a gerecht ass. Vergläicht ee mam Tableau vum leschte Joer da stellt ee fest, dass eng Rei Veräiner ganz e wéineg méi kleng Bäitrag kréien, anerer doduerch e bësse méi héijer. Mam Gesangsemble Cantus Gaudium ass ee Veräin bäikomm. Den Echo bei de Veräiner ass weiderhi gutt. Dat soe si jiddefalls dem Schäfferot an hirer Generalversammlung. Dës Subside sollen eng Motivatioun si fir déi wichteg Sozialiséierungs- an Integratiounsarbecht an eiser Gesellschaft weiderzeféieren. Et ass evident, dass déi infrastrukturell, materiell a logistesche Ënnerstëtzung vu Säite vun der Gemeng weider wäert bestoe bleiwen. D'LSAP-Fraktioun stëmmt der Subsideverdeelung fir d'Joer 2021 zou.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Merci fir déi zwou Stellungnamen. Ech fänken natierlech gär mat der Zoustëmmung vun der LSAP un, bezéiungsweis dat, wat den Här Claude gesot huet, et ass een Deel vun der Ënnerstëtzung, wat d'Madamm Kayser och erkannt a gesot huet. Virun allem, dat muss ee wierklech soen, et ass eng risegrouss Akzeptanz bei de Veräiner. Dat ass dat, wat Der elo gesot hutt. Well wa mer den Tour vun de Veräiner maachen, net nëmmen an hire Generalversammlungen, mee mir probéiere jo regelméisseg am Austausch ze sinn, net nëmme mir als politesch Responsabel, mee och eis Servicer. Engersäits Fêtes et Manifestations oder de Sportsservice, déi allen zwee wierklech ganz vill mat de Veräiner ze dinn hunn. D'Subsiden ass do keen Thema, wat dat ubelaangt. Déi si frou an zefridden, déi kënnen dat och novollzéien, wat mir do proposéieren. Vill méi wichteg ass fir d'Veräiner effektiv déi logistesche an infrastrukturell Ënnerstëtzung, bezéiungsweis och den Austausch, dee mer regelméisseg mat hinnen hunn, fir zesumme Léisungen ze fannen.

Mir sinn och elo net der Meenung, dass nach eng Kommissioun oder e Subsidegrupp muss zesummekommen, fir do lo nach weider un deem Schlüssel ze dokteren. Aus Erfahrung wou mer gemaach hu mat deem leschte Subsidegrupp, bezéiungsweis och mat där leschter Ronn, déi mer do zesumme gedréit hunn, do ass relativ schnell erauskomm, dass mer hei ganz gutt ënnerwee sinn. An d'Optimiséierung soll jo och sënnvoll sinn och am Kader vum Opwand, deen domadder verbonnen ass, fir dass d'Veräiner zu hire Subside kommen. Also mir sinn nach ëmmer der Meenung, dass dat doten e ganz gudden a korrekte Schlüssel ass. A virun allem fir ganz grouss Zefriddenheet bei de Veräiner suergt. Dofir si mir der Meenung, dass ee keen neie Moment do soll kreéieren an e weideren Aarbechtsgrupp an d'Liewe soll ruffen.

Dat mam Cortège, dat ass jo nëmmen deelweis esou. Dat heescht jo net, wann een am Cortège dobäi ass, dass een dann d'office déi 40.- Euro kritt. Do muss ee schonn e kompletten Dossier ofginn an da gëtt dat mat berücksichtegt, ob een do deelgeholl huet oder net. Awer et ass net sou, du kënns op de Cortège an da kriss de déi 40.- Euro. Dat ass jo ni gesot ginn. An dat ass och e bëssen d'Äntwert, firwat een déi Veräiner elo hei rëmfënnt, déi een hei rëmfënnt. Mir schreiwen

alleguerten eis Veräiner an Associatiounen un. An déi decidéiere mol fir d'éischt, ob se iwwerhaupt äntweren oder net. Et ass eng Rei vu Veräiner déi soen, mir sinn zefridde mat deem, wat mir kréien, bezéiungswies brauche mir dat net a mir maachen do keen Dossier. Mir maachen do och nach eng Kéier e Rappel, sou wéi dat am Gemengerot festgehalen gouf. An da clôturiere mer den Dossier, an déi, déi sech gemellt hunn, déi kréien dann deementspreechend Subsidien.

De Summer, Spill a Spaass, dat ass en Artikel fir sech. Dee fält elo hei net drënner. Dat gëtt à part traitéiert, dat huet näischt mat den ordinaire Subsidien ze dinn, déi mer lo haut hei wäerte stëmmen. Dat selwecht ass am Fong den Zougang zu de Manifestatiounen. Dat huet am Fong elo näischt heimadder ze dinn. Et ass awer esou, dass mer engersäits mat deenen zesumme schaffen, wou mer wëssen, dass se dat kënnen. Well net all Veräin ka sou eng grouss Envergure packen – Dir hutt USINA 2021 ugeschwat – dat war dëst Joer en neie Moment. An aus den Erfahrungen, déi mer an de leschte Joren haten, hu mer effektiv probéiert, ob déi zréckzepräifen, wou mer sécher waren, dass se géifen assurieren, sou eng grouss Mass vu Leit ze geréieren. Fir de Rescht kënnen awer d'Veräiner – an dat maache se och reegelméisseg – sech engersäits beim Service des Sports, beim Service Fêtes et Manifestations oder beim Service culturel mellen, wa se menge se kéinte bei iergendengem Fest hëllefen. An da gëtt probéiert, si an de Roulement mat eranzehuelen, souwäit een dann am Austausch mat hinnen erausfënnt, ob si dat dann och assurieren. Well den Dag selwer muss et och klappen. An déi grouss Veräiner, déi hunn dat schonn e bësse bestätegt, dass se dat hikréien. Dofir ass et bei deene grouss Manifestatiounen och ganz oft sou, dass mer drop déi zréckzepräifen.

A wéi gesot, ech denken elo z.B. un de Badminton, déi hate sech och viru Jore gemellt, déi ware soss ni dobäi an du ware se an der Nuits des sports dobäi. Dat ass sécher ëmmer erëm méiglech, an et sinn och Veräiner, déi et op eemol net méi hikréien, an déi dann ofsprangen, an da komme rëm neier dobäi. Also d'Veräiner solle sech mellen, wa se menge bei enger Manifestatioun kënnen eng Hand unzepaken. Déi fix Subsidien, déi sinn hei net op deem doten Tableau ernimmt. Dir hat et ugedeit Madamm Kayser, engersäits hu mer bei den Harmonien Date regroupéiert am Fixen. An dat ass och am Budgetdokument sou votéiert ginn. Deementspreechend kënnen déi ausbezuelt ginn, ouni dass mer se hei an deem Listing rëmfannen. Ech hoffen, dass ech elo den Tour vun de Remarque gemaach hunn a géing lech da mol merci soen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech hätt awer dann trotzdeem nach eng Suggestioun mat de Veräiner, well et heescht, si solle sech mellen. Vlächtt kann een do awer, beim nächste Flyer, deen een do rausgëtt, awer vlächtt opschreiwen, ob d'Leit disponibel sinn. D'Leit wëssen dat oft net. Well ech hunn awer gesot kritt, elo zum Beispill fir Nationalfeierdag, do ass ee Veräin zwee, dräi Deeg virun ugeschwat ginn, ob dee géif eng Grillade maachen oder sou. Do ass dann d'Fro, firwat ginn déi ugeschwat an net en aneren? Warscheinlech war een ofgesprongen, huelen ech un, mee do wär et

awer vlächtt flott, wann een dat géif dra soen: „Wéi eng Disponibilitéit hutt der? Mir kenne jo eisen Agenda e bëssen. A wat kënnt der ubidden? Och fir vlächtt mol eng Diversifikatioun vun der Offer ze kréien. Et muss net ëmmer Grillwurst sinn. Et gëtt vlächtt och eng flott Iddi, fir eppes anescht ze maachen. Vlächtt kéint een dat och vlächtt mathuelen.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Effektiv, de Kont sollt jo vum Ministère aus op Null gesat ginn. Dat heescht, déi Sue sinn transferéiert ginn. Bei eise Recette comptabiliséiert ginn déi Clienten, déi ausgemaach ginn, déi ze vill bezuelt hunn, fir en eventuelle Remboursement ze maachen. Dat ass d'Äntwert. D'Sue ginn zréck an d'Recette. A vun do aus ginn d'Clienten identifizéiert, souwäit si nach um Territoire sinn a souwäit wéi mer se kënnen identifizéieren, ginn déi rembourséiert.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Toutes proportions gardées dierf een net vergiessen, dass en fonctioun vun der Manifestatioun de Veräin och ëmmer muss fir sech decidéieren a wëssen, ob e mat deene Leit déi en huet, dat gestëmmt kritt. Well de Viowend vun Nationalfeierdag ass eppes anescht wéi eng Fête de la musique an et ass nach eppes anescht an der Gradatioun wéi den USINA. Do muss och de Veräin wëssen, huet e genuch Benevoller am Comité oder ronderëm de Comité, fir dann och am Kader vun där Manifestatioun, dat wat op en duerkennt, a mir wësse jo, wéi eis Manifestatiounen lafen, déi hunn ëmmer e Risesuccès, do ass ëmmer e Risenundrang. Ob's de dann och déi néideg Manpower hues, fir dat dann hinze kréien. Och dat ass eng Realitéit. An do ass et hei net anescht wéi op anere Plazen. Do si Veräiner, déi si besser opgestallt, well se méi Leit hu wéi aneren. Dat ass och ze berücksichtegen an deem Ganzen. Si soss nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall.

Da géif ech hei de Gemengerot froen, wien hei mat der Allocatioun vun dëse Subsidien averstanen ass? D'Stëmme vun deene Grénge, LSAP, onofhängege Member. Wien ass dogéint? Wien enthält sech? D'CSV. Villmools merci.

3.13. Allocatioun vun extraordinaire Subsidien

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da bleiwe mer bei de Subsidien, dann hu mer hei d'Subsides extraordinaires. Quitt dass se zwar schonn am Gemegebudget dra sinn, mee mer musse se ëmmer hei votéiere loosse. 30.000.- Euro fir Diddeleng hëlleft. 250.- Euro fir d'Association nationale des victimes de la route an 125.- Euro fir d'ALA, Association Lëtzebuer Alzheimer.

Ass dat fir de Gemengerot OK sou? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools merci.

3.14. Approbatioun vun engem Contrat de bail mat der bestuetener Koppel Jean-Marie Kontz an Nancy Meisch fir e Geschäftslokal op 1-6, Plaz am Duerf

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da komme mer op e Contrat de bail. D'Gemeng gëtt erëm Locataire vun engem Commerce. Am Duerf hu mer eis

d'Richtung ginn, fir deen do ze besetzen, mat engem Concept Store oder engen Pop-up Store. Wou mer hei dee Contrat de bail guttheeschen, dat ass am Fong dat 6. Geschäftslokal hei an Diddeleng, wou d'Gemeng en tant que telle Locataire ass an och weider verlount. Dat ass eis Approche, déi mer an deene leschte Joren hunn, wou de City Manager dat och aktiv ugeet. Wou mer Geschäftslokaler ulounen. Eis Strategie ass och e bëssen eng volontaristesche Approche, wou mer Lokaler an enger gudder Lag hunn, dass mer déi dann ulounen, fir dann och ze steieren, wie mer dohinner wëllen a virun allem, wie mer net dohinner wëllen. Hei ass et dann e Contrat de bail tëschent dem Här Kontz an der Madamm Meisch an der Stad Diddeleng. Et ass e Lokal vu 74 Meterkaree op der Plaz am Duerf. De Contrat de bail leeft den 1. Juli 2022 u fir 9 Joer. Dat da fir e Loyer vu 1.700.- Euro. Do sinn dann natierlech och Chargen dobäi, 200.- Euro. Natierlech ware mir eis eens, dass et exclusivement d'ordre commercial ass. An et ass och dat, wat mer wëlle maachen. Eise City Manager ass och scho mat deem engen oder aneren a Kontakt, fir dat Lokal ze besetzen ab d'Rentrée. Hei huele mer als Gemeng d'Risques locatifs en charge. An natierlech ass och en Etat des lieux gemaach ginn, éier mir dat heiten iwwerhuelen.

Wa mer dat heiten ulounen, dann zur Weideraktivitéit. A wa mer dat heiten elo net gemaach hätten, da wär einfach iergendeen Déngschtleeschungs-service dra-komm, e Service tiers, wat der Attraktivitéit vun der Plaz sécherlech net gedéngt hätt. Well sécherlech wäer schonn Interessenten do, mee net an deem Esprit, wéi mir eis et virstelle fir déi dote Plaz ze beliewen. Dat heite reit sech an an all déi Efforten, déi mer maache fir weider un enger attraktiver Geschäftswelt ze schaffen. Mir hu jo och eng Rei Succèsen, Leit, déi sech definitiv hei nidderloossen, nodeems se sech hei getest hunn. An hei schreiwe mer eis an déi selwecht Approche an. Ech mengen ech hunn elo alles gesot, wat dëse Contrat de bail ugeet.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Dir wësst, dass mir och am Ufank wéi déi Iddi Pop-up Store, Concept Store am Gemengerot virgestallt ginn ass, dass mer déi als CSV matgedroen hunn. Mir hunn dat ganz gutt fonnt. Mir sinn och ganz begeeschtert, dass e Buttek wéi de „Blossom“, deen d'Iddi vum Pop-up Store am Fong ëmgesat huet, sou wéi mir eis dat virgestallt hunn. Si ware fir d'éischt bei eis am Pop-up Store an herno hu se sech definitiv hei zu Diddeleng ugesidelt, well se gesinn hunn, hei ass awer eng Populatioun, déi och bei si akafe kënnt. Dat ass eng ganz gutt Saach. A sou sollt et jo och sinn. Idem mam Spillsaache-geschäft an der Niddeschgaass, dat och verlängert huet, dat ass ganz gutt. Enttäuscht ware mer natierlech, wéi am Cube d'Musek Box huet misse rausgoen. Dat war ganz schued. Dat war och eng Plus-value an eng aner Offer. Mee bon, do gesäit een ebe wéi et hautdesdaags ass, dass och kleng Geschäfte mat Nischeprodukten awer net géint déi grouss Online-Shopping-Formule kënne bestoen. Schued fanne mer et, dass d'Musek Box eraus ass. A mir fannen et och nach ëmmer schued, dass am Cube, do ass am Fong e Service tiers niddergelooss. An do ass kee Shop, ausser elo ganz vir dee kleng Buttek mat Seefen, deen déi

Madamm do opgemaach huet a mat handgemaachene kleng Cadeaus-Artikelen. Mee dass de Cube net ganz genotzt gëtt. Dass do net aner Institutiounen dra sinn, déi och zum Beispill méi Passage public géife generéieren.

Mir fannen och, wann ee sou e Pop-up Store huet, dann ass et wichteg, dass dat och eng Plus-Value ass an eiser Offer an eiser Niddeschgaass. Mir brauche Kleedergeschäfte, mir brauch Schonggeschäfte. Déi kleng Pop-up Storen, déi sou Cadeausaachen ubidden, dat ass jo alles schéin a gutt, mee do gees de och keng 20 Mol hin. Mee wann s de awer e Kleedergeschäft hues, wat gutt Marken huet, dat ass awer eppes, wat och jiddweree ka méi notzen. Staark kritiséiert hu mer schonn d'leschte Kéier d'Net-Opmaache vun eisem Pop-up Store an der Niddeschgaass, wou mer säit November 2021 e Loyer bezuelt kréie vun enger Firma Album, déi awer net opmécht. An nach ëmmer ass näischt geschitt a mer kruten ëmmer gesot: Et geet elo, et geet elo, et geet elo. Mee et geet awer nach ëmmer net op. An ech denken, éischters emol brauch eng Firma, déi sech et kann erlabe säit November 2021 Loyer ze bezuelen, ouni opzemaachen, brauch déi Firma wierklech d'Ënnerstëtzung vun der Gemeng?

Dann zweetens hate mer och gefrot, dass mer an de Kontrakt mam Sous-Locataire eng Klausel asetzen, bis wéini de Shop muss opgoen. A wann dat de Fall net ass, sief et no 6 Méint zum Beispill, dass dann eben de Kontrakt och hifälleg ass. Ech denken dat mécht net gutt, wa mer e Lokal lounen, mir als Gemeng, an do geschitt näischt dran. Dat ass och e schlecht Beispill fir déi aner Proprietären an der Niddeschgaass oder an deene Stroosse ronderëm, wou déi gäre géifen hir Geschäfte weiderverlounen a wou mir dann, fannen ech, e bësse wéi eng Concurrence déloyale sinn, andeem mer d'Hand op eppes halen, wat awer der Populatioun näischt bréngt. Dofir ass eis Meenung, dass mer lo mol solle kucken, dass mer dee Buttek beliewen, dee mer schonn ugelount hunn, éier mer lo nach e Geschäft ulounen.

An, wat eis och immens stéiert, dat ass, dass de Kontrakt hei op 9 Joer ass. 9 Joer, dat fanne mer e bësselche laang, well dat war bei deenen anere Kontrakter awer net sou virgesinn. An do froe mer eis: Firwat solle mir eis do 9 Joer verflachte fir engem Proprietär en deiere Loyer ze bezuelen, ouni genau ze wëssen, wéi ee Buttek mer do drasetzen. An dat mam Service tiers. Jo, ech huelen un, dass eng Agence immobilière oder eng Assurance vläicht dee Loyer kënne bezuelen. Mee wa mer keen interessant Geschäft dohinner setzen, wat eppes bréngt fir Diddeleng, dann ass d'Fro, ob mer eis dann net mat deenen 9 Joer awer ze vill hypothequéieren, an och no baussen net glafwierdeg sinn. Well ech denken net, dass et einfach ass, e Locataire, e Sous-Locataire ze kréien, deen och op de Wee geet vun 9 Joer. En plus, mat de Failliten hautdesdaags, mat den Imprevuen ass dat net gutt. Dofir, mir hätten elo mol d'Propos gemaach: ein Innehalten. Mol kucken, dass deen ee Buttek gutt leeft an dann dat heite géife mer mol e bësse méi no hanne verschiben a mol einfach ofwaarden, wat sech do nach ergëtt. Zu dësem Moment fanne mer dat heite lo keng sou ganz gutt Iddi. Merci.

ALAIN CLEMENT (LSAP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, e Bail wéi deen, deen eis haut am Gemengerot virläit, wou mer als Gemeng eng weider Surface commerciale loune fir se dann an d'Sous-locatioun ze ginn ass fir eis hei banne jo keen neie Moment. Mir versiche jo scho säit enger gewëssener Zäit mat dëse Moosnamen eise Commerce ze stäipen an hëllefen, dofir ze suergen, dass och an Zukunft eisen Zentrum senger Bestëmmung als attraktiv Geschäftsstrooss gerecht ka bleiwen. Wann och alt emol an dësem Kader eppes net vun Ufank u sou ronn gelaf ass, wéi een sech dat gewënscht hätt, an och déi eng oder aner Kritik geäussert ginn ass, kann een awer ënnert dem Stréch festhalen, dass dës Moosnamen allgemeng bis elo richteg waren, well de positiven Effekt den negativen zolidd iwwerweicht. Et steet fest, dass déi Moosname gräifen. Mir hu wéineg bis kee Leerstand, an dat ass enorm wichteg fir d'Moral vun de Geschäftsleit, mee och vun de Bierger, déi lokal wëlle kafen. Mir hunn ëmmer erëm Decisiounen heibannen ze fällen, wou et drëm geet, eise Patrimoine ze schützen, ze restauréieren an der Nowelt ze erhalen. Dat stéisst jo net nëmme eleng bei der Majoritéit op grouss Zoustëmmung.

Den Erhalt vun eise Geschäftszentrum reit sech a mengen Ae genau an déi selwecht Schinn an. D'Rue Grande-Duchesse Charlotte war scho eng Geschäftsstrooss an där sech e gudden Deel vum Liewen an der Stad ofgespillt huet, éier deen Eelste vun eis hei banne gebuer war. Hei konnte sech scho laang Jore virun eiser Zäit Bierger begéinen an e puer flott Stonne verbréngen. Et ass awer och dës Stadkär, dee scho säit enger laanger Zäit enger grousser Unzuel vu Mënschen eng Aarbechtsplaz bitt. Dee verdéngt et genau sou wéi en aalt Arbeds-Gebai, dass en der Nowelt erhale bleift. Et hätt een als Gemeng sécherlech net viru Jore geduecht, dass een op dës Aart a Weis mol eng Kéier misst dem Einzelhandel ënnert d'Äerm gräifen. Ech muss als Geschäftsmann awer soen, dass ech héich frou doriwwer sinn dass d'Gemeng Diddeleng bei deem Sujet net einfach ewechkuckt, mee hir Roll als wichtige Partner vum Erhalt vun dësem Ganze séier gerecht gëtt.

Haut geet et zwar net ëm e Lokal an der Grand-Duchesse Charlotte, mee ëm eent op der Plaz am Duerf. Dat läit dann dës Kéier net direkt an deem Patrimoine-Gebitt, vun deem ech elo grad geschwat hunn, well d'Plaz am Duerf jo relativ rezent gebaut gouf, mee si ass awer domat verbonden, an et ass eis ganz wichteg, dass dës Plaz och deem Zweck, fir dee si gebaut gouf, ëmmer méi gerecht gëtt, an dofir dee Schrëtt, dat Lokal op 1-6, Plaz am Duerf ze lounen, mir stellen eis als LSAP-Fraktioun gären och erëm zu 100% do hannendrun. Ech soen lech merci.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Mir hunn eis gefrot, et ass jo ordre commercial, mee kann een do och eppes aus der Gastronomie maachen? E Café oder e kleng Snack oder sou? Déi Plaz do ass jo wierklech predestinéiert. Do ass kee Verkéier. Do hu mer scho de Glacëbuttek, de Chalet. Well mir hate jo scho e bësse Va-et-vient do mat sou kleng Butteker. Dat ass schwierig do. D'Fro ass: Kann och Gastronomie do rkommen?

CLAUDE MARTINI (CSV): Merci fir d'Wuert. Ech ergänze jo just meng Kolleegen nach eng Kéier, déi hei scho geschwat hunn. Ech hat et scho e puer Mol gesot, an ech behale mech op e bësse dorobber, well dat fir mech deen eenzegen Auswee ass, dee mer an Zukunft wäerten hunn, dass mer nach méi Aarbechtsplazen zu Diddeleng brauche fir d'Geschäftswelt oprecht ze erhalen. Et si Firmen, déi froe fir op Diddeleng ze kommen, Firmen déi sech bei lech mellen, fir sech hei niddereeloossen. Mat wéi vill Firmen hutt Der Kontakt, déi hei eng Plaz sichen, fir sech kënnen niddereeloossen? Wa mer Aarbechtsplaze kreéieren am Zentrum, wa mer Aarbechtsplaze kreéiere ronderëm den Zentrum, da beliewe mer den Zentrum och. De Fait ass deen, dass alles méi deier gëtt an d'Leit, déi akafen ginn, déi wäerten an Zukunft nach manner Suen hu wéi elo. Alles wat mer elo ausgi fir Energiekäschen, fir Baukäschen, déi Sue gi mer manner aus fir akafen ze goen an iessen ze goen. Wann s de also wëlls hunn, dass deng Geschäfte an dengem Zentrum weiderhi ginn, brauchst de also nach méi Leit, déi am Zentrum kënnen akafen. Soss geet eis Rechnung, eist ganz Konzept, guer net méi op.

Wou sti mer do als Gemeng, fir nach méi Aarbechtsplazen ze kréien? Si Firmaen, déi un lech erugetruede sinn, déi Plaze sichen, fir sech niddereeloossen, deene mer kënnen am Zentrum eppes zur Verfügung stellen? Oder wou mer kënnen eng Perspektiv ginn, war mer z.B. beim Fohrmann och dee ganze Quartier an Ugrëff huelen. Dass mir hinnen eng Perspektiv kënnen ginn, dass si sech do kënnen niddereeloossen. An dass mer dann e Liichtbléck hu fir méi Leit an den Zentrum ze kréien, déi dann och kënnen hir Suen hei loossen? Ech menge wann s de am Zentrum schafft, da mécht de och e mol e Cadeau hei, du gees däi Kaffi dréngen, du gees mëttes iessen. An ech befierchte ganz, datt dat an Zukunft manner Leit wäerte ginn, wéi dat elo de Moment de Fall ass. Do musse mer wierklech dergéint rudder. Wou si mer do drun?

ALAIN CLEMENT (LSAP): Fir kuerz dozou Stellung ze huelen. Dat wat mer jo lo hei maachen ass jo genau dat, wat mer zum Deel kënnen maachen, dass mer entgéint rudder. Well et ass jo elo sou, mir mussen dofir suergen, dass eisen Zentrum attraktiv bleift. Mir kënnen net erwaarden dass fir d'éischt d'Leit kommen an da kommen d'Geschäfte, wéi dat zum Deel op anere Plaze gelaf ass. Mir musse fir d'éischt eng Attraktivitéit schafen, an déi entsteet net vum selwen. An et ass och elo net sou, dass elo eng Schlaang vun Demanden do ass, fir op Diddeleng ze kommen. Et ass éischer sou, dass eise City Manager oft un d'Diere klappe geet an e Kuerf kritt, well dësen an dee sech iwwerhaupt net méi traute, an enger Stad e Geschäft opzemaachen.

A vu que dass mer déi Sécherheeten hunn, déi mir lo hei schafen an eben och mat kontrolléieren, ass et éischer, dass mer dat Zil do erreechen, wat s Du do gesot hues, fir wa mer där Saach de Réck stäipen. Och wa mol een eng Kéier dobäi ass, wéi do ënnen an der Niddeschgaass, wou no 6 Méint nach net opmécht. Ech hunn am leschte Gemengerot gesot, wéi laang ech gebraucht hunn, dass mäi Geschäft konnt fäerdeg ginn. Hei huet eppes komplett Neies misse gebaut ginn. Ech konnt oploossen, och wann zum Deel geschafft ginn ass. Mee

et kann een net d'Publikum an e Chantier loossen. A wann een eng Kéier rageet, da gesäit een, wat fir eng Surface dat ass. Déi mécht een net an zwee, dräi Deeg frësch. An ech denke mir kënne frou sinn, dass mer an dësem Fall op eng Societéit gefall sinn, déi et fäerdeg-bruecht huet, hire Loyer trotzdeem ze bezuelen. A sou wäit ech weess, ass et elo ganz kuerz virun der Ouverture. Nach dëse Mount, wann elo net nach iergendwou awer e Kleederbigel ëmfält.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci. Mer hoffe jo net, dass e Kleederbigel ëmfält. Merci fir d'Diskussiounen an d'Abréngen. Ech géif dann op verschidde Punkten agoen. Deelweis si mer op där selwechter Linn, deelweis awer och net, à quelques exceptions près. Ech menge mir sinn eis eens, dass mer d'Diddelenger Geschäftswelt weider attraktiv wëllen halen a mir probéieren als Gemeng, eis do anzebréngen wou mer kënne an an deem Handlungsspillraum wou mer hunn. Mir däerfe mengen ech net an déi intellektuell Fal falen, dass mer soen, andeems d'Gemeng e Lokal ulount a weider verlount, dass doduerch de Succès vun dem Geschäftsmann oder der Geschäftsfrau, déi sech usidelt, méi grouss ass, wéi wann e Privaten engem Geschäftsmann, enger Geschäftsfrau eppes verlount fir hire Commerce. De Locataire oder Sous-locataire, also de Locataire ass vläicht en aneren, mee d'Chancen, déi sinn déi selwecht. Entweder et geet gutt oder et geet net gutt. Et däerf een net deen Denkfeeler maachen, dass ee mengt, wann d'Gemeng Locataire ass, dass et d'office keen Echec gëtt. Da geet een och scho ganz aneschtens un d'Situatioun erun. Éischtens.

Zweetens, wann - an dat hu mer jo och gemaach, dee Succès hate mer jo schonn - wann een op deen do Wee geet, d'Gemeng hält do méi de Risiko op, Jonken eng Méiglechkeet ze gi fir sech niderzeloosse wéi e Privaten. Dee kuckt do éischter déi ekonomesch Interëten de prime abord – déi kuckt natierlech d'Gemeng och, och si hätt gären hire Loyer. Mee d'Gemeng ass ëmmer méi enclin wéi e private Propriétaire fir ze verlounen, fir och am Kader vun engem Pop-Up Store Jonken d'Méiglechkeet ze ginn, Saachen ze testen. An déi Schinn si mer hei gefuer. An ech kréie vun enger ganzer Rëtsch Leit gesot, déi ausserhalb vun Diddeleng wunnen, dass Diddeleng hei e Wee gaangen ass, oder geet déi lescht Joren, deen aner Stied net sou aschloen. Dat mol dozou. Dann déi e bësse méi generell Remarken. An do huelen ech och déi Remark mat era vum Här Martini. E Stadkär ass net do, fir Firmaen unzezéien, e Stadkär ass do, fir prinzipiell Commercen unzezéien. Wa mer wëlle Firmaen unzeien, dat ass en aneren Ordre de grandeur wéi e Commerce de proximité. Ech weess net, wat Är Definitioun dovun ass, meng ass op alle Fall déi. Déi sidele sech natierlech op anere Plazen u wéi am Stadkär, déi si geographesch méi an der Peripherie. Mee och do ass en Denkfeeler. Wie soll hei an Diddeleng a priori akafen oder histeieren, fir anzekafen? Dat sinn déi 22.000 Leit, déi hei wunnen. Dat ass de Point de depart. Net d'Firmaen, déi sech hei niderloossen.

Natierlech sollen déi Firmaen déi sech hei niderloossen, an dat diskutéiere mer jo och mat hinnen, en Attrait fannen, dass se och hei an Diddeleng akafen. An do sinn der och eng ganz Rei, déi dat maachen, wou mer

och am Kontakt sinn. Dofir däerf een déi Saachen do net vermëschen oder an déi Fal do falen. Dat e bësse zu deem Generellen. An ech wëll nach eppes dobäisetzen: Jo, natierlech feelen eis e Kleederbuttek, vläicht och éischter fir d'Männer, oder e Schonggeschäft. Engersäits ass vläicht deen een oder deen aneren, wou awer hei uklappt, respektiv deen eise City Manager siche geet. Mee eng aner Realitéit ass awer och déi, dass d'Geschäftsleit sech haut zwee- dräimol iwwerleeën, ob se iwwerhaupt de Schratt woen, engersäits eng nei Zweigstell opzemaachen oder iwwerhaupt sech ze lancéieren. Och dat ass eng Realitéit. An och egal, ob d'Gemeng de Locataire ass oder net de Locataire ass vum Geschäftslokal, d'Donne de depart ass hei genau déi selwecht.

An da kommen ech op déi ursprénglech éischt Remark zrëck, déi ech gemaach hunn a mat deene Contrainten a Realitéite gi mer och als Gemeng ëm a kucken do e Wee ze fannen, an déi Perspektiven, vun deene mer bis elo geschwat hunn, do sinn der jo och eng ganz Rei do. An dass mer elo och op de Wee ginn, fir e sechst Geschäftslokal unzelounen, weist ganz kloer an déi do Richtung. Da ginn ech op verschidde Punkten an, déi méi an d'Detailer gaange sinn. Ech fänke vläicht mat der Madamm Heinen un. Natierlech kann een och an deem dote Gebai eng Gastronomie usidelen. Et muss een natierlech kucken, mécht dat Sënn? Direkt niewendrun ass och e Gastronomiebetrib. Wann een dat mécht, da muss et an der Complementaritéit sinn, et ka jo net dat selwecht sinn. Reng theoretesch besteet d'Méiglechkeet. Ass dat de Wee, dee mer wëlle goen? A priori mengen ech net. Ech wëll et net ausschléissen, mir solle probéieren eppes dohinner ze kréien, wat d'Plaz belieft, mee dat soll net identesch si mat deem vum Noper niewendrun. Dat bréngt eis an deem Sënn net vill. Mee wéi gesot, och Gastronomie ass commercial. Ech mengen dat war d'Fro. Dat do ass och eng Saach vun der Opportunitéit, wat een dohi wëll kréien.

Dann, par rapport zu der Madamm Kayser. Ech deelen net Är Aschätzung, well ech mengen, et wär irresponsabel gewiescht als Gemeng, wéi déi ganz Evolutioun ronderëm de Cube, dee jo effektiv Kontrakter hat mat Services tiers, déi do waren, wa mer déi net als Gemeng iwwerholl hätten. Well dann hätte mer grad déi jonk Leit, déi probéieren eppes ze maachen, déi sech lancéieren, déi e gewëssene Risiko huelen, dann hätte mer déi op d'Strooss gesat. Wann d'CSV der Meinung ass, dass mer déi Leit do hätten op d'Strooss setze sollen, andeems mer soen, dat wär en opportune Moment fir do d'Donne ze changéieren. Fir eis war et wichteg, dass déi Leit nach eng Méiglechkeet, eng Perspektiv hunn. An dofir hu mer et och iwwerholl an dofir si se lo do. An d'Evolutioun weist jo och, dass et gutt fonctionéiert. A vir ass jo de Volet Pop-Up an dee fonctionéiert zimmlech gutt, well do och vill Va-et-vient ass a vill do akaaft gëtt. An dat weist, dass dat do eng gewëssen Attraktivitéit mat sech bréngt.

Dann, par rapport zum Album, déi Diskussioun hate mer d'leschte Kéier. Déi maachen an 10 Deeg op. Déi wäerten och elo Invitatiounen verschécken. Och dat ass eng Realitéit. Mir haten d'leschte Kéier hei driwwer geschwat. Mir mengen ëmmer wann d'Gemeng Locataire

ass, musse mer méi exigent mat hinne sinn, wéi wann e Privaten hinne géif eng Locatioun ginn. D'Aléase vun de Commercen, déi sinn net ze steieren. Do kann een net op e Knäppchen drécken a soen: Ab da muss dat elo sou fonctionéieren. Do sinn och nach extern Gegebenheiten, déi matmaachen an déi hunn hei gespillt. Mee wéi gesot, déi maachen an 10 Deeg op an dat ass jo och ganz positiv ze begréissen. An ech mengen och net, wa mer hei Saachen ulounen, dass mer an enger Concurrence déloyale sinn. Wann ech kucken, wat dat heite kascht, de Meterkareespräis. Hei zu Diddeleng ass de Meterkareespräis tëschent 18 a 25 Euro. Mir hunn eng Bestandsopnam gemaach. Hei bezuele mer 23.- Euro de Meterkaree. En plus ass dat do jo 2017 opgaangen. Mir leien do an engem ganz korrekte Präis. Hei ze soen, dass et eng Concurrence déloyale ass, ass absolut net richtig, well mer eis an deem dote Spektrum bewegen. 18.- Euro bei Lokaler, déi méi al sinn. Diddeleng huet och eng historesch Natur. A 25.- Euro fir déi nei, déi nei gebaut sinn, ech mengen do leie mir hei wierklech richtig.

An ech mengen och net, dass mir eis hei sou bannen, wéi d'Madamm Kayser dat gesot huet. Well wann ech hei de Contrat de bail liesen, do steet effektiv, en ass fir 9 Joer. „Toutefois le locataire pourra résilier le bail par lettre recommandée avec accusé de réception adressée au bailleur trois mois au moins avant l'expiration de chaque période trinôme.“ Dräi – dräi – dräi also. Wéi gesot, do kënne mer ouni Problem aus dem Kontrakt erausgoen, wa mer der Meenung sinn – an dat war eis jo och wichteg, wa mer dee Constat maachen. Et ass also net, dass mer do 9 Joer gebonne sinn, 9 Joer ass eng Perspektiv. Mee no all 3 Joer kënne mer erausklammen, wa mer mengen, dass et net sou gutt gelaf ass, oder sech vläicht aner Opportunitéiten erginn. Dat sinn déi verschidde Punkten, ob déi ech wollt agoen. Vun der Madamm Kayser, an och vum Här Martini an der Madamm Heinen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech wollt nach just eppes ergänzen. Vun der Concurrence déloyale. Dat hunn ech sou geduecht, dass zum Beispill Proprietären, déi engem Geschäftsmann de Lokal verlounen, wou de Bail ofleeft. Dir wësst genau, d'Elektresch an alles, d'Fraise ginn all méi héich. Wann deen dann zum Beispill seet, ech maachen en nei Heizung dran, ech wëll elo, nodeem de Bail ofgelaf ass, e bësse méi héich goen, da ka vläicht de Geschäftsmann dat net méi bezuelen. An da seet dann de Proprietär: Ma da ginn ech bei d'Gemeng, do kréien ech mäi Loyer sécher. Dat ass dat, wat ech geduecht hu mat der Concurrence déloyale, mat der Angscht dass Leit, déi e laange Bail hunn, wann deen ofleeft, wann déi eng méi schlecht Konditioun kréien, déi dat dann net méi kënne bezuelen, sou war dat geduecht. An ech hat dat och schonn d'leschte Kéier sou explizéiert.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Dee Cas de figure hate mer hei nach net.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech weess awer vu Geschäftsleit, wou de Bail elo iergend eng Kéier ofleeft, déi en anere Proprietär hunn, an do huet de Proprietär gesot: „Ech erhéijen dir elo mol de Loyer, well soss ginn

ech bei d'Gemeng“. Verstitt Der? Dat ass dat wat ech menge mat der Concurrence déloyale. Do musse mer oppassen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Dat heescht jo net, dass dann d'Gemeng als Locataire aspréngt, fir dann eng Sous-Locatioun ze maachen. Déi Fräiheet loosse mer jo och. Natierlech kann dat en Argument si fir de Proprietär, well dee wëll natierlech säi Loyer kréien, an zemoos wann en en Invest mécht, da geet en dat och bei de Locataire sichen. Dat ass hei zu Diddeleng net anescht wéi op anere Plazen. Mee dat heescht awer net d'office, dass d'Gemeng dann aspréngt.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Neen, ech hat dat och sou wolle kloer maachen, dass dat awer kéint sinn an dass dat awer e Risiko ass. An da wëll ech nach soen zu de Services tiers. Ech wëll nullement soen, dass mer déi Leit sollen eraushuelen, déi mer do dra sëtzen hunn. Mee well Dir dat sou e bësse verdaamt hutt: „Wa mir dat elo hei net iwwerholl hätten, kéime vläicht Services tiers.“ Mee firwat kéimen net vläicht och do Services tiers, sou jonk Leit, déi iergend ee Service ubidden, deen och interessant ka sinn, deen e bessen innovativ ass. Dat däerf een net als sou absolut negativ gesinn, wa mer effektiv och Services tiersen dohinner kréien.

An ech wollt dann awer och nach eng Kéier anhaken, wat den Här Martini gesot huet. D'Fro ass Firmaen unzezéien, fir dass mer nach méi Kafkraaft hunn hei an der Stad. Mir hunn déi 20.000 Awunner, mee mir wësse jo genau, déi ginn net alleguer an d'Niddeschgaass akafen. D'Iwwerleeung war, mir haten intern rieds, dass z.B. déi grouss Boîte wéi PWC, Price Waterhouse oder Ernst & Young, dass déi och Raimlechkeete siche fir hire Frontalieren – an du stoung am Paperjam souguer, dass scho Kontakt mat Diddeleng geholl ginn ass – fir deene Bürosméiglechkeeten zur Verfügung ze stellen, fir dass hir Frontalieren net bis an d'Stad musse gefuer kommen, mee dass se sech kënne um Rand vu Lëtzebuerg niddersiddelen. An dat war virun allem och déi Fro, wou de Claude nach eng Kéier wollt stellen: Wéi ass do de Kontakt? Well et stoung do, dass Ernst & Young Kontakt gehat hätt, oder Price Waterhouse oder ween, mat der Gemeng. Well dat ass awer flott. Well wa mer kucken an der Stad Lëtzebuerg. Wat hunn d'Geschäftsleit de Lockdown monéiert, wéi keng Leit vu bausse komm si fir hire Kaffi ze drénken an hir Pizza z'iessen a sou weider.

Dat ass net ze vernoléisegen. 20.000 Leit sinn 20.000 Leit, déi kafe mol ee Puer Schung. Mee wann s de dann och nach soe mer mol 1.000 Leit hues, déi heihinner schaffe kommen, dat ass dann 20.000 plus 1.000. An dat däerf een net sou schlecht maachen. Dat ass dat, wat eis e bësseleche Suerge mécht. Net dass mer do an déi Richtung ginn, dass mer all Mënsch vergraulen, dee wëll hei e Büro opmaachen. Dass mer eis richtig verstinn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Also ech menge mir sinn eis eens: Mir brauchen déi zwee. Effektiv ass et sou, am Greisendall, do si jo d'Aarbechten am gaangen am viischte Gebai, an den administrative Büro vum Greisendall, dat ass jo eng Privat-



4. OFFICE SOCIAL

Approbatioun vun de Bilanen a Konte vu Profits et Pertes vun den Exercicen 2019 an 2020 vum Diddelenger Office Social

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da gi mer weider bei den Office social, d'Approbation du bilan profits et pertes. Ech ginn d'Wuert weider un de President vum Office social.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN):

Mir wollten dat ganz kuerz maachen. Dir hutt d'Dokumentatioun hei virleien. Et geet ëm de Bilan a Compte des pertes et profits vum Exercice 2019 an 2020. An den Ennerlage leien déi Dokumenter vum Interieur mat Froen, wou si drop higewisen hunn, datt dat fir si net ganz koherent wier. De President vum Office social huet och à la lettre op all déi Froen geäntwert, prezis geäntwert. An och de Conseil d'administration vum Office social huet doropshin dat approuvéiert. Wat mer hei maachen ass eng reng verwaltungstechnesch Demarche, déi mer als Gemengerot ze maachen hunn, dat guttzeheeschen oder net, an ech géif proposéieren, dass mer et guttheeschen. An deem Sënn géif ech dann lech d'Wuert ginn.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):

Ech hu mech just gefrot, do steet dass mer en Trop-perçu hu fir e Remboursement vu verschiddene Clienten. Do war eng Zomm vun 1.624.- Euro den 31.12.2019, déi en surplus war an 1992,31.- Euro, den Zwoleften 2020. D'Explicatiounen, déi krute mer, dass et heiansdo schwierig ass, déi Clienten erëmzefannen, fir hinnen déi Suen zeréckzeginn an dass och bemierkt gëtt fir dat an der Zukunft méi konsequent sou ze verfueren, dass mer déi Leit awer wierklech kënnen erëmfannen, wa se Suen ze gutt hunn. Meng Fro ass: Wat maache mer elo mat deene Suen? Wat ass mat deene geschitt? Dat si jo awer dann 3.000.- Euro, e bësse méi. Wéi ginn déi verbucht? Maache mer en Don domadder, oder wat geschitt domadder?

ROMAIN ZUANG (LSAP): Fir sou technesch Froen, dat ass elo geschitt, do muss ech mech entschëllegen. Mee ech kann awer ganz gären den Här Loos eraruffen, well mir haten ausgemaach, dass hie kéint do Explikatiounen ginn, da kéinte mer am Fong weiderfueren. Wann Der nach eng Fro hutt, da ruffen ech him herno kuerz un, wann Der erlaabt.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Oder mir reechen lech se no. Kommt mir huelen dat op, mir kucken dat no a schécken et iwwer de Gemengerot.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Bon, da maache mir dat sou, kee Problem.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Gutt, da misste mer – et feelen zwar lo hei zwee Membere – hei iwwert d'Konten ofstëmmen.

Wien ass domadder averstanen? Dat ass à l'unanimité des membres présents. Zwee sinn absent.

firma, déi do Proprietär ass. An do war virun enger ganzer Rei Méint Kontakt tëschent deenen neie Proprietären, der Gemeng an och PWC. A PWC wäert, an hirer Politik vun der Dezentraliséierung, do eng Antenn usidelen. An an deenen doten Diskussiounen, déi ech do hat, do hu mer gesot, dass déi Leit, déi dohinner schaffe kommen, dass déi natierlech och zu eisem Tissue gehéieren. Dass si natierlech net nëmmen hei an Diddeleng solle consomméieren, mee natierlech och eis Infrastrukturen, déi mer generell hei hunn, an déi och de Bierger zur Verfügung stinn, dass se déi kënnen notzen. Sief dat fir Sport ze maachen, fir Kultur ze maachen, och de Commerce – dat ass jo e Ganzt. Dat ass dee Message, dee mer generell un all eis Firmae weiderginn. Ech hu just gesot Firmaen am Stadkär. Ech mengen, dat ass eppes anescht. Mir zwee sinn eis eens, wat d'Ausrichtung ass.

Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. **Wien ass mat deem heite Contrat de bail averstanen? Dat sinn d'Stëmme vun déi Gréng, LSAP an eisem onofhängege Member. Wien ass dergéint? Wien enthält sech? Dat ass d'CSV.** Villmools merci.

5. ETAT CIVIL

Affectatioun vu Biens immeubles fir Bestietnesfeieren

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da gi mer op deem nächste Punkt iwwer, dat ass den Etat civil. Hei geet et ëm d'Celebratioun vun de Bestietnesser ausserhalb vum Gemengegebaai. Do ass jo en neit Gesetz gestëmmt ginn, dat op den 1. Juli a Kraaft trëtt. Also fir d'Zivilbestietnes a fir de PACS, dass een dat op anere Plaze kann ofhale wéi am Gemengegebaai. Dir wësst dass déi Méiglechkeet schonn temporär bestanen huet am Kader vun der Pandemie. Et et ass och hei d'Approche, fir déi zivil Zeremonie och ze moderniséieren, well et schliisslech och e schéinen a wichtege Moment am Liewe vun enger Koppel ass, fir dann och e flotten a gebührende Kader fir zou eng Zeremonie kënnen ze bidden.

Et ass dann esou, dass de Gemengerot déi Gebaier soll kënnen designéieren. Et sinn natierlech och eng ganz Rei Krittären, déi een och muss erfëllen, fir dass déi Zeremonie ka gehale ginn. Mir liewen an enger Gesellschaft wou déi Zeremonien och de Liewenslaf vun engem Mënsch markéieren a fir déi Feierlechkeet kënnen an Dignitéit ofzehale mussen natierlech och déi Gebaier eng Rei Krittären erfëllen. Si mussen dem Staat gehéieren oder engem Etablissement public oder der Gemeng. Si mussen natierlech um Territoire vun der Gemeng sinn. Si mussen d'office affektéiert sinn um Service public. Si mussen en neutrale Charakter hunn. De caractère solennel a public muss kënnen garantéiert sinn. An natierlech den Officier de l'Etat civil muss seng Aarbecht kënnen am Respekt vun den Devoirs et Obligations déi en och huet, kënnen maachen.

Wéi d'Gesetz gestëmmt gouf hu mir natierlech hei zu Diddeleng gekuckt, wat déi Plaze kéinte sinn, déi ee kéint designéieren en vue vun ausserhalb dem Gemenghaus. An der Zäit war jo och mol virgesinn, dass een et nach konnt ausserhalb vum Gemenghaus maachen, mee dann huet ee missen de Procureur froen. Dat ass hei elo anescht. Dofir si mir op de Wee gaangen an hu fir d'éischt emol gekuckt, wat sinn déi Gebailechkeeten, déi fir d'Gemeng a Fro kommen, respektiv wou mir als Gemeng Proprietär sinn. An do hu mer fonnt, dass mer kéinten den Kiosk hei op der Plaz designéieren. Dass mer de Kiosk op der Plaz Marc Zanussi an der Le'h kéinten designéieren. Dass mer natierlech dee klengen Auditoire am Centre culturel régional och kéinten designéieren. Dat sinn, nieft dem Hochzäitssall, dee mer souwisou an der Gemeng hunn, deem ass d'office dobäi, well dat ass jo d'Maison commune, dat ass dat, wat am Code civil steet.

An dann hu mer eis awer och op de Wee gemaach a gekuckt, wat kënnen nach aner Gebailechkeete sinn, déi och interessant wieren? An do hu mer geduecht un d'Pomhouse, wou natierlech en Etablissement public d'Gestioun dovunner mécht, dat ass jo dann den CNA. Respektiv awer och de Waassertuerm. Doropshin hu mer och e Courrier gemaach, deem hutt der och an Ärer Dokumentatioun, un den Direkter vum CNA, an deem huet eis och den Accord de principe ginn. Natier-



lech och mat dem Message dass ze kucken ass, wat d'Modalitéite vun der Notzung sinn. Well natierlech dat nëmmen do ka stattfannen, wa si keng Ausstellung do hunn. Dat schéngt eis evident ze sinn, wat déi do zwou Plazen ugeet. Sou dass mer nieft dem Hochzäitssall hei an der Gemeng, an der Maison commune, dann nach 5 Plazen ausweisen, wou een dat ka maachen.

A mir haten och schonn am Virfeld eng Reunioun mat eise Servicer, fir ze kucken, wann een op deem heite Wee geet, dass dat och logistesesch an organisatoresch kann iwwert d'Bün goen. Nieft den Datumer, déi da festgehalen ginn, fir dass een op der Plaz och den néidege Mobilier huet, fir kënnen eng Hochzäit ofzehalen. Et ass jo sou, dass een déi Gebaier hei festhält. D'Gesetz gesäit och vir, dass de Gemengerot dat mécht, fir dass net iergendwellech farfelu Iddien och opkommen. Dat war och eng Suerg, dass een iergendwou kann eng Koppel traue. Ech nennen elo keng Plazen, keng farfelus Plazen, mee hei soll awer e gewëssene Kader gewahrt ginn an d'Gesetz gëtt dann eng Rei Krittäre vir, fir dee Kader ze wahren. Dat zu den Erklärungen, wat deem heiten Deel vum Etat civil ugeet. D'Diskussioun ass op. Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, et ass wéi Dir sot. Hochzäite sinn net méi sou in, et gëtt éischter gepacst an och méi zivil Hochzäiten, kierchlech Hochzäite si méi rar. An dofir wëllen d'Leit dat natierlech an engem schéine Kader hunn. Mir begrëssen och déi éischt zwee Choixen, also de Kiosk hei op der Stadhausplaz an de Kiosk Marc Zanussi, virun allem an der Le'h, dat fannen ech eng ganz flott Location. Mir hunn awer e bësse Problemer mam Pomhouse a virun allem mam Waassertuerm. De Waassertuerm ass jo awer e Monument national, quidd dass eis Kiosken och geschützt sinn an eis Gemeng och. Mee ech denken do ass awer sou eng intensiv Technik dran, och fir d'Killung a sou weider, déi ass jo just gemaach gi fir Ausstellungen, virun allem d'Family of Man, an do gesi mer dat ganz schlecht, dass dat – e bëssen entre Guillemets – soll „benotzt ginn“ oder „mëssbraucht ginn“, wann een et ganz béis wëll soen, fir sou trivial Zeremonien. Dat fanne mer lo net ganz gutt. An d'Äntwert vum Direkter, dat si véier Zeilen an eng Mail, wou Dir lech awer d'Méi gemaach hutt, zwou Säiten ze schreiwen an op annerhallef Säit ze argumentéieren. Ech fannen och e bësse fraaglech, ob dat dann och wierklech de Wonsch vum Ministère ass, well do misst ee jo warscheinlech och eng Konventioun mam Staat maache fir d'Utilisatioun vun deem Waassertuerm a vum Pomhouse. D'Pomhouse, do kéint een nach eventuell driwwer schwätzen.

Mee de Waassertuerm ass awer fir eis absolut keng Plaz, wou et ubruecht ass, fir e Mariage ze maachen. En plus, wéi géif's de dat uewe maachen? Dat ass jo just ee Raum, ee Huis clos, wou een och bei der Belichtung a bei der Klimatisatioun guer näischt änneren dierf. Dat ass jo och limitéiert vun der Zuel vun de Leit, déi därferen dohinner goen. Dat fannen ech elo wierklech net schrecklech glécklech. Do wär ech frou, wa mer dat vläicht nach e bësse géife raushalen an da vläicht och mol mam Ministère schwätzen, mam Kulturministère, wéi dat virgesinn ass, wéi déi Disponibilitéit iwwerhaupt ass. Ech fannen d'Äntwert vum Här Lesch ass e bessen euphoresch positiv, awer ech froe mech, ob do wierklech un all Detail geduecht ass. Dat fanne mer elo net sou gutt.

Meng Fro ass awer och: Firwat hu mer z.B. den Gehaansbiereg net mat drabruecht? Dat ass jo och eng effentlech Plaz, eng schéi Vue iwwer ganz Diddeleng. An dann, wann een e bësseleche wëll am Patrimoine industriel bleiwen, wéi elo z.B. d'Pomhouse hätte mir z.B. nach de VEWA virgeschloen. Dat wär wierklech op deem flotte Site, matten an dem Schmelzareal. Dat kann ee vläicht nach eng Kéier no votéieren. Mee dat wär z.B. eng Alternativ zum Pomhouse, wat fir eis awer duerch seng ganz Infrastruktur e bësse méi protegéiert soll si fir Ausstellungen a kulturell Manifestatiounen amplaz elo fir Mariagen oder Pacsen. Also do hu mer e bessen eis Zweiwelen. Vläicht kënnt Dir eis do nach Detailer ginn, wat de Ministère de la culture gesot huet.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Ech sinn elo net ganz Ärer Meinung Madamm Kayser, wat Är Schlussfolgerungen ubelaangt. Ech hu mer d'Méi gemaach, fir dat nozekucken: zu Lëtzebuerg ginn et ongeféier 2000 Koppelen, déi sech all Joer bestueden oder pacsen. Also aus der Moud ass dat sécher net. An dovun si ronn 50 gläichgeschlechtlech Koppelen, dat säit 2015, wou homosexuell Bestietnesser gesetzlech méiglech sinn. Bestueden ass also - wann een dës Zuele kuckt - zimmlech beléift. Et ass e wichtigen Dag fir déi zwee Mënschen, déi sech bestueden oder pacsen a meeschtens soll et en aussergewöhnleche Moment sinn am Liewe vun deenen zwee. A sécher ass et fir muncher en offiziellen Akt, eng Noutwendegkeet, eng logesch Suite oder einfach nëmme praktesch, datt ee bestuet ass oder gëtt. Fir anerer ass et awer den wichtigen Dag am Liewe, wou ee sech virun Zeien a Famill a Frënn unenee bënnt a sech Léift, Trei a Loyalitéit verspricht.

Villes huet sech scho verännert iwwert déi lescht Joerzénge. Et dierf een undoe wat ee wëll, et dierf een d'Zeremonie personaliséieren, et dierf een aluede wien ee wëll. Just d'Plaz, wou ee sech da kann an därfer bestueden, déi ass bliwwen. D'Nofro no enger moderner, individualiséierter a flexibeler Zeremonie ass geklommen. Dann ass nach dobäikomm, dass an deenen leschte Jore pandemiebedéngt Villes gelidden huet an an dësem Fall och d'Feiere ronderëm d'Bestietnisser. Op der Gemeng war den Hochzäitssall oft ze kleng, d'Zuel vun den Invitée streng limitéiert, an d'Zeremonie op dat Néidegst reduzéiert. Eng schéin, feierlech a memorabel Hochzäit gesäit anescht aus. Dofir ass mengen ech och d'Nofro do gewiescht fir sou Feieren och

kënnen dobausse stattfannen ze loossen. Wat och an dësen Zäiten d'Saach méi einfach mécht. Och war den Hochzäitssall och ze kleng. Heiansdo komme Famillen, déi bréngen déi ganz grouss Famill mat. An heiansdo bleiwe se am klengen Krees. Dofir ass dat fir mech kee Widdersproch wann een elo seet, déi eng wëlle vläicht am Waassertuerm, an enger spezieller Atmosphär, mat Bléck iwwer Diddeleng, sech bestueden. Wat e ganz nobelen, schéine Kader ass. Anerer wëllen awer vläicht d'ganz grouss Famill matbréngen a sinn dofir vläicht besser an engem ganz groussen Sall opgehewen, wou een da fir jiddweree Plaz huet, wéi z.B. virum Kiosk an der Le'h oder och eben am Pomhouse. Anerer wëlle sech, an der Mëtt vun Diddeleng, jiddwerengem weisen, hei mir ginn eis haut d'Jowuert.

Wou ech mech allerdéngs wieren, dat ass, wann et hei sou e bësse klénge, wéi wa mer et mat Vandalen ze dinn hätten. Also ech mengen dat ass awer eng ganz nobel Geschicht. Hei fanne sech Leit zesummen, déi dee Moment ze respektéieren wëssen an déi dat an engem gedigene Kader wëllen iwwert d'Bün goe loossen. An op all dës Besoinen huet d'Inneministesch reagéiert. An enger Circulaire vum 10.6. huet d'Ministesch Taina Bofferdin deen neie Kader gesat, fir der Nofro gerecht ze ginn, ouni awer op deen offiziellen an ebe würdege Charakter vu sou enger Zeremonie ze verzichten. Verschidde Kritäre musse jo erfëllt ginn. De Buergermeeschter ass elo grad drop agaangen. A wa mir lo hei iwwert déi Lëscht schwätzen, dann denken ech och, datt dat net definitiv ass. Dat kann ee roueg complémentéieren. Mee si hunn awer och ganz genee festgeluecht hei am Text, an dat hu mer alleguer gelies, datt et verschidde Contraintë ginn, an dat och warscheinlech logistescher Natur, fir datt een dat vläicht elo net kann iwwerall maachen. Dat gouf jo mat de Servicer ofgeschwat, an dofir ass dat hei eng éischt Ebauche denken ech, fir déi Saach ulafen ze loossen. Mir als LSAP begrëssen dës Reform op jidde Fall ausdrécklech.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Ech halen hei elo keng laang Ried, ech wollt just e puer Saache froen. Also am Waassertuerm hu mer eis och e bësse gewonnert, iwwert déi Äntwert vum Direkter, dass dat just en Accord de principe ass. A mir hunn eis och gefrot, wéi dat da lo soll konkret sinn. Et gouf jo gesot, et därfer keng Ausstellung sinn, mee ass dat déi ganz Zäit wou eng Ausstellung ass, dass do keng Hochzäit därfer sinn? Oder ass dat just déi Wochendeeg oder Auerzäite wou d'Ausstellung zou ass? Dann, dat mat deenen anere Plaze fanne mer eigentlech ganz gutt. A mir haten awer och d'Iddi wéi d'Madamm Kayer, fir de VEWA. Ech huelen un, dass et vläicht net dran ass, well mer do net Proprietär sinn. Dat ass de Fond de Logement, oder spillt dat keng Roll? Well dat wär awer och e flotte Site mat der Place Thierry van Verweke an niewendru geet jo och do dee Gastronomiebetrieb op. Do kéint ech mer awer virstellen, dass d'Leit dat géife flott fannen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Nach weider Stellungnamen? Neen. Gutt, da géif ech op verschidde Punkten agoen. Ech mengen dat heiten ass eng Lëscht, déi ass jo net definitiv. Ech sinn do ganz bei der Madamm Kohn. Do kann een en cours

de route nach Saache bäisetzen, respektiv och vläicht Saachen erofhuelen. D'Praxis weist eis jo schlussendlech herno, wien op wat zeréckgräift. Vlächicht weist d'Praxis eis herno, dass keen op déi aner Plazen zrëckgräift an dass déi meescht gären an der Gemeng wëlle bestuet ginn. Déi Erfahrung hu mer deemtspriechend nach net gemaach. Et sinn aner Propose gemaach gi vun aner Plazen. De Gehaansbiereg, do hate mer ee Moment driwwer diskutéiert, deen ass natierlech schwéier accessibel fir eng Hochzäit do ofzehalen. Well et muss jo eng gewësse Publicitéit garantéiert sinn, et muss och um Niveau vun der Mobilitéit passen. Dat ass net evident. Mee mir sinn d'office net Proprietär. Mee un der Accessibilitéit hir huet et eis zimmlech schwéier geschéngt. Quitt, mir sinn eis eens, et ass e flotte Kader. Dat ass keng Diskussioun. Mee d'Accessibilitéit, do ass et awer schwéier, déi kënnen ze garantéieren. Dat par rapport zum VEWA, dat klénge och alles ganz interessant. Et muss ee sech just och an déi Lag versetzen. Do ass jo e Kënschtlerkollektiv, deen do schafft. Do fléie Spéin, well se do kënne kënschtleresch schaffen. Wann een do wëll Hochzäite maachen, da muss dat jo awer iergendwéi propper sinn. Dat heescht, si géife all Kéiers an hirem Prozess ënnerbrach ginn, et misst ee jo alles ewechhuelen an opräumen. Dofir hu mer de VEWA hei rausgelooss. Mir huelen et awer op, fir eng Kéier mat hinnen ze diskutéieren. Mee ech gesinn et ganz schwierig. Well wa si bis eng Kéier do schaffen, gëtt et schwierig, déi Plaz do vum VEWA selwer ze huelen.

Ech sinn e bësse baff. Engersäits hu mer hei den Accord de principe vum Direkter vum CNA. Dat ass awer net näischt. Bon, d'CSV stellt deen a Fro. Ech mengen, et huet sech dat hei jo duerch de Kapp goe gelooss. Ech hu jo och mat him geschwat, d'Mail ass vlächicht kuerz, mee hien huet sech et duerch de Kapp goe gelooss a mir hu säin Accord de principe. Hien ass dofir, an d'CSV ass net dofir. Ech mengen dass awer hei eng Ausso vun engem Direkter vun engem gréisseren Etablissement public hei am Land net näischt ass. Wat mech awer wierklech licht rose mécht, dass een eng zivil Hochzäit mat enger trivialer Zeremonie vergläicht. Dach, Dir hutt vun „trivial“ geschwat. Dat war Äre Wording. Fir lech si jo vlächicht déi reliéis Zeremonien déi wichtegst, mee laut dem Code civil ass fir d'éischt déi zivil Zeremonie. An déi ass net trivial. Loin de là. Kann een da vlächicht iwwert d'Trivialitéit vun de Plaze schwätzen. Mee och déi fënnt een an deene fënnef, déi mer hei proposéieren definitiv net erëm. Ech wëll dëst awer gesot hunn. Ech mengen dass dat awer dee gebürende Kader hei ass, ob d'Leit sech lo wëlle bestueden oder pacsen. Dat ass näischt Triviales. D'Motivationsgrënn variéiere vlächicht, an d'Madamm Kohn ass drop agaangen. Mee et ass näischt Triviales.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Entschëllegt mech fir meng Wuertwal, mee et war wierklech net sou geduecht. Et sollt net negativ konnotéiert ginn, absolut net.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ech hat probéiert, ob déi verschidde Punkten anzegoen. D'Madamm Heinen hat gefrot, an dat si wierklech schonn Detailer, dat kläre mer mat hinnen, ob während enger Ausstellung de Lieu dat hirgëtt fir dat kënnen ze

maachen. Deen Timing kucke mir mat hinnen am Detail. Oder dierf guer keng Ausstellung do stattfannen? Dat sinn Diskussiounen, déi mer mat hinne féieren. Hei ass einfach emol de Prinzip, dee mer gewahrt hunn, a wa mer den Accord kréie gëllt et, och d'Detailer mat hinnen ze kucken. Mee et ass mer net baang, dass mer do e Wee fanne fir dat ze maachen. An iergendwann wäerte mer jo ech e Bilan zéien a vlächicht musse mer déi eng oder aner Plaz eraushuelen, wa mer mierke vlächicht an engem Joer, hei déi gëtt guer net genotzt. A vlächicht kommen nach aner Plazen dobäi, wou mer soen, mer adaptéieren. An da kann een dat natierlech och kommunizéieren. Mir hu jo do eng gewësse Flexibilitéit.

Dëst gesot, géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat deene Plazen, déi mer hei ausweise fir déi zivil Hochzäitszeremonien averstanen? Dat sinn d'Stëmme vun déi Gréng, d'LSAP, eisem onofhängege Member. D'CSV consultéiert sech nach.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech wollt just froen: Wäer et net méiglech, dass een déi éischt dräi hält an déi aner extra ofstëmmt?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Mir kënnen och e Vott séparé maachen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Dat géif eis immens entgéint kommen. Well mer och an eisem Comité déi Saach diskutéieren. Dat ass elo net nëmme lei op eiser Mësch gewuess, déi Saach mam Tuerm a sou weider. Well do awer relativ Retizenze waren. Wann dat méiglech wär, dat wär ganz fein.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): OK, da maache mer de Vott frësch.

Wien ass domadder averstanen, dass nieft der Maison Commune d'zivil Hochzäiten och sech kënnen ofhalen um Kiosk virum Gemengenhaus, um Kiosk vun der Plaz Marc Zanussi an der Le'h an am klengen Auditoire vum Centre culturel? Do hu mer d'Unanimitéit.

Wien ass dofir, dass mir dat auswäiten op d'Pomhouse an de Waassertuerm, wat Etablissement public sinn a wou mer den Accord hu vum CNA? Dat sinn d'Stëmme vun déi Gréng, d'LSAP, eisem onofhängege Member. Wien ass dogéint? Wien enthält sech? D'CSV.



6. PARTIZIPATIV DEMOKRATIE

Approbatioun vum Reglement fir de Budget participatif

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da geet et weider op de Volet Biergerbedeelegung, Démocratie participative. Do hu mer fir de Budget participatif e Reglement, wat mer hei virstellen an da ginn ech hei dem Loris Spina d'Wuert.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Merci Här Buergermeeschter. Wéi quasi ëmmer bei dësen Themen iwwert d'Biergerbedeelegung loosse mer eis vun eisem privilegiéierte Partner, der Uni, begleeten a beroden. Mir sinn och frou, dass si allen zwee haut hei sinn, d'Madame Chirkova an den Här Kies, fir herno vläicht op méi technesch Detailer anzegoe vun eisem Reglement, wat mer lo hei virleien hunn. Sait 2018 hate mer déi Roadmap virginn, dass mer engersäits d'Biergerinnen an d'Bierger zesumme mat der Gemeng op dës Budget participatif virbereeden. Mir hate Bierréit agefouert an duerchgefouert, och eis Biergerpanelen, fir dass d'Leit sech e bësse mat enger Biergerbedeelegung ausenannerzesetzen, fir dann elo schlussendlech de Reglement vum Budget participatif vun eiser Stad hei virzedroen. Dir wësst, dass mer do Virreider hei am Land sinn, déi dat an der dote Form sou maachen. A wéi wichteg mer dat huele weist ënner anerem déi Zomm vun 100.000.- Euro. Mir hoffen, dass d'Motivatioun wäert grouss sinn, well hei huet de Bierger engersäits consultative Pouvoir awer och en decisionellen, wat jo am Prinzip der Motivatioun misst gutt doen. Da gi mer eng Kéier kuerz duerch dat Reglement, éier mer d'Diskussioun opmaachen.

Mir gesinn am Artikel 1, ëm wat et hei geet. Et ass en Deel vum Gemeindegeld, deen hei zur Verfügung gestallt gëtt. An dat soll natierlech d'Intérêt général sinn, fir d'Zesummeliewen an eiser Stad nach ze verbesseren. De Montant: et geet hei ëm 100.000.- Euro, déi do zur Verfügung gestallt ginn. An zwou Etappe gëtt dat ëmgesezt. 2022, do si mer am gaangen, dat ze preparéieren, do geet et engersäits ëm den Depot vun dem oder de Projet/en. An da kënnt et zu engem Vott. An dann d'nächst Joer, 2023 dann, d'Realisatioun vun dem oder deene Projet/en, déi zréckbehale gouf/en. D'Iddi ass, ganz vill Projeten ze sammelen, a mir hoffen, dass mir ganz vill Leit an Associatiounen fannen, déi motivéiert sinn, do matzemaachen an eis dat erareeche. An alles am Kader vun der Limit vum deenen 100.000.- Euro natierlech. De geographesche Kader, deen ass, mengen ech, evident. An déi verschidden Etappen, wéi de Bud-

get soll oflafen, déi gesi mer och nach eng Kéier hei am Artikel 4 opgeléicht.

D'Modalitéiten: do hu mer eis zesumme mat der Uni dofir entscheet, dass et ab 14 Joer ass, wou ee ka matmaachen. Natierlech kënnen och d'Associatiounen, déi hei zu Diddeleng implantéiert si matmaachen an natierlech ouni Condition de nationalité. Ee Projet pro Persoun. Dat schéngt mer och logesch ze sinn. An déi Gewielten oder Leit aus eiser Administratioun solle wannechgelift net dorun deelhuelen. Wéi gëtt de Projet deposéiert? Do hu mer e Formulaire numérique, deen dat virgesäit op der Plattform. Eng Plattform, déi mer och vun der Uni recommandéiert kritt hunn. Si hunn eng Analys gemaach vun deem, wat et an der Géigend sou gëtt. An do hu mer ID City zréckbehalen, wou mer der Meenung sinn, dass déi Aart a Weis, wéi si déi Plattform geréieren an och, wéi déi gehandhaabt gëtt, an d'Facilitéit vun där Plattform am beschten an den Diddelenger Kader passt. A mir bidden awer och d'Méiglechkeet fir déi Leit, déi online net sou fit sinn, fir dass déi eis dat a Pabeierform kënnen erareeche. Dann hu mer den Artikel 6, deen e bësse beschreift a wéi engem Kader déi Projete sech sollen ubannen. Natierlech Envrionnement an de Liewenskader vun den Diddelenger, Urbanismus, Mobilitéit, Kultur, Patrimoine, oder dat Numérique eben, Action sociale, Solidaritéit, Education et Enfance, Jeunesse et Sports, oder eben all aner Gemengekompetenzen, déi hei kënnen afalen.

D'Kritäre wat déi verschidde Projeten ubelaangt, dass déi dierfen zréckbehale gi fanne mer natierlech och hei erëm. Virun allem déi 100.000.- Euro, déi dierfen net dépasséiert ginn. An dann ass et am Fong geholl dem Vott fräigeschalt. An do ass et esou, dass d'Biergerinnen an d'Bierger dierfe votéieren. An déi Projeten, déi déi meeschte Stëmme kréien, déi ginn dann och ëmgesezt, sou laang déi Enveloppe vun 100.000.- Euro respektéiert gëtt.

Dës Woch ass de Comité de suivi vun der Biergerbedeelegung fir d'éischt zesummekomm. An do gouf et eng ganz flott a spannend Diskussioun ëm verschidde Saachen a virun allem ëm den Artikel 8. Do ass eis opgefall, dass net ganz kloer ass, wat geschitt, wa verschidde Projeten iwwert dee Montant kommen. Also net deen eenzele Projet, an dofir géife mer lo proposéieren, op Urode vun eiser Universitéit, den Artikel 8 ze compléieren. Ech géif lech dat da virlesen, an eventuell kann de Patrick et och visualiséieren. Also et geet drëm: Qui sont les lauréats? Am Moment steet dran: „Les projets lauréats sont ceux qui remportent le plus de voix jusqu'à ce que l'enveloppe globale de 100'000,- € soit atteinte.“ Dat ass relativ kloer. Lo kann et awer sou sinn, an der Diskussioun hate mer de Fall, wou deen éischte Projet, deen zréckbehale ginn ass, deen ass 60.000.- Euro, den zweeten 20.000.- Euro, da wäere mer op 80.000. Den drëtten, deen zréckbehale ginn ass, deen ass awer 30.000.- Euro, da géife mer déi 100.000.- dépasséieren an deen Ament kéint dee Projet net realiséiert ginn an da géife mer net den drëtt votéierten huele mee och de véierten, wann deen am Kader vum Budget géng bleiwen, fir dass mer sou vill wéi méiglech Projete mat deenen 100.000.- kéinten

ëmsetzen. Dofir hei d'Proposition, fir déi Rajoute do ze maachen: „Les projets sont choisis en fonction du nombre de votes et du montant-restant des 100.000.- Euros. Si un projet fait dépasser le plafond il n'est pas retenu. C'est le projet venant immédiatement après en nombre de votes qui sera pris en compte. Toujours dans la limite de l'enveloppe allouée.“Also e bëssen dat, wat ech elo probéiert hunn hei mat deem Beispill ze erklären. Déi Rajoute géife mer dann hei dem Gemengerot proposéieren.

Fir de Rescht, d'Gouvernance vum Comité de suivi, deem dat Ganzt e bësse begleet, wou engersäits d'Kritäre validéiert ginn, ob de Projet recevabel ass a wéi eng Projeten dann och dem Vott kënnen ënnerstallt ginn. An och do – och dat war am Comité erauskomm – ass et wichteg, dass déi Projeten, déi net zrëckbehale gi sinn, dass dat propper argumentéiert gëtt an deem, deem de Projet eragereecht huet, och déi Argumenter zur Verfügung gestallt kritt an dann och gesäit a weess, firwat säi Projet net konnt zrëckbehale ginn. An de Comité de suivi ass och beim Deploiement vun de Resultater mat dobäi. An eis Uni, wéi ugekënnegt, déi begleet eis bei deem ganze spannenden a flotte Prozess hei. D'Komposition vum deem Comité: jee nodeem, wéi eng Sujeten an Domainen et betrëfft sinn eis Servicer vun der Gemeng vertrauden an dann ass op d'mannst ee vum Schäfferot mat dobäi an och op d'mannst ee vun eise privilegéierte Partner, der Uni Lëtzebuerg. A gegebenefalls kënne mer natierlech nach en Expert nominéieren, wa mer mengen, dass dat néideg wär.

Mir si frou, dass mer endlech op dee Wee ginn, sou wéi mir dat 2018 virgemoolt hunn. Et ass eppes ganz Neies, wat op eis duerkënnt. Et ass och mat ganz vill Detaillarbecht herno verbonden. Dofir si mer och elo frou dass mer d'Madame de Fereira konnten astellen. Dir wësst, am Budget hate mer virgesinn, en hallwe Posten ze kreéieren exklusiv fir d'Biergerbedeelegung, well mer dat extrem eescht huelen, a well dat mat ganz vill Aarbecht verbonden ass, wéi mer an der Lescht festgestallt hunn. De Patrick Hoss, huet dat am Prinzip nach niewent senger Haapttâche vum Gréngen Haus gemaach. Deementspreechend kënne mer hie lo entlaaschten an d'Vania war och scho ganz vill mat der Uni a mam Patrick Hoss a mat mir selwer zesummen, fir kënnen hei Fouss ze faassen. An et ass eng ganz engagéiert a motivéiert Persoun, déi bis elo ganz gutt do ënnerwee ass. An dat heite gëtt fir si a fir eis alleguer sécherlech eng spannend Erausforderung. Dat war lo dat, wat ech vu menger Säit aus wollt virausschécken. D'Reglement hutt Der kritt an d'Diskussion ass an deem Sënn op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Burgermeeschter. Den Här Spina huet et scho gesot, mir haten eng ganz flott Reunioun fir dee Comité d'accompagnement sur le suivi du processus participatif à Dudelange un d'Rullen ze kréien. Et war e ganz flotten Echange, och mat Uni.lu. Merci aussi pour la présentation et aussi le dialogue très constructif. Well et geet jo hei net nëmmen ëm de Budget participatif, mee an deem Comité do solle jo och déi aner participativ Prozesser, déi schonn op der Strooss sinn, mol eng Kéier bilanzéiert ginn. Dat ass dat, wat ganz wichteg ass.

De Biergerpanel, de Biergerforum, Kannergemengerot, Jugendgemengerot. A wéi kann een de Bierger nach besser participativ mat abannen? Wat hätt de Bierger gär? An ech denken, do ass et ganz flott, dass mer mat der Uni an och mat eiser neier Mataarbechterin, dass mer do mol eng Kéier wierklech an de Fong vun der Saach ginn an och eng Analys maachen: Wat ass gutt gelaf, wat ass net gutt gelaf? Wat brauche mer net? Wat ass just Particitainment, wéi ech gesot hunn. Wat maache mer just an der Fënster, ouni dass et eppes bréngt? An ech erwaarde mer do ganz vill. Dass mer eis do zesummesetzen an och e gudden Bilan maachen an dann och d'Konsequenzen aus dem Bilan zéien, déi dann och nohalte sinn a virun allem d'Participatioun vun de Bierger nach méi abannen.

Lo komme mer hei zum Règlement concernant le budget participatif. Just eng kleng technesch Klammer: Hei steet an der Deliberatioun dass mer am Budget e Poste vu 75.000.- Euro hätten ënner dem Artikel 3.1.4.1. a sou weider: Ech hunn awer elo gekuckt, dat sinn awer elo 65.000.- Euro. Dat just als kleng Parenthèse. An dann ass meng Fro: Hei ass jo awer eng Enveloppe vun 100.000.- Euro. Déi 35.000.- Euro, déi dann nach feelen, kommen déi op de Budget vum nächste Joer? Dat huelen ech un. Dat heescht, dat hei war lo just den Ufank, et ass elo net sou, dass mer hei müssen direkt en zousätzleche Kredit stëmmen. Voilà. D'Iddi ass ganz flott. Ech hat jo eppes komplett anescht ers ënnert Budget participatif gemengt. Ech hu gemengt lo kéinten d'Bierger einfach soen, wat si alles gären hätten. An dann, eis 100 Milliounen déi mer hunn, da géife mer kucke mat hinnen zesummen, wéi mer dat da verdeelen. Neen. Ech sinn heiansdo e bëssen naiv a sou Saachen. Mee wéi gesot, dat hei ass awer schonn e gudden Usaz. Mir hunn 100.000.- Euro. An ech fannen dat och ganz flott, dass mer d'Leit allegueren opfuerderen, e Projet virzestellen, a wat nach méi flott ass, dass och d'ganz Populatioun da kann iwwer dee Projet ofstëmmen.

A mir hunn elo driwwer geschwat, wéi eng Modalitéiten zrëckgehale ginn. An dat gëtt mengen ech eng ganz flott Saach. Wichteg ass och d'Kommunikatioun no baussen, dass een och wierklech d'Bierger drop hiweist, dass se dat kënne maachen. An ech erwaarde mer do ganz cool Projeten. A wat och virun allem wichteg ass, dass mer och eng komplett Transparenz herno un den Dag leeën. Dass all Projet, deem erakënnt, dass deem och e Suivi huet. Dat war och eng grouss Demande an eiser éischter Sëtzung vum Comité d'accompagnement. Dass wierklech all Mënsch, deem eppes eragëtt och gewuer gëtt: Firwat ass en zrëckbehale ginn, firwat ass en net zrëckbehale ginn. Den Dialog mam Bierger ass wichteg, well soss hu se d'Fleem déi nächste Kéier, wa mer rëm eng Kéier gären hätten, dass d'Leit sech sollen abréngen. Dann huet dat säin Zweck verfeelt. Also mir si ganz positiv. Mir si ganz, ganz gespaant op déi Projeten, déi erakommen an och op Diskussionen doriwwer. A lo ass et um Bierger fir wierklech hei eppes Flottes fir Diddeleng op d'Been ze setzen.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Ech hat jo schonn eng Remark gemaach zum Thema Biergerbedeelegung. De Modus operandi ass net ëmmer evident. Wéi erreecht en d'Leit? Wéi motivéiert een

d'Leit, dass se och matmaachen? Mir kruten an deem Comité erzielt, z.B. fir de Biergerrot, déi gi jo zoufällg erausgesicht. Do ginn awer 200 Leit ugeschriwwen fir der 15 ze fanne fir matzemaachen. Et ass dann och net, datt jiddweree wëll matmaachen. An dann och, wéi ass d'Kommunikatioun no baussen – virun awer och duerno? A besonnesch bei engem konkrete Projet wéi d'Renovatioun vun enger Quartiersspillplaz ass d'Biergerbedeelegung absolut wünschenswäert an ubruecht a sënnavoll. Déi Gréng kruten da kuerz virun der Summervakanz eng Invitatioun fir e Comité d'accompagnement vun der Biergerbedeelegung. Do huet den Här Spina virdu gesot, de Comité de suivi, mee dat war awer de Comité d'accompagnement, wou mer de Mëttwoch waren, quitt dass de Comité de suivi do dran ass. Well dat si jo awer zwou verschidde Saachen. Mir hate scho beim Klimapakt-Team an och beim Pacte Logement d'Contrainte, et misst een aus dem Gemengerot sinn. Fir kleng Parteien, ech schwätzen do och e bësse fir déi Partei, déi net do ass, ass dat net wierklech vu Virdeel, well ëmmer déi selwecht Gewielte mussen untrieden. An dofir géife mir eis awer vläicht wënschen, datt ee wéinstens en Ersatz ka schécken, wann den delegéierte Member verhënnert ass. Well soss gëtt ee jo awer net gewuer, wat do geschwat ginn ass. Quitt dass vläicht awer e Rapport geschriwwen gëtt.

Mir hatten dann e Mëttwoch eng éischt Versammlung vum Comité d'accompagnement. U sech fanne mer et gutt, datt all Parteien en Abléck kréien, wéi déi Biergerbedeelegung mat Biergerrot, Biergerpanel, Budget participatif ofleeft, an et ass och gutt, datt dat Ganzt vun der Uni begleet gëtt. Well bis elo ass et jo och keng berodend Kommissioun ginn, déi sech mat deem Thema Biergerbedeelegung befaasst huet. Et ass och gutt, datt eng Persoun agestellt gouf, fir sech domat ze befaassen an net méi de Service écologique déi ganz Aarbecht maache muss, och wann dat historesch sou gewuess ass mat der Agenda 21. Wéi de Patrick Hoss an der Versammlung erkläert huet, hat de Service écologique och net ëmmer déi néideg Zäit, respektiv déi néideg Ressourcen, fir och nach d'Resultater vun den Ëmfroen a Biergerrot ze kommunizéieren. An awer wieren d'Iddien an d'Virschléi an d'Auswäertunge bei déi verschidde Servicer ukomm an a politesch Decisiounen mat eragefloss, an dat ass jo dat Wichtigst. Wann nämlech Bierger a Biergerinne sech abréngen a fräiwëlleleg engagéieren, da wëlle se och e Resultat, oder op d'mannst e Feedback kréien. Mir hoffen, datt dat dann elo besser funktionéiert.

D'Reglement vum Budget participatif ass fir eis OK, bis op eng Klenggeheet. Mir wëlle lo näischt um Contenu änneren, mee un der Form. Am Artikel 5, bei Critères de recevabilité, do ass dee leschte Punkt – ech waarden nach, bis en ageblennt ass – ah, dat ass schonn de 6. Do sinn déi 4 lescht Wieder „respecter le développement durable“. Dat huet am Fong elo näischt mat deem virum Komma ze dinn, an ech denken, et wier besser, deem en extra Punkt ze ginn. Da wier dat och méi en évidence gesat, „respecter le développement durable“. Well fir eis ass dat awer wichtig. Dass een do fir „respecter le développement durable“ nach en neie Punkt mécht. Bon, dat ass eng Formsach. Dann hunn ech nach dräi lescht Remarken. Mir krute verséichert, datt

de Comité de suivi, an deem jo awer da kee Vertrieder vun der Opposition ass an och kee Bierger a keng Biergerin, gewëllt ass, ganz transparent ze schaffen, ebe mat der Uni zesummen. An datt de Leit och d'Ursachen erkläert ginn, wann hire Projet net zréckbehale gëtt.

Déi Rajoute, déi mer lo presentéiert kruten, bon, do waren e bëssen Diskussiounen. Ech sinn och nach ëmmer net sou ganz averstanen domat, well wann ech elo – an deem Beispiil, wou gesot ginn ass – wann ech elo den Drëtte wär, deem säi Projet net géif zréckbehale ginn an dee Véierte kéint säin awer realiséieren, do kéint een dann awer mol als Drëtten e bësse getouft sinn. Bon, ech kann awer domat liewen. Am Comité d'accompagnement do kéinte jo och nach d'Moderatoren aus dem Kannergemengerot invitéiert ginn. Déi waren elo net op där Lëscht vum Comité d'accompagnement. Dat ass jo awer och Biergerbedeelegung. A mir kréien am Fong wéineg mat vum Kannergemengerot. Et ass jo awer och fir eis interessant, wat do gemaach gëtt. Dat war nach e Virschlag. Merci.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci Här Buergermeeschter. Ech fänken u mat engem klengen Zitat vum Olof Palme. „Es ist eine Irrlehre, dass es Fragen gibt, die für normale Menschen zu groß oder zu kompliziert sind. Akzeptiert man einen solchen Gedanken, so hat man einen ersten Schritt in Richtung Technokratie, Experten-herrschaft und Oligarchie getan. Politik ist zugänglich, ist beeinflussbar für jeden. Das ist der zentrale Punkt der Demokratie.“ Eis als LSAP ass Biergerbedeelegung immens wichtig. Mir hatten eis dat scho virun de leschte Walen op de Fändel geschriwwen, a wéi och vill aner Saache gouf dat och ëmgesat mat Biergerrot, Biergerpanel, jo och de Kannergemengerot, well et kann een net fréi genuch mat der Biergerbedeelegung ufänken. A wéi sot schonn de Schrëftsteller Max Frisch eng Kéier: Demokratie heescht, sech a seng eegen Affären anzemëschen. An dat maache mer hei. Wat eis hei virläit ass en Dokument op Basis vun enger Konventioun mat der Uni. Et gouf jo ganz vill schonn iwwert d'Detailler geschwat. A mir fannen natierlech och, datt d'Kommunikatioun hei eng ganz grouss Roll spillt. Mee bei eiseffizienten an effikasse Kommunikatiounsservice brauche mer do net ze fäerten an där Charge wäerte mer eis och gären unhuelen.

E Merci geet dann och un déi Verantwortlech vun der Uni natierlech mat deene geschafft ginn ass. Mee och un alleguerten déi Leit, déi sech bis elo schonn an dee Prozess abruucht hunn, sech gemellt hu fir matzemaachen. Well dat hei ass och näischt, wat elo muer eriwuer ass, mee dat hei ass eppes, wou een iwwer länger Zäit muss Engagement weisen a wou ee muss drubleiwen. Am Bliedchen an online, d'Leit kënnen dee ganze Prozess verfolge. Mir kënnen dee ganze Prozess verfolge. An do ass guer keng Gefor, dass eis do eppes entgeet. Dofir halen ech elo nach eng Kéier mat engem Zitat op: „Gute Beteiligung profitiert von guter Vorbereitung, ist aber nur begrenzt planbar.“ Dat heescht, den Ausgang ass elo op. Dat leeft awer och vum Engagement vun deene Leit, déi sech mellen a vun deene Projeten, déi kommen. An dofir si mir hei bannen elo net méi sou gefrot, mee lo sinn d'Leit dobausse

gefrot. A jiddweree kann a sengem Entourage Leit encouragéiere fir matzemaachen, dovun ze schwätzen, de Message e bèsse spreeën, fir datt dat e Succès gëtt. An dofir kënnen mer mengen ech ofschléisse mat: Avis aux amateurs.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci der Madamm Kohn. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Wëll nach een drop agoen?

RAPHAËL KIES (UNI.LU): Merci beaucoup pour tous ces commentaires qui étaient tous positifs. Nous on était là, on s'attendait à devoir répondre à quelques critiques, mais nous sommes contents de voir que, globalement, vous êtes tous contents avec le projet, ce qui nous réjouit et récompense le travail mis en place avec beaucoup de plaisir avec la commune de Dudelange. Et si pour entrevoir à long terme comment les processus participatifs de cette ville peuvent être maintenus et améliorés, on reprend tous vos points, que vous avez indiqués: l'importance de la communication, l'importance de faire le suivi des projets et les changements qui ont été proposés pour le règlement font tout à fait sens. Merci.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Merci och nach eng Kéier dem Raphaël an dem Katia. A merci och lech alleguerte fir Är Stellungnamen, fir Är Iwwerleeungen. Wat mech effektiv hei freet, dat ass dee groussen Zousproch, well mer eis bewosst sinn, dass mer eis zesummen op eng spannend Rees begi mat de Biergerinnen a Bierger dobaussen. An do ginn et effektiv ganz vill Methoden, wéi ee sou eppes kann ëmsetzen. Mir haten eis dat heiten zesumme mat der Universitéit erausgesicht, well mer gemengt hunn, dat géif bei sou eng Stad wéi Diddeleng passen, och mat där Awunnerzuel. Nach wësse mer alleguerten, dass mer net déi grouss Biergerbedeelegungskultur hei zu Lëtzebuerg an eben och net zu Diddeleng hunn. An dat dauert et bëssen. An dofir och der Madamm Heinen hir Remark, am Ufank ass dat fastidieux, da muss een effektiv eng 200 Leit uschreiwen, bis een der da 15 fënnt, déi sech trauen. Well se dat net sou richtig kennen an net sou richtig wëssen, wat op se duer kënnt. Mee eben, well der elo schonn e puer stattfonnt hunn. An dann ass et wichtig, ze kommunizéieren, do ginn ech lech alleguerten absolut Recht, dass d'Leit dobäibleiwen, dass se motivéiert bleiwen. Dass se engersäits mierken, dass hir Iddien en Consideratioun geholl ginn, dat ass ganz wichtig, dass se mierken, dass verschidde Projeten direkt oder e bëssen à moyen terme ëmgësat ginn. Dat motivéiert sécher fir weider matzemaachen. Dat motivéiert awer och, am Entourage driwwer ze schwätzen. An da brénge mer et zesumme fäerdeg, dass an Zukunft sech nach méi Leit do wäerten aktiv bedeelegen, notament erhoffe mer dat dann och bei deem Budget participatif. Dass ganz vill Leit e Projet erareeche an dass mer do zesummen déi Aventure kënnen ganz flott ëmsetzen.

Also de Rapport vum Comité d'accompagnement, wann ech dat falsch sollt gesot hunn, well jiddweree weess, wat gemengt war. Do kënnt och e Rapport, fir dass déi Leit, déi net konnten dobäi sinn, an hire jeeweilege Gremien dat verdeelen. Jo, et ass effektiv eng Iddi, fir ze soen, komm mir loossen een ersetzen, wa vläicht an

enger Fraktioun, déi e bèsse méi dënn besat ass, wann do een net ka present sinn. An da maache mer do op, fir dass en aneren aus dem Club, an dem Comité kann dobäi sinn. Dat ass eng interessant Propos. De Kredit, dat ass richtig, wat Der gesot hutt, d'Madamm Kayser. Dat doten ass elo deen een Deel, dee mer scho votéiert haten. D'nächst Joer ass jo d'Realisatioun, an da gëtt de Rescht vum Budget nogestëmmt. Well mer eis jo och net onbedéngt sécher waren, wéi vill mer do dra setzen. Mir si lo bei deenen 100.000 gelant, sou dass mer dat kënnen ouni Problem fir d'Realisatioun d'nächst Joer an deem nächste Budgetdokument virgesinn. D'Kommunikatioun, dat hutt Der alleguerten erkannt a gesot, dat ass ganz wichtig. D'Madamm Kohn ass och nach eng Kéier dorop agaangen.

An ech mengen et ass lech opgefall, dass bei all deem, wat mer bis elo maachen am Kader vun eiser Biergerbedeelegung ganz vill Text an eise Réseaux sociaux an Medien erëmzefanne war. Mir hunn eng Rei vu Flyere gemaach, en Toutes-Boîtes gemaach. Récemment ass jo nach ee komm, fir lech op den 20. ze invitéieren, wou eng grouss Biergerinformatiounsversammlung soll stattfannen, ronderëm dëse Budget participatif, an et sinn och Videoen, déi online ënnerwee sinn. Mir probéieren do ganz vill ze maache fir dat sou einfach wéi et geet ze kommunizéieren, fir jiddwereen unzeschwätzen. Jiddwereen unzeschwätzen ass net einfach. Eng Rei vu Leit – dat huet een an dem Panel gesinn – si ganz oppen an direkt bereet, matzeschaffen. Aner Leit muss een e bèsse virun d'Hausdier siche goen. An och dat kascht ganz vill Suen, an dat fannt Der och am Budget erëm. Deementspriedend villmools merci fir deen Zousproch. An elo si mer alleguerte gespaant, wéi et do op dëser Rees weidergeet. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Loris. Du bass op d'Wichtigkeet vun der Kommunikatioun agaangen. Dat ass wichtig ze kommunizéieren an och ze preziséieren, dass dann, wat d'Parteien ugeet, ee Verrieder aus der Fraktioun soll bleiwen, mee dass d'Ouverture ass, dass den Ersatz keen aus der Fraktioun soll sinn oder aus der Partei. Ech mengen dass mer dat och kommunikativ musse preziséieren, fir dass keng Ambiguitéiten opkommen. Där ware jo do. A lo musse mer hei preziséieren, a wéi eng Richtung dass mer wëlle goen. Also den effektive Member aus der Fraktioun, ass e Gewielten hei aus dem Gemeengerot an den Ersatz ass net gewielt. Si mer eis dorop eens? Da kann och d'Reglement, also d'Kompositioun an deem Sënn adaptéiert ginn. Ass dat OK fir lech? Mir müssen e kloer Prinzip an eng kloer Lisibilitéit an dat Ganz bréngen. Dat war jo och sou ugekënnegt. Mer sollte vläicht preziséieren, dass de Verrieder sollt een aus der Fraktioun sinn. Dat hale mer bäi. Mir maache just eng Ouverture par rapport zum Ersatz. An et geet ëmmer nëmme een dohin.

Da kënnen mer iwwert d'Reglement hei ofstëmmen. Ass de Gemeengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Ech soen lech villmools merci an och der Verrieder vun der Uni, dem Raphaël an dem Katarina merci fir hir Presenz an Erklärungen.



REGIONAL MUSEKSSCHOUL

3.7. Modifikatioun vum Kapitel XII vum allgemengen Taxereglement – Regional Museksschoul vun der Stad Diddeleng

7. Approbatioun vun der provisorescher Schoulorganisatioun fir d'Schouljoer 2022/2023

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Hei fënnt elo e fligende Wechsel statt. Ech begrëssen de Bob Morhard, den Direkter aus der Museksschoul.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Den 3.7. huele mer zesumme mat der Organisation scolaire, dat de Punkt 7 op eisem Ordre du jour ass. An ech sinn och frou, dass de Bob hei ass, fir kënnen op d'Detailer an eventuell op Är Froen anzegoen an och vläicht op verschidden Detailer vun de Chifferen, déi lech kéinten interesséieren. Wann ech soen, mir hu virdrun e Punkt, deen ënner Finanze war, zréckgesat, dann ass dat natierlech e Règlement-taxé. Hei geet et ëm de Minerval. Well wéi Der bestëmmt scho matkrut hutt, kritt den Enseignement musical zu Lëtzebuerg jo ab der Rentrée 2022/2023 en neie legale Kader, wou ënner anerem dann och d'Gratuitéit fir de Schüler bis zum Diplom vum éischte Cycle dann och definéiert gëtt. An eiser regionaler Museksschoul, do hate mer historiesch gesinn ëmmer ganz sozial Tariffer, ech mengen dat wësst Dir.

Spréch fir e Kand wat Resident war, 75.- Euro pro Joer fir e Package vun Eenzelskurs inklusiv all Niewefächer, wéi d'Formation musicale etc.. Mee et goufen awer och Schoulen, wou dee Minerval pro Cours iwwer 600.- Euro fir en Adulte louch. D'Gesetz gesäit elo vir, de Minerval pro Cours op maximal 100.- Euro um nationalen Niveau ze limitéieren fir déi Course vum 1er Cycle, déi net vun der Gratuitéit betraff sinn. Wat heescht dat konkret? Ma dat heescht, datt de Staat e System en place setzt, deen de Gemengen hire Verloscht u Revenue kompenséieren wäert. Dir hutt d'Dokumenter do leien, an Dir kënnt deenen Dokumenter enthuelen, datt mer fir d'Schouljoer 2021/2022 e Minerval vu ronn 175.000.- Euro erakritt hunn. A laut den Estimatiounen vum Ministère de l'Intérieur krite mer fir dat nächst Schouljoer, also 2022/2023, plus minus 649.000.- Euro vum Staat, fir d'Perte ebe vun deem Minerval ze kompenséieren.

Ma wou kënnt elo dee groussen Ënnerschied hir? Dat ass bestëmmt dat éischt, wat Der lech gefrot hutt, wou Der déi Chiffere gesinn hutt. De Staat huet sech

un deene Gemengen a Syndikater orientéiert, déi bis elo eben e ganz héije Minerval haten a si hunn hinne versprach, datt se näischt géinge verléieren. De facto kommen also Gemengen, déi bis elo en déiwen Tarif applizéiert hunn, wéi mir also, mee och de Gros vun de Südgemengen, mat deem neie Gesetz ganz gutt ewech. En fin de compte ass den Ënnerschied u Revenuen tëschent dem Modell vum Gesetz an eiser Propos, déi d'Gratuitéit fir all Schüler garantéiert, just 11.400.- Euro. Dat heescht 649.150.- Euro, par rapport zu 637.750.- Euro. Aus deenen Iwwerleeungen eraus proposéiere mer lech, an Zukunft op e ganz soziale Modell ze goen, deen d'Gratuitéit op all Schüler a Studenten auswäit an e Minerval vun 100.- Euro just fir d'Elève adulten ze froen. Souvill zum Minerval.

Ech géif weiderfuere mat der Museksschoul, mat der provisorescher Organisatioun. An ech mengen, da kënnt Dir herno d'Froe vläicht alleguer zesumme stellen. Dofir ass eisen Direkter jo och hei. Ech presentéieren lech elo wéi all Joer déi provisoresh Schoulorganisatioun fir d'nächst Schouljoer 2022/2023, wéi se de 24.06.2022 arrétéiert gouf. A wann ech soe „présentéieren“, dann ass dat e bëssen héich gegräff, well eigentlech, an dat soen ech och all Joers, sinn déi Chifferen ëmmer nëmmen eng Momentopnam, dat heescht, déi kënne 5 Minutten, nodeems mir se arrétéiert hu schonn erëm anescht sinn. Bis zu der Rentrée wäerte se och ganz sécher nach ganz anescht sinn, well do sinn ëmmer nach eng Partie Schwankungen dran. Nichtsdestotrotz si mer gehalen hei am Gemengerot, wéi all Joers, eng provisoresh Schoulorganisatioun, an d'Betounung leit dofir op „provisoresh“, hei mussen ze stëmmen. Ech ka mech also just op déi Chiffere baséieren, déi provisoresh sinn an ech maachen dann och de Verglach mat deene provisoresh Chiffere vun der leschter Organisatioun. An och dee Verglach maachen ech ganz kuerz, well do nach ganz vill kann änneren, bis mer déi definitiv Schoulorganisatioun hei am Gemengerot wäerten hunn. D'Unzuel vun de Schülerinnen a Schüler ass fir d'nächst Joer gesond an d'Luucht gaangen. An zwar hate mer op de 24.06. deen Datum eben, wou déi provisoresh Schoulorganisatioun arrétéiert ginn ass, 1354 Schülerinnen a Schüler ageschriwwen. Am Juni 2021 waren dat der 1281, wat eng Croissance vun e bësse méi wéi 5,69% bedeit.

Generell, wéi erkläre sech déi Zuelen? Natierlech duerch d'Attraktivitéit vun eiser regionaler Struktur. Dann natierlech och duerch déi gesamt demographesche Entwécklung, déi mer an eiser Géigend hunn an doduerch och eng verbessert a méi eng dynamesch Kommunikatioun a Visibilitéit no baussen, déi mer zënter et puer Joer maachen, entre autres och eben duerch d'Campagne vum Educatiounsministère, awer och am Kader vun der Gratuitéit vum Enseignement musical. Eraushiewe kann een och an deem Kontext den Danzdepartement, mat ronn 150 Schülerinnen a Schüler, wou ee mierkt, dass wierklech eng reell Demande do war, wou mer dee Projet do gemaach hunn. An dann andersäits de Projet Karussell. Dat ass eng Offer fir Enfants à besoins spécifiques, deen elo a seng 4. Saison geet. An déi vun lech déi d'Chance hate bei der Diplomiwwerreechung virun e puer Deeg dobäi ze sinn, déi hunn déi och an Aktioun gesinn. An ech mengen, wien dat gesinn

huet, dee gesäit, datt dee Projet do net méi ewechzedenken ass an datt deen och duerchaus Sënn mécht. De Modell, deen Der als provisoersch Schoulorganisatioun virleien hutt ass och u sech all Joers d'selwecht opgebaut, mee ab dëser Rentrée hu mer en neie Portal informatique, dee mer vum Staat virgi kritt hunn, deen huet de flotten Numm Edumus, an deen ass fir den Echange vun den Donnéeën mat eisem Ministère de tutelle ze garantéieren. Déi Chifferen, dat ass wéi ëmmer keng exakt Wëssenschaft, an dat kann et jo och zu dësem Zäitpunkt nach net sinn, well soss bräichte mer déi definitiv Schoulorganisatioun jo guer net méi hei an de Gemengerot ze huelen, respektiv dann och ze stëmmen.

Ech mengen ech hunn lech elo ganz, ganz vill Infoe ginn. Ech géif lech bieden, der provisoerscher Schoulorganisatioun an dem neie Minerval zouzestëmmen. Well mir kënne ganz houfreg drop sinn op eis Museksschoul, déi gutt fonctionéiert a virun allem och datt mer staark Partnergemengen hunn, déi dat Ganzt och droen an hei ganz gutt matschaffen. Als kleng Informatioun nach: Mir haten natierlech och dës Woch Museksschoulkommissioun, wou mer dat doten och virgestallt hunn. An domat wär ech fäerdeg a géif d'Wuert erëm zrëckginn un de Buergermeeschter:

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci dem Claudia fir alleguerten déi Erklärungen an d'Presentatioun vun der Schoulorganisatioun an dem Minerval. D'Diskussioun ass op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci fir d'Wuert. Als éischt emol e grouse Merci un de Bob, seng ganz Ekip, säi ganze Staff, seng Enseignanten alleguerten. D'Museksschoul huet eng gutt Visibilitéit awer och eng gutt Renommée. Et ass net nëmmen d'Visibilitéit déi zielt, mee awer och d'Renommée. A Felicitatioun fir all Mënsch, deen do engagéiert ass an dee Merci kanns De roueg un d'ganz Ekip weiderginn. De Succès vum Danzdepartement. Ech mengen, do waart der selwer e bëssen iwwerrullt ginn. Dat ass jo wierklech impressionant. D'Fro ass elo: Wéi wäit si mer mat eisem Projet Container? Wéi eminent wichteg ass et, dass mer do virukommen, dass der déi Coursen awer kënnt sou ubidden, wéi der lech dat virstellt?

Dann eng aner Fro ass d'Gratuitéit. Hutt dir dat elo scho gemierkt an den Aschreiwungen dëst Joer? Ginn et Leit déi dowéinst decidéiert hunn, hir Kanner anzuschreiwen, well et ebe lo gratis ass? A wat erwaart der iech? Dat ass natierlech eng ganz hypothetesch Fro. Wat erwaart der iech? Wéi vill Kanner kënnt der nach méi ophuelen? An hutt der och nach déi Capacitéit vu Stonne fräi, wann elo wierklech e Flux kéim vu – wat weess ech – 100 Kanner dobäi? Géife mer dat nach packen?

Meng aner Fro ass ob dee Projet vun der Zesummenaarbecht vun der Maison Relais an der Museksschoul, ob dat och weidergefouert gëtt? An ob der do och scho kënnt e Bilan zéien, dass der z.B. duerch déi gutt Zesummenaarbecht, duerch dat Schnuppere vun de Kanner an der Museksschoul, dass der do och vläicht Kanner rekrutéiert hutt, déi wierklech dann och „richteg“ Cour-

sen ugefaangen hunn, eng richteg musikalesch Ausbildung ugefaangen hunn? Well dat war jo och e bëssen de Sënn vun der Übung, fir d'Kanner méi no bei d'Musek ze bréngen duerch en onkomplizierte Kontakt tëscht der Maison Relais an der Museksschoul. Dat waren e puer Froen. Wéi gesot, vill, vill, villmools merci un Dech an un all déi Enseignanten an och un déi ganz flott Projete wéi Karussell, Museksgaart asw. dat grouse Succès huet bei der Diddelenger Populatioun, a mir si frou, dass mer och sou e gudde Staff an e ganz gudden Direkter hunn.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Ech hat d'Chance leider net, fir bei der Diplomiwwerreechung dobäi ze sinn, ech entschëllege mech dofir. Ech war am Biergerbedeelegungs-Comité d'accompagnement wou ech mech dann d'nächste Kéier ersetze loosse, well et geet jo dann. Zum Taxereglement, do hätt ech just eng Fro. Ah neen. Fir d'éischt wollt ech mol nach felicitéiere fir déi gutt Aarbecht an och nach eng Kéier zrëckkommen op dee Youth Festival. Dat war jo eng Heedenaarbecht och fir eis Museksschoul an dat war immens flott. Ech hunn do de Video gesinn, et war jo net nëmmen hei zu Diddeleng. Ech hunn et e bësse schued fonnt, samschdes war et an der Le'h um Kiosk. Ech war praktesch deen eenzegen Zuschauer an et huet mer sou leed gedoe fir déi Jonk, déi dann do optrieden a si hu keng Zuschauer. Ech weess och net, u wat dat louch, un der Kommunikatioun warscheinlech. Mee dat war jo Esch2022, déi do vläicht hätte méi Reklam misse maachen. Op jiddwer Fall war et immens flott. An och Felicitatioun fir dee flotte Festival mat de Jonken aus Lëtzebuerg, aus Diddeleng an awer aus villen anere Länner.

Zum Taxereglement, do hätt ech just eng Fro, do hu mer jo Konventiounen mat de Partnergemenge Keel, Beetebuerg, Weiler-la-Tour a Réiser. Bleiwen déi oder muss do och elo eppes geännert ginn? Well et gëtt jo lo keen Ënnerscheed méi gemaach tëschent Elèves-résidents an Elèves aus de Partnergemengen oder vun nach auswäerts. An dann zur Schoulorganisatioun. Jo, do hate mer déi selwecht Iwwerleeung mam Danzdepartement. Déi si jo lo all am Hartmann, dat si lo wierklech vill Coursen. Am Budget extraordinaire do stounge fir dëst Joer schonn 150.000.- Euro fir d'Remise en état ancienne centrale électrique, wou jo dann d'Container kommen. Wéi ass do de Fortschrëtt? Sinn do iwwerhaupt schonn Aarbechten ugefaange ginn? Dat war et schonn.

ALAIN CLEMENT (LSAP): Merci Här Buergermeeschter. Ech huelen och just eng kleng Stellungnam, léif Kolleginnen a Kollegen aus dem Gemengerot. Mir stëmmen haut nees iwwert déi provisoersch Museksschoulorganisatioun of, wou d'Zuelen op den 24.06. arrétéiert goufen. Ech wëll och elo net an d'Detailer goen, well mer nach an deenen nächste Gemengeréit déi definitiv Organisatioun wäerten um Ordre du jour hunn.

Mir hunn déi lescht Joren kontinuierlech eng Croissance um Niveau vun den Aschreiwungen, déi no uewe weist, wat eis seet, dass eis Museksschoul nach ëmmer ganz attraktiv do steet. Et wier och elo kee Réckschlag gewiescht wann d'Zuele vis-à-vis vum leschte Joer einfach nëmme stabil bliwwen wieren. Firwat se och dëst Joer nees geklomme sinn, dat huet sécher-

lech erëm déi eng oder aner Ursaach. D'Claudia huet der schonn e puer dovun erläutert. Eng dovun war jo, dass d'Museksschoulen am ganze Land vun dësem Joer u gratis sinn. Ob dat awer d'Hauptursaach ass fir déi Croissance no uewe vu 5,7%, sief dohigestallt, well mir jo scho säit Joren Zuelen hunn, déi an deem Mooss no uewe klammen.

Es Aschreiwungsgebüre ware schonn ëmmer méi wéi räsonabel mat 75.- Euro, sou dass ee schonn do bal hätt kënne soen: Dann hätte se et och ganz kënne fir näischt maachen. An dëst gëtt jo elo och de Fall. An anere Museksschoulen, dat hu mer jo virdu matkritt, do si bei deenen Aschreiwunge mol gär bis 600.- Euro ugefall. A menge Aen ass déi Hauptursaach einfach déi, dass eis Museksschoul en attraktiivt Konzept ubitt, dass eis Schoul mat vill Engagement gefouert gëtt an dass permanent weider u Konzepter gefeilt gëtt fir de Kanner no ze sinn an hinne Musek ëmmer méi schmackhaft ze maachen. Musek soll de Kanner Spaass maachen, an dat ass eng vun der Schoul hiren Devisen an dat bréngt se offensichtlech och gutt fäerdeg. Dat ass a mengen Aen den Hauptgrond, firwat och dëst Joer nees déi provisoresch Aschreiwungszuelen nees sou geklomme sinn. A wann een dës Zuele vun den Aschreiwunge gesäit, da weess een, dass dat nees e Spagat um Niveau vun der Organisatioun war a bleift. An et weess een dass eis verantwortlech Leit an der Museksschoul bis zur leschter Minutt ënner Héichspannung stinn, fir alles ënnert en Hutt ze kréien.

Och wann haut réischt déi provisoresch an nach net déi definitiv Schoulorganisatioun gestëmmt gëtt, steet deem awer näischt am Wee dass mir als LSAP eisem Direkter, dem Bob Morhard, an eisem Sous-Direkter dem Laurent Felten souwéi dem ganze Personal vun der Museksschoul elo schonn e grouse Merci an eis individuell Unerkennung ausschwatzen däerfe fir dee gudden Job, dee se och dëst Schouljoer nees gemaach hunn. Bravo an e grouse Merci vun der LSAP-Fraktioun.

BOB MORHARD (DIREKTER VUN DER MUSEKSSCHOUL): Villmools merci un de Gemengerot fir déi léif Wieder. Mir appreciéieren dat an ech wäert dat sécher un déi ganz Ekippe weiderginn. Et war e spannend Joer. Nieft dem Festival, wat mer als once in a lifetime experience organiséiert hunn, hu mer och 75 Joer Geburtsdag gefeiert. Mir haten déi richteg Woch erwëscht, wou mer nach konnten. Déi Woch drop war rëm alles zou. Do hate mer wierklech Chance, de 7. Dezember ass do gutt gefall. Ech wollt e puer Prezisiounen zu de Froe ginn, déi Dir gestallt hutt, déi si jo och deelweis e bëssen iwwergräifend. D'Gratuitéit huet eis Visibilitéit gi well et eng grouss Campagne war vum Ministère, Museksschoulen.lu ass en neie Site. Et goufe Videoen, et goufe Pubben um Radio, mee ech mengen awer net, dass dat zu Diddeleng eng Influence huet op d'Schülerzuele prinzipiell, well mer schonn e ganz déiwe Minerval haten. Op d'Joer gedeelt duerch 12 ass dat scho bal gratis. Dat ass net den ausschlaggebende Punkt. Et ass éischter dass d'Visibilitéit méi grouss ginn ass.

Wou mer Angscht hunn, dat ass bei den Abandonen, dass Leit elo einfach ageschriwwen sinn ... mol kucken. Ech mengen dat ass ee Problem, dee mer müssen am

A hunn. Dee betrëfft awer all Museksschoulen an all Conservatoires. Den Hoke bei der ganzer Geschicht vun der Gratuitéit ass, dass déi Schüler déi „Abandon“ sinn, net vum Staat rembourséiert ginn. Dat war nach ëmmer sou. Mee dat ass wierklech dat, wou mer alleguer am selwechte Boot setzen allgemeng, mee do musse mer wierklech oppassen. An no engem Joer muss mer och beim Syvicol e Bilan zéien, ob mer wierklech besser ewechkommen oder net. Well dat ass wierklech déi Gefor, déi besteet mat der Gratuitéit. Et war eng Fro vun der Capacitéit do. Beim Corps enseignant gesinn ech manner Problemer, éischter bei den Infrastrukturen. Mir hu säit 2007, wou mer geplënnert sinn eng Philosophie fir alles an d'zentral Gebaier op der Schmelz ze zentraliséieren. A mir hu manner Coursen an den Annexen ugebueden: Beetebuerg, Keel, Réiser, Weiler. Mir probéieren awer elo, eng Politique de proximité ze maachen, d'Course sou gutt wéi méiglech do ze halen, wou d'Kanner wunnen a wou d'Kanner an d'Schoul ginn. Dat heescht, d'Offer an den Annexen ze vergréisseren an doduerch rëm e bësse méi Plaz am Hauptgebai ze schafen.

Da war och d'Fro vun de Maison Relais. Dat Konzept fonctionéiert gutt. Mir kruten och nach net méi spët wéi haut de Moien eng Ufro vun de Gemengecrëchen, ob mer net och do kéinten intervenéieren. Wat et bësse méi schwierig ass, ass dass d'Konzept vun der Maison Relais iwwerschafft gouf an dass et e Concept ouvert ass an dass d'Kanner kënnen wielen all Mëtten, wou se wëllen higoen. Et ass schwéier do eng Continuitéit eranzekréie während 8 Wochen oder 6 Wochen. Wann e Kand an den 1. Cours kënnt an dann erëm an de 5. da feelen der e puer dertëscht. Do musse mer eis dann d'Fro stellen, wéi mer dat Konzept an Zukunft upassen. Mee well dat um Ordre du jour fir d'Rentrée ass wäert ech an der Vakanz e bësse cogitéieren, wéi mer dat nei kënnen organiséieren.

Wou mer effektiv och iwwerrannt ginn dat ass am Département Danse. Do si mer awer ganz proaktiv un den Dossier erugaangen. Engersäits hu mer mam Service des Sports Léisunge fonnt, fir nach ee Joer am Hartmann ze cohabitieren. Dat klappt och gutt. E grouse Merci och hinne fir hir Flexibilitéit. Op där anerer Säit hu mer awer och eng mëttelfristeg Léisung fonnt. Déi Ausschreiwung ass eraus fir déi provisoresch Container um Site NeiSchmelz. Prinzipiell, wann alles um Chantier gutt geet, plënnere mer do fir d'Rentrée 2023 eran. Do kréie mer 2 Säll, déi da komplett zu eiser Verfügung stinn, wou mer dann och ganz aner Capacitéiten hunn, och vill méi Disponibilitäten hunn, haaptsächlech vun den Horairen. Wou mer dann net engersäits mam Lycée an engersäits mat de Veräiner kollidéieren. Wou mer da wierklech eis Horairen adaptéiere kënnen. Dat ass och pedagogesch besser. Am Moment fänke mer wierklech ëm 16:10 un, do ass kee Kand zur Zäit, well et aus der Schoul kënnt, a scho guer net wann et vu Beetebuerg a vu Keel kënnt. Mir kënnen also do lo de Bierger besser Horairen ubidden.

Da war fir deen definitive Projet. Do muss een e bësse Gedold hu bei sou Projeten. Do hu mer schonn éischt Rendez-vousen, et sinn éischt Etüde gelaf. Net méi spët wéi d'nächst Woch hunn ech Rendez-vous mam



Kathy Mambourg a mam Architekturbüro, wou mer lues a lues e Programm erschaffen. Mee dat ass en Dossier, dee brauch Zäit, wou mer awer schonn dru sinn. Da war nach eng lescht Fro zu de Konventiounen. Also mat de Konventiounen. Bis elo hu mer nach näischt héiere vun de Partnergemengen an dat soll och sou bleiwen. Et ass sécher net un ons, fir doru réckelen ze goen. Dat si Partnerschaften, déi mer jorelaang opgebaut hunn, wou mer hinnen och e Service bidden, dee gutt ass. A wa se d'Konventiounen géinge kënnegen, da misste se och en neie Prestataire fannen. Dat mécht kee Sënn mengen ech. Souwäit zu mengen Explikatiounen. Wann nach Froen do sinn, sinn ech gärn do, fir déi ze beäntweren.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Meng Fro war just wéinst där Tarifännerung. Ob do an de Konventiounen och eppes muss geännert ginn? Ech hoffen, dass dat alles bleift wéi et ass.

BOB MORHARD (DIREKTER VUN DER MUSEKS-SCHOUL): Neen. Souwäit ech weess, neen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Wa keng weider Froe wäeren, da géif ech vläicht preziséieren dass, wa mer un deem Projet schaffe vun der neier Annex, do musse mer jo déi selwecht Demarche maachen. Dat ass net anescht wéi mam VEWA oder mam Lokomotivatelier. Mir sinn de Proprietär vum Gebai, dann ass de Fond de Logement, da muss eng Konventioun gemaach ginn, déi kënnt hei an de Gemengerot, wou d'Saache gekläert ginn. Alles dat ass Partie intégrante fir mëttelfristeg d'Centrale électrique kënnen ze notzen als Annex vun der Museksschoul. Do maache mer déi selwecht Demarchen, wéi gesot, sou wäit si mer nach net, do brauche mer dee selwechte Wee, do gi mer déi selwecht Pied trëppelen, mir hu se zwar scho vir getrëppelt, wéi mam VEWA a mam Lokomotivatelier.

Da géif ech proposéieren, dass mer ofstëmme wa keng Froe méi sinn. Oder Claudia, wollts Du nach op Froen agoen? Neen. Gutt. Dann engersäits d'Ofännerung vum Taxereglement, wien ass domadder averstanen?

Dat ass unanime.

A mat der provisoirescher Schoulorganisatioun? Wien ass mat där averstanen? **Dat ass och unanime.** Da soen ech hei dem Gemengerot merci an och dem Bob merci fir seng Presenz a seng Erklärungen.

8. ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL

Approbatioun vun de Changementer vun der Schoulorganisatioun 2022/2023

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da gi mer an déi aner Schoulorganisatioun iwwer.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP - SCHÄFFIN): Merci. Et ass am Fong just e klengt Changement wat mer hunn am Fundamental. Mir mussen et awer elo duerch de Gemengerot huelen, well jo ab der Rentrée scho soll fonctionéieren. Ech mengen ech hat nach eng Schoulkommissioun ageruff. Ech entschëllege mech, datt dat huet misse sou séier goen, mee ech wollt awer trotzdeem d'Leit informéieren. Hei geet et am Fong just drëm, fir zwou Plagen ze änneren. Dat heescht, et muss ee jo souvill Plagë mat 55 Minutten hunn a souvill Plagë mat 50. An hei géife mer, zesummen natierlech mat de Presidenten, mat de Comitéen, géife mer dëschdes an donneschdes déi Stonn verlängeren vun 08:45 op 09:40. Doduerch hu mer dann dëschdes an donneschdes lo net méi bis 12:25 mee bis 12:30 Schoul. Dat ass eng kleng Ëmännerung, mir wëssen et scho méi laang, mee mir mussen et awer duerch de Gemengerot huelen. Méi brauch ech dozou net ze soen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Josiane. Froen dozou? Kënne mer doriwwer ofstëmme? Ass de Gemengerot domat averstanen?

Dat ass unanime. Villmools merci.



10. COMMISSIONS CONSULTATIVES

Approbatioun vun den Ännerunge bei der Zesummesetzung vun deene verschiddene Commissions consultatives

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da gi mer op deen nächste Punkt iwver: Commissions consultatives. Do hu mer hei d'Kommunikatioun vun der LSAP, dass den Här Sven Barthels an der Jugendkommissioun vum Här Gledis Kryeziu ersat gëtt.

Ass de Gemengerot domadder averstanen?

Dat ass unanime. Merci.

11. PERSONAL

11.1. Kreatioun vun engem Poste vun engem Employé communal, B1, administratif, fir de Service Accueil a Receptioun.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Gutt, da komme mer bei d'Personal. D'Kreatioun vun engem Poste vun engem Employé communal. Hei probéiere mer eng Situatioun ze regulariséieren. Et geet ëm eng Mataarbechterin, d'Madamm Blanc, déi am Sous-groupe éducatif et psycho-social war, well se effektiv och an der Maison Relais geschafft huet. Mee du hu mer d'Decisioun kritt vun der Commission mixte vum 17. August 2020 wéinst engem Reklassement. D'Madamm schafft hei ënne bei eis an der Receptioun. Mee se schafft natierlech net méi an hirem Beruff als Educatrice.

Dat heescht, aus där Karriär muss se rausgeholl ginn, muss se regulariséiert ginn. Dofir schafe mer dann hei en neie Posten als Employé communal, dat heescht, hire Posten als Educatrice diplômée, dee gëtt fräi. Mir schafen en neie Posten, wou mer se eranhuelen, well se elo net méi en Educateursposten ausübt, mee am Fong administrativ Aarbecht mécht. An dofir konforméiere mer eis hei par rapport engersäits zu der Decisioun déi d'Commission mixte geholl huet, fir dann och der Madamm Blanc eng propper Karriär ze ginn am administrative Beräich. A wéi gesot, se ass an der Karriär B1. Dat zu den Erklärungen, firwat mir dee Posten hei musse schafen.

Ass de Gemengerot domadder averstanen?

Dat ass unanime. Da soen ech lech villmools merci.

11.2. Conversioun vun engem fräie Poste vun engem Employé communal, B1, éducatif a psycho-social an e Poste vun engem Employé communal A2, éducatif a psycho-social fir de Service d'éducation et d'accueil

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Dann den nächste Posten ass fir de Service d'éducation et d'accueil.

9. CONGÉ POLITIQUE

Nei Fixatioun vum Supplement vun 9 Stonne Congé politique d'Woch ënnert den Delegéierten an de Gemengesyndikater

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da komme mer op deen nächste Punkt. Dat ass de Congé politique, an d'Nei-Fixatioun vun den 9 Stonne Congé politique pro Woch fir d'Delegéiert an de Syndikater. Do war et jo sou, dofir proposéiere mer dat hei, 7 Stonne fir d'Claudia, dat changéiert jo net, mee dass d'Josiane hei, 2 Stonne kritt als Schäffin an Delegéierten am SIGI an och am TICE.

Dat huet domadder ze dinn dass hatt déi 2 Stonne kritt, déi virdrun de Loris hat an de Loris aus beruffleche Contrainten, déi hien am Kader vu sengem Direktiounsposten huet, déi 2 muss ofginn a mer dann do de Switch maachen an dem Josiane déi 2 Stonne Congé politique ginn fir eis dann am SIGI an am TICE kënnen ze verrieden. Dat ass d'Erklärung, firwat dass mer hei déi 2 Stonne verlageren.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech hu just eng Fro, eis war net ganz kloer ob elo nach eng Kéier 9 Stonne verdeelt ginn oder ob dat déi 9 Stonne sinn vun... Dat bleift bei deenen 9 Stonnen?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Neen, just déi 2 Stonnen. Et war jo sou, d'Claudia hat der d'office 7 an 2 hat de Loris. An déi 2, déi de Loris lo huet, déi ginn un d'Josiane. Et ass am Ganzen eng Enveloppe vun 9 Stonnen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): OK. Gutt.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Ass de Gemengerot mat där Affektatioun vun deenen 2 Stonnen averstanen? Dat ass déi Gréng, LSAP, onofhängege Member. Wien enthält sech? D'CSV.



JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN):

Do froe mer de Gemengerot fir eng Konversioun de poste vun engem B1, dat heescht vun engem Diplômé an de Gradué. Firwat maache mer dat? Duerch d'Demission vum Manon Bock ass am Fong en Diplômés-Poste fräi a mir hunn elo mëttlerweil an der Gafelt, an dat ass dat, wat e bëssen extrem gött, do si mer an de Mëttesstonne bei 160 Kanner. Dat ass immens vill fir do nëmmen e Gradué ze hunn an um Strutzbierg hu mer der jo och zwee. Dofir froe mer am Fong d'Konversioun vum Posten, dann hu mer do och ab dem 15. September en zweete Gradué um Site. Ech mengen dat ass onbedéngt noutwenneg bei där Gréisstenuerdnung. Deelweis ginn der zwar vun der Gafelt op de Strutzbierg iessen, mee da sinn nach ëmmer bis 135 Kanner do. Dat ass d'Erklärung.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Kënne mer iwwer deen dote Posten ofstëmmen, d'Conversion de poste? Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech och do villmools merci.

12. SYNDICAT INTERCOMMUNAL DE GESTION INFORMATIQUE

Rezent Artikelen an der Press iwwert de Fonctionnement vum SIGI – Projet fir eng SIGI-Stëftung ze schafen – Prise de position vum Gemengerot

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da gi mer op deen anere Punkt iwwer, dat ass den Dossier vum SIGI, deen eis déi lescht Wochen an Otem gehalen huet. Et waren eng ganz Rei Artikelen an der Press. Ech gi vläicht herno nach op eng Rei Punkten an, mee ech géif da virun allem eiser Vertrieederin am Bureau vum SIGI an och eiser Vize-Presidentin vum SIGI, dem Josiane hei d'Wuert ginn, fir op eng Rei Punkten anzegoen.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN):

Villmools Merci Här Buegermeeschter. Mir haten e Bréif gemaach un de SIGI als Gemeng Diddeleng an d'Äntwert hate mer an d'Korrespondenz gesat. Dir hutt gefrot, fir e Punkt um Ordre du jour, fir och kënne Froen ze stellen. Ech wäert probéieren, op alles ze äntweren, mee ech wëll einfach eng Kéier d'Entwécklung erklären. Wéi ass dat ugaangen. A firwat si mer iwwerhaupt souwäit komm? Et ass net nëmmen een Dossier. An Dir wäert dat elo gesinn, wann ech lech et e bëssen erkläert hunn. Hei geet et net nëmmen ëm eng Saach. Hei geet et ëm d'Personal, hei geet et ëm eng Kreatioun vun enger Fondatioun, an hei geet et och ëm en Audit. D'Entwécklung war am Fong déi: Dir wësst, säit den neie Programm Sigi-Nova presentéiert ginn ass, an an de Gemengen implementéiert gi soll, hate mer als Gemeng Diddeleng eng Entrevue gefrot mat der Direktioun an dem President fir eis de Programm ze presentéieren. Mir haten eng Demande gemaach, mir hunn och en Datum fonnt, an deen Dag virun hu se dunn nogefrot, wien da vum Schäfferot present wier. A bei eis ass dat sou, normalerweis ass dee Schäffen do, deen zoustänneg ass, an dann natierlech och deen, dee wëllt. Bon, du ass dann déi Reunioun annulléiert gi vum Direkter, well

mer et net géife fäerdeg bréngen als komplette Schäfferot do ze sëtzen, wa si eis dat géife presentéieren. Mir hunn dorobber hin e Bréif gemaach, wou mer awer ausgedréckt hunn, dass mer wierklech net frou doriwwer wäeren, datt si dat einfach sou géifen annulléieren. An du ass et virugaangen an dat wësst dir selwer. Mir haten am Oktober am Gemengerot jo d'Motioun vun deene Lénken, wou ech selbstverständlech am Bureau an och bei der Direktioun all déi Saachen nogefrot hunn an ech och Erklärungen krut. Ech hunn dat dunn hei verdeelegt, sou wéi mäi Wëssen op deem Moment war, an elo si mer an enger ganz anerer Situatioun.

Ufank 2022 sinn dunn d'Diskussiounen iwwert eng Fondatioun ugaangen. An do war ech schonn ëmmer – Fondatioun – Syndikat – relativ onsécher. Ech soen och just Saachen, déi ech och wierklech kann nowiesen. Du war et kloer am Bureau, dass ech do awer eng aner Positioun hat, an ech hunn dat och des ëftere gesot. Ech hunn ni wierklech gesot: „Ech sinn do dergéint“, mee ech hat awer meng Bedenken. A mir hunn dat du och an de Schäfferot geholl, mir hunn am Schäfferot driwwer diskutéiert, an do war eis Positioun relativ kloer zu där Fondatioun, datt d'Diddelenger Gemeng dat net géif droen. Entretemps hu se awer eng Comitéssëtzung ausgeruff, wou se wollten de Comité ofstëmmen loosse iwwert d'Fondatioun, also iwwert de Pré-Accord, fir eng Fondatioun ze lancéieren. Ech hu mech dunn e bësse gewiert am Bureau, ech hu gesot, ech wëllt dat net an ech géing dat net matstëmmen, an et kéint net sinn, datt e Comité eng Presentatioun gemaach kritt an direkt, bei sou enger Envergure, sollt ofstëmmen. Du hu mer de Vott vum Ordre du jour vum Comité geholl an et ass just eng Presentatioun gemaach ginn iwwert d'Fondatioun. Duerno sinn dann an der Press all déi Artikelen komm. Ech weess net, ob Dir se all gesinn hutt, vu „Reporter“, wou ee ka soen, se sinn hefteg. Et ass awer elo näischt, wou ech ka soen: „Dat ass net esou.“ Dat Eenzezt wat ech ka soen, wat falsch ass, wou de „Reporter“ sech geiert huet, datt 40 Leit de SIGI an annerhallwem Joer verlooss hunn. Dat ass net wouer, et hu 37 Leit de SIGI an dräi Joer verlooss. Ouni vun deenen Externen ze schwätzen, wou ech net ka behaupten, ob dat sou ass.

An du hu mer nach eng Kéier hei an der Gemeng doriwwer diskutéiert, och am Schäfferot, an du ware mer eis awer eens, datt do Saache sinn, déi net gutt fonctionéieren. An d'Gemeng Diddeleng huet dunn e Bréif gemaach un de SIGI, deen hutt Der jo och virleien, deen hutt Der gelies, mat alle Saachen, déi net fonctionéieren. A mir hunn eis do wierklech op Saache baséiert, déi mer wierklech um Terrain och materliewen. A mir hunn

et un déi aner 100 Gemenge geschéckt. Dat heescht, dat ass net nëmmen un de SIGI gaangen, mee dat ass och un déi aner 100 Gemenge gaangen. Firwat dat gemaach ginn ass? Ma well ee vill ronderëm héieren huet, an awer net wierklech reagiert ginn ass. Am Comité ass eigentlech ni eppes gesot ginn, an awer huet ee sou ëmmer... Bon, no deem Bréif, wou dee raus war, do hu mer immens vill Reaktiounen kritt a jiddwereen huet gesot: „Ma gutt, datt der lo mol eppes gemaach hutt, datt mol ee sech traute, eppes ze maachen.“ A mir hunn och duerno nach ganz vill Bréiwer kritt, also de SIGI huet nach ganz vill Bréiwer krut, wou och Reaktiounen dra waren. Mat deem Ganzen, éischtens, dat, wat an der Press war, huet den Interieur natierlech och reagiert a mir sinn dann dunn als Bureau geruff ginn an eng Entrevue an den Inneministère. Wat selbstverständlech ass.

Mir waren net zu vill. Et war net jiddweree mat an den Interieur. An d'Madamm Bofferding war awer relativ kloer an daitlech mat eis alleguer, do kann een elo net soen, dat war net sou. D'Madamm Bofferding huet eis scho gesot, wat Sache war. Datt mer deen Audit solle maachen an datt dat mat der Fondatioun och net sou geet. An elo ka jiddweree behaapte wat e wëll, mee dat war esou. An ech soen och elo näischt, wat ech net dierf soen. Also d'Madamm Bofferding huet wierklech gesot: „Also lo geet et duer.“ An dat emol ganz kloer. An dunn hate mer mëttes d'Delegatioun. Am Fong als Bureau hate mer d'Delegatioun geruff. Well dat jo och am „Reporter“ war, fir eng Kéier e bëssen ze schwätzen. Do wollt ech awer soen, dass déi zwou Delegatiounen komm sinn.

An och wann elo gesot ginn ass en Dënschden am Comité, d'Delegatiounen hätten näischt, näischt Schrëftlech, et war näischt do – dat ass falsch! Hei ass ganz kloer an daitlech gesot ginn, datt hei Leit gemobbt ginn, datt hei Leit Angscht hunn, datt se sech net trauen, iergendeppes zu soen. An du war eigentlech sou fir mech sou: „Jo, sou kann dat awer net sinn.“ Dat war sou de Werdegang. Wat geschitt ass, de Comité vum SIGI huet dunn och den Audit op den Ordre du jour setze gelooss fir de leschten Dënschden, fir den Audit ze maache, éischtens fir d'Personal an och fir de Finanzement. Mir haten dunn en Dënschde Comité, do ass awer decidéiert ginn dass net nëmmen 2 Auditte gemaach ginn, mee och een iwwert: Wéi sinn d'Gemengen zefridden? Well och wa behaapt gëtt, hei hunn nëmme 14 Gemengen e Bréif gemaach, dovunner ass een, deen e Bréif gemaach huet an fir 15 verschidde Gemengen zoustänneg ass. Dat heescht, do kann een also net soen: „Et sinn nëmme 14 Stéck.“ An allgemeng kann ee soen, déi kleng Gemenge sinn zefridde mam SIGI. Awer fir déi grouss Gemengen ass et schwiereg. An d'Entwécklung geet net weider, an de Gescom ass an der Entwécklung gestoppt, a mir hunn nach iwwerhaupt näischt mam SigiNova ze dinn.

Déi 3 Auditte gi gemaach. Mir hunn och vum Ordre du jour d'Fondatioun erofgeholl, also iwwert d'Fondatioun gëtt och elo net méi geschwat, op alle Fall ass dat elo mol vum Dësch. Dir kënnt mer herno och Är Froen dozou stellen. Ech wëll awer ee Wuert soen: Hei ass et wichteg, dass mer keng Parteipolitik maachen. Hei geet

et ëm d'Saach. An ech hunn en Dënschdeg am Comité erëm eng Kéier d'Impressioun gehat, datt do Parteipolitik gemaach gëtt. An dat ass schlëmm. Hei sinn 100 Gemenge betraff. Hei sinn 100 Gemengen, jo, déi eng sinn zefridden, déi aner net. Also just en Appell: Keng Parteipolitik an deem doten Dossier! Ech mengen, dann hätt ech zimmlech alles gesot.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Josiane, dass De op déi Rei Punkten agaan-ge bass, och chronologesch, fir hei nozevollzéien, wéi d'Evolutioun vum Dossier ass. An et ass sécherlech nach net fäerdeg, well déi Auditte jo wäerten ufänken. Mee et weist ganz kloer, dass de SIGI Problemer huet um Niveau vun der Gouvernance, sief dat d'Gouvernance, sou wéi se politesch zesummegeat ass iwwert d'Vertreter vun de Gemengen, déi do setzen. Awer och als Organisatioun. An dass do virop den Direkter och do e Problem ass mat der Gouvernance vis-à-vis vum Personal. Also ech mengen et sinn déi zwee Voleten. Déi natierlech enk matenee verflecht sinn, mee wou een awer mierkt, dass op deenen zwee Niveauen e Problem vun der Gouvernance ass, an et gëllt erëm, dat Vertrauen erëmzegewannen an de Gemengen an de Syndikat, wou och Geld drastécht. An déi natierlech och gegrennt ginn, d'Gemengesyndikater, fir am Interêt vun de Gemengen ze schaffen. Well seng Déngschtleeschungen a Servicer gi fir d'Gemenge gemaach an doriwwer eraus dann och fir eis Bierger. Ech hoffen dass mer do op e Wee kënnen goen, dass do erëm e bësse méi Rou antrëtt. Mir sinn hei fir driwwer ze diskutieren a jiddweree ka seng Remarque roueg mat eraginn. Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, Dir schwätzt mer aus dem Häerz. Josiane, dass dat hei keng parteipolitesch Geschicht ass, ech mengen soss dierfte mir hei d'Wuert net ergräifen, well all Mënsch weess, dass de President en CSV-Buergermeeschter ass, deen och ganz respektabel ass an och op ganz villen aneren Niveauen eng ganz gutt Aarbecht mécht. Mee dat heiten, hei geet et ëm d'Saach, wéi Der sot, an hei geet et virun allem ëm ganz vill Geld. Ech hu mat Interessi all déi Devoilementer vu Reporter lu gekuckt. An et geet jo ëm verschidde Problemer: Et geet ëm d'Aarbechtsbedingungen, déi lamentabel sinn, wou jo och déi Lénk eng Interventioun gemaach haten. Et geet virun allem ëm d'Ausgabepolitik an d'Gouvernance. A virun allem och ëm dat, wat eis hei virun allem betrëfft, déi informatesch Bedierfnesser vun de Gemengen, an och, dass dat schifgelaf ass. Brisant ass an deene Bréiwer, déi mer hei liesen, dat ass dat, wat mech e bëssen opbruecht huet, dass hei steet, dass säit 2020 „Dudelonge a décidé de gérer elle-même ses licences.“

Dat ass e Moment, dee mir ni richtig matgedeelt kritt hunn, an do si mer erstaunt doriwwer, dass dat einfach sou e bësse banaliséiert gouf. Mir kruten dat net richtig virgestallt, an ech war och net immens amused, wéi an engem Artikel d'Josiane gesot huet: „In den Gemeinderäten der Mitgliedskommunen werden wenige Fragen gestellt, was in den Syndikaten mit den Geldern der Gemeinden passiert.“ Also ech si säit 2005 hei am Gemengerot, an ech froe bei all Budgetsdiskussioun. Bei

all Budgetsdiskussioun passe mer op op d'Dependance vun de Syndikater. An dofir ass et net richtig fir ze soen, mir géifen net nohaken.

An ech sinn och e bëssen enttäuscht, wann ech da kucken. Ech hunn extra nogelies an der Budgetpresentatioun 2021, am Dezember. Do gëtt da just gesot: "De SIGI, do geet d'Participatioun an d'Luucht, dat ass duerch d'Entwécklung vum SigiNova. Zousätzlech Personal gëtt gebraucht, intern an extern. Dat ass wichteg, fir och kënnen an d'Gemengen ze goen an de Leit sur place kënnen ze weisen, wéi et fonctionéiert. Mat enger Enthaltung gouf de Budget vun 100 Gemengen ugeholl." Dat war deen eenzege Statement deen zum SIGI am Dezember 2021 gesot ginn ass. 2020 war et nach méi kuerz a knapp: "E grouss Moment am SIGI ass den neie Programm SigiNova, dee gëtt geschriwwen. An et ass e ganz neie Programm, wou se an d'Gemeenge ginn an de Programm scriptéieren an d'Besoinen ginn ausgeschafft." Dat sinn déi lescht zwee Budgetdiskussionen, wou iwwer de SIGI geschwat ginn ass, an do ass mat kengem Wuert eppes gesot ginn, dass d'Lompe sténken.

An dat ass dam Fong dat, wat ech schued fannen: dass do net méi mat offene Kaarte gespillt gëtt. Well ech denken, wann een am Bureau ass – guer net perséinlech Josiane, Du weess, wat ech mengen – da muss een dach och kënnen soen: „Ma nondikass namol, Dir hat am Januar e Bréif geschriwwen – absolut korrekt, fannen ech nëmme richtig, et hätt scho vläicht missen éischter d'Brems gezu ginn. A vläicht ass do och e bësse sou politesch Geplänkel an och vläicht vis-à-vis vum Interieur, dee seet: „Neen, kuckt dass dat iergendwéi geet.“ An dat fanne mer net ganz glécklech.

Wat awer elo déi konkret Froen ugeet, wat elo och Diddeleng ubelaangt, wéi ass et z.B. mam SigiNova, déi eege Software? „Der Aufwand ist enorm, die Resultate sind dürftig. Die Digitalisierung von Baugenehmigungen sind in kleinen Gemeinden nutzbar.“ Wéi ass et bei eis? Benotze mir dat?

Zweetens: Wéi ass et mam Gescom? Do steet jo och, no Oflafe vun der Lizenz mat Microsoft an Oracle soll dat duerch de SigiNova ersat ginn. An da seet dann e Member aus dem Comité: „Die alte Software wurde nicht gewartet, die neue ist noch nicht da. Maximal 20% von den Produkten funktionieren.“ Wéi ass et do zu Diddeleng? Bon, d'Thema Fondatioun, dass dat net immens super ass, do schwätzen ech net driwwer. D'Personal, doriwwer hate mer rieds wéi d'Tessy d'Interventioun hat. Mee meng Fro ass elo ganz konkret: Wann ech kucken, de Budget, mir bezuelen dem SIGI „Frais d'ordinateur, location de logiciel, participation aux frais d'exploitation“, ëmmerhin 715.000.- Euro sinn an eisem Budget. D'lescht Joer waren et der 625.000.- Euro, 2020 709.000.- Euro. Ech hu mer e bëssen d'Méi gemaach, dat zesummenzewurschtelen. Ech weess elo net, ob dat dat ass, wat mer am Surplus musse bezuelen, well déi Saache vum SIGI net uerdentlech fonctionéieren. Do hu mer z.B. „Location de logiciel, augmentation du nombre de licences informatiques“. Déi si vun 305.000.- Euro 2020 op 470.000.- Euro 2022 eropgaangen. An dann och, ech weess net, ob dat och domadder ze dinn huet, dat ass eng konkret

Fro: „Honoraires pour prestations informatiques“ vu 36.000.- Euro 2020 op 195.000.- Euro 2022. Ass dat och eng Suite vun där Aarbecht, déi de SIGI net mécht? Dat ass och interessant ze wëssen, dann huet ee vläicht och méi Poids fir eng Kéier ze soen: „Hei stopp, dat do, dat bréngt et einfach net méi.“

An et steet jo och an de Publikatiounen, dass verschidde Gemenge jo och schonn op de Wee gaange sinn, sech ze iwwerleeën, ob mer net sollen eppes Neits maachen. Eng Kéier Tabula rasa maachen a bei Null ufänken. Dofir ass do och déi konkret Fro, wéi ee Surplus bezilt Diddeleng, well de SIGI seng Aarbecht net mécht? An a wéi eng Richtung wëlle mer goen, dass mer kompetent Programmer hunn, dass mer och Leit hunn, déi bei der Wartung och zuverlässeg kënnen gefrot ginn. Dat ass jo de Problem och vum Personal-Switch an der Externalisatioun vun den Aarbechten, dass d'Leit an de Services soen: „Du riffs een un, da schafft dee schonn net méi do. Da riffs de deen nächsten un, da schafft deen och schonn net méi do. Da kënnt een, an dann hues de eng Nofro, an dann ass dee scho rëm net méi do. Dat ass jo och onutt. An dofir ass d'Fro: Wéi laang sténken d'Lompe schonn? An hätt een net vläicht sollen éischter d'Brems zéien? Bon, et seet een ëmmer „Moutarde après dîner“, mee virun allem: Wéi ass et mat de Finanzen? Wat kënnt op eis nach duer an der nächster Zäit? Merci.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Ech maache keng grouss Stellungnam, ech hätt just eng Fro zum Bréifwiessel. Do ass jo e Bréif vun Diddeleng bei de SIGI gaangen am Januar, mee ech mengen, do ass och keng Äntwert komm, oder?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Mol net en Accusé de réception. Näischt. Dat seet alles.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Bon, ech sinn elo net sou informéiert iwwer de SIGI. Ech soen lech just sou eng Anekdote als Bierger, dat ass scho laang Joren hir, do ass eng Kéier eng grouss Campagne gemaach ginn iwwer „Ma Commune“, an do krut all Bierger sou eng Käertchen, do konnt ee sech aloggen, a souwäit ech dat matkritt hunn, ech sinn net domat eens ginn, an ech mengen aner Leit och net. An dat war sou mäin éischte Kontakt mam SIGI. Et ass schwéier, sech e Bild ze maachen, wann een ausseesteeënd ass, mee mir ënnerstëtzen eis Gemeng an allem, wat Der geschriwwen hutt. An ech hat och eng Kéier mat der Madamm Ries privat geschwat. Also mir ënnerstëtzen d'Madamm Ries och, fir dass e respektvollen Émgang och mat eisen Delegéierten op sou enger Plaz ass. Dat fanne mer awer och wichteg.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Ech wëll do nach just completéieren, fir och vun eiser Fraktioun aus et nach eng Kéier op de Punkt ze bréngen. Dat hei dat ass e Manque de respect, e Manque d'efficacité a virun allem ass et e Manque de confiance. Ech weess net ob dat, oder wéi dat iwwerhaupt nach soll weidergoen, mee hei si verschidde Leit, déi si sech och hirer Funktioun an hirer Grenzen net bewosst. Da musse se et vläicht eng Kéier gesot kréien. Well dat hei, dat kléngt alles sou wéi

eng Palastrevoluitioun. Do sinn einfach Leit, déi huele sech Saachen eraus, déi stinn hinnen net zou. Si sinn hei am Déngscht vun de Gemengen, an dat klappt guer net. Dat klappt vun hanne bis vir net. An dofir kënnen mir och hei nëmmen eisem Josiane och de Réck stäipen. An ech si frou, dass mir hei och parteiwwergräifend als Diddelenger Gemeng einfach soen: Stopp! Sou geet et net weider! A Courage fir weiderzemaache Josiane. Merci.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP - SCHÄFFIN): Obwuel ech elo den Detail vum Budget net hunn, wëll ech awer elo e puer Saache beäntweren. Wat d'Micro-soft-Lizenzen ubelaangt, do war et ëmmer esou, datt déi iwwert de SIGI gelaf sinn. Duerno hat de Centre informatique sech der Saach ugeholl an am Endeffekt huet elo jiddweree seng eege Lizenze geholl. Also deelweis ginn et nach kleng Gemengen, do lafen d'Lizenzen nach iwwert de SIGI, mee fir de Rescht si mir selwer zoustänneg. Ass dee Chiffer an d'Luucht gaangen? Jo, dat ass richtig. Mir hunn awer vill méi dran an der Offer, en plus sinn et vill méi Mataarbechter, wéi et der virdru waren déi dovun profitéieren. Also dat ass awer elo näischt Extraordinäres.

Um „Horaire Prestations informatiques“. Mir hunn, ech soen e Beispill, mir hunn EducDesign och fir d'Schoul. Neen, mir hunn eng extern Firma, déi de Programm entwéckelt, well den Erny jo e spezifesch Programm brauch. Dat sinn alles Saachen, déi musse mir niewebäi bezuelen. Ech schwätzen hei vu Paienziedelen. Och do si mer net ënnerstëtzt ginn. De SIGI sot ëmmer sou: „Jo, neen, neen, neen, mir kucke mol.“ An da war en halleft Joer eriwuer, an da waars de nach net virukomm. Dat si mol déi Saachen, op déi ech hei direkt kann äntweren. Sinn dat all d'Budgetsfree gewiescht?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Location de logiciens, dat ass dat, an dann nach d'Honoraires de prestations informatiques. Mee et ass dann natierlech d'Fro, mir bezuelen awer 715.000.- Euro fir de SIGI. Fir wat?

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP - SCHÄFFIN): Fir wat? Fir 40 Produiten. An do hunn ech scho 57 Mol gesot am Bureau: Et kann net sinn, datt all Gemeng déi 40 Produite bezilt an net benotzt. Ech hat eng Bestandsopnam maache gelooss, wéi vill mir dann iwwerhaapt benotzen. Ma mir benotzen de groussen Deel net. Mee mir musse se awer bezuelen. Dofir ass dat ëmmer sou héich. Mee ech wëll awer och soen, dass mer méttlerweil hei am Haus ganz vill eege Weeër ginn. Mir hate wéinst dem Internetsite mam SIGI eng Kéier Rendez-vous. Och do hu si just gesot: „Ma wann der mengt, da musst der e maachen. Mir kënnen deem net zurechtkommen, wat dir hei braucht.“ Da musse mer alt erëm en Expert als Partner hunn. An dat ass dat, wou ech soen, dat kann net sinn an d'Gemenge sinn net zefriden. Firwat net éischter? Am Ufank, wann een a sou e Syndikat kënnt, an et gëtt een dauernd informatesch zougeshott, dann denkt ee jo: „Komm du verstees näischt dovun, sief mol nach roueg.“ Du ass natierlech, wéi iwwerall, Covid komm. Du hate mer just mol Visioen, an do war dat eigentlech normal. Lo wou d'Normalitéit erëm zrëckkomm ass a mer am Bureau souzen an dass ech gemierkt hunn: eigentlech kriss

de sou eng Kappwäsch gemaach. Wann d'Sëtzung net laang genuch dauert, da kriss de nach eng Stonn e Briefing gemaach. Et ass wierklech sou. An ech hunn des ëfteren, säit enger geraumer Zäit gesot: „Ech wëll dat do net.“

Ech hunn, an dat kann ech och behaapten, privat als Member vum Bureau e Bréif kritt vun enger Madamm, vum Personal, an déi huet un all Bureau member geschriwwen, an ech hunn dat du mat an de Bureau geholl, an du sot ech: „Wa mer scho beim Personal sinn, mir hu jo alleguerten dee Bréif hei kritt. An du huet de President mir geäntwert: „Deen hu mir klasséiert.“. An du sot ech: „Wéi? Dir hutt dee klasséiert? Ech sinn hei ugeschriwwen ginn an d'Member vum Bureau. Wéi ass dann d'Äntwert?“ Jo klasséiert heescht fir si, si hunn en einfach an d'Dreckschécht geheit. An ech mengen ab deem Moment war de Punkt komm, wou ech gesot hunn: „Neen, ech wëll dat net.“ Eigentlech ass een am Bureau awer geschlossen an et huet ee sech gutt verdroen. Et ass eigentlech gutt gelaf, bis zu engem Moment, wou ech ugefaangen hunn, mech ze wieren. Mee ech sinn awer deem Eenzege, dee sech wiert. Dat ass e bësse schwierig. Ech hunn zwar och deem een oder den, ouni den Numm ze nennen, mat deem ech richtig gutt eens ginn an déi och ëmmer erëm alles a Fro stellen.

Ech hätt et vläicht schonn 2018 kënnen mierken. Mee sou séier mierks de et net. Et gëtt vill verstoppt. Et geet vill laanscht eis. Ech wëll och net de President do ugräifen. Ech wëll do ganz kloer sinn. Bei der Direktioun muss en Audit gemaach ginn, dat ass onbedéngt wichtig. An da muss een nach oppassen, datt deem Audit net vun der Direktioun manipuliert gëtt, well, an dat ass elo e lescht Wuert dozou: si hate schonn eng Offer gefrot bei enger Firma, an d'Firma huet d'Offer zrëckgezunn, well d'Direktioun dat an Opdrag ginn huet.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Wann ech vläicht kann e kleng Fazit zéien. Et wär flott wa mer och déi Themaen iwwer d'Syndikater méi seriö am Budget géife behandeln. Mee, wéi ech gesot hunn, déi dräi, véier Zéilen. Mir gleewen Dir, Du gleefs deenen aneren. Dass een einfach och do wéinst der Transparenz, d'Echangen do am Gemengerot awer e bësse méi seriö hält an och do d'Rapporte vläicht och méi seriö duerchgeet. Dat ass e Wunsch vun eis.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP - SCHÄFFIN): Dofir fannen ech et immens schwierig iwwert d'Syndikater ze diskutéieren, iwwert d'Interna. Ech fannen, et wär net schlecht, wann een einfach mol eng Kéier sou seet, mir huelen eis elo eng Stonn, mir diskutéieren doriwwer. Beim Budget bass de awer zäitlech limitéiert. Mee ech fannen awer, sou à part, firwat net eng Kéier sou eng richtig Virstellung, eng Stonn eis huelen, wou mer driwwer schwätzen.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Et ass jo bei wäitem bei deenen anere Syndikater net déi Problematik, déi mer beim SIGI hu wat d'Fonctionnement ugeet. Mee nach soll een dat dote ganz gären eng Kéier thematiséieren. Mir halen lech och au courant iwwert déi weider Evoluitioun. Et wäert jo eng Zäitchen och brauchen, bis déi Auditte gemaach ginn, bis

do d'Conclusiounen och gezu ginn an nieft de Conclusiounen och ze kucken, wat d'Konsequenzen dann hannerdru sinn. Dat ass jo dee Prozess, deen do agelaut gëtt.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP - SCHÄFFIN): Den Audit soll ofgeschloss gi virum Oktober. Virum Bureau.

13. QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): Merci fir d'Wuert. Den Här Martini huet am Numm vun der CSV eng Rei Froe betreffend d'Spärung vum Foussgänger-respektiv Vëloswee laanscht d'Gafelt un de Schäfferot gerichtet. Hie freet, firwat a wéi laang do gespaart ass. Ob et eng Ëmleedung gëtt, respektiv firwat net? Wéi eng weider Chantiere wäerten d'Spärung vun engem Vëloswee mat sech bréngen? Firwat gouf net via SMS oder App matgedeelt, datt de Vëloswee gespaart ass? Ob mer domat d'accord wäeren, dass de Vëlo sou gehandhaabt gëtt wéi den Autosverkéier? Datt all Chantier, deen e Vëloswee betrëfft, am Gemengerot ënnert dem Punkt Circulatioun behandelt gëtt? Via App etc. soll informéiert ginn. An ob obligatoresch eng sécher alternativ Strooss soll geplangt an ausgeschëldert ginn? Dat waren d'Froe vum Här Martini. An da kéim ech bei d'Äntwerten. D'Ursaach firwat dee Wee, wou hien hei opzielt zou ass, ass de Projet Rénovation thermique vun der Schoul Gafelt, wou d'Fassad an den Daach erneiert gëtt an och e Lift installéiert gëtt. Ech ginn och net op d'Detailer vun deem Projet an, wat do gemaach gëtt, dee gouf hei virgestallt den 1. Oktober 2021 an all Fraktiounen hunn dat och deemools unanime guttgeheescht, sou datt Der wësst, ëm wat et do geet a firwat geschafft gëtt.

Aus Sécherheetsgrënn muss awer elo en Deel vum Wee gespaart gi fir d'Foussgänger an och d'Vëlosfuerer ze schützen, wann hei déi néideg Aarbechte gemaach ginn. D'Aarbechte sinn d'lescht Woch ugaangen a wäerten nach bis de Congé collectif 2023 daueren. Lo erschreckt awer net direkt. Dee Wee wäert awer net permanent zou sinn. Wann et méiglech ass, gëtt en natierlech fir d'Foussgänger an d'Vëlosfuerer erëm opgemaach. Mee mir kënnen dann awer net déi aktuell Breet garantéieren. Da wäert ëmmer nëmme, ech soen elo 2 oder 3 Meter Breet bleiwen, fir d'Vëlosfuerer an d'Foussgänger och laanscht ze loossen. D'Deviation fir d'Foussgänger an d'Vëlosfuerer, déi gouf leider réischt am Ufank vun dëser Woch ugeluecht. Firwat? Ma well et relativ komplizéiert war, e propperen a séchere Wee als Deviation ze fannen. D'Deviation, wéi se lo ass, déi geet vun der Rue de la Vallée aus kommend fir d'Foussgänger iwwert den Trottoir a fir d'Vëlosfuerer iwwert d'Strooss, laanscht d'Maison Relais, d'Crèche an d'Haiser bis an d'Entrée vum Parking vun der Schoul Gaffelt.

Um Parking kann dann de Wee laanscht de Schoulhaff benotzt ginn, an dann um Wee fir an d'Rue des Chemins de fer kënn een dann eraus. Bon, Dir gitt mir warscheinlech Recht, dass dëst als Vëlosfuerer net sou



einfach gëtt wéi deen aktuelle Wee, dee mir lo haten. Mir haten dowéinst och Problemer, de richtege Wee ze fannen an deen dann och auszuschëlderen. Firwat ass kee Reglement hei geholl ginn? Bon, et handelt sech jo hei ëm e Chemin public, deen och um Terrain privé vun der Gemeng Diddeleng läit. Dëse Wee war bis virun e puer Joer guer net accessibel fir d'Vëlosweeër, well et en Deel vum Rettungskonzept vun der Schoul war.

Mam Vëloskonzept an och der neier Sécherheetsevaluatioun vum CGDIS konnt dee Wee dunn awer fräigemaach gi fir d'Vëlosfuerer a gëtt elo eigentlech als Ofkierzung benotzt tëschent de Quartiere Gafelt, ech soen elo Rue de la Vallée, Rue Schortgen an dem Zentrum. Wann e Vëloswee wéinst engem Chantier gespaart ass an deen ass reglementéiert, da gëtt e Verkéiersreglement hei am Gemengerot geholl an déi Deviation gëtt dann natierlech och ausgeschëldert. Mir müssen dat dann d'selwecht behandelen, wéi Dir gefrot hutt, wéi den Auto wat an deem Fall d'Reglement ubelaangt. Mir wäerten natierlech och weiderhin eis Biergerinnen a Bierger via SMS oder App an de soziale Medien au courant halen, wa Weeër oder och Stroossen zou sinn. A wou mer d'Deviation do stoen haten an och opgestallt haten, du hu mer dat och gemaach a mir hunn och am ganze Quartier an doriwwer eraus en Toutesboîtes nach gemaach, wat déi Deviation ubelaangt. Vlächcht nach eng kleng Umierkung: Dir wësst et zwar allegueren, mee d'Vëlosweeër, déi mer hei zu Diddeleng ugeluecht hu verlafen duerch d'Wunnquartieren an iwwer Weeër, respektiv sou Ofkierzunge wéi eben deenen an der Gafelt par rapport zum normalen Autoswee. Dat ass natierlech als Ofsécherung vum Vëlosfuerer geduecht, par rapport zum motoriséierte Verkéier. Mee awer och fir eventuell d'Biergerinnen an d'Bierger éischter op de Vëlo ze kréien, well de Wee méi kuerz an och méi séier ass.

Heiansdo ass awer, wann ee sécher wëllt un d'Zil kommen, e klengen Ëmwee néideg, well eben den direkte Wee fir net geübte Vëlosfuerer oder och vlächcht fir Kanner, hinnen ze geféierlech schéngt. D'Fro ass awer trotzdeem ëmmer, an dat hunn ech scho méi dacks gesot: Wat huet Prioritéit? Direktwee oder vlächcht och d'Sécherheet vum Vëlosfuerer? Wa lo eng Spärung vu sou engem Vëloswee kënnt, wéi Dir se lo genannt hutt bei der Schoul Gafelt, dann ass et net ëmmer méiglech, eng adequat Deviation oder Alternativ ze fannen, déi dann a jidderengem sengen Ae sécher genuch ass. An da bleift eben dacks nëmme d'Hauptstrooss, an dësem Fall wär dat d'Gafelt oder d'Route de Kayl gewiescht, fir an d'Duerf ze kommen. An dofir hu mir e bësse méi laang gedoktert, fir ze kucken fir hei eng Alternativ ze

fannen, déi awer eis zumindest sécher genuch schéngt. A mir wollten de Chantier net ophalen. Dir wësst, wéi et momentan ass. Mir hu mat ganz villem Retard. An dofir koume mer réischt e bësse méi spët derzou, ze zeechnen.

Ech wëll awer nach eng Kéier drop opmierksam maachen an och betounen, datt dat hei net nëmmen e Wee ass fir Vëloen, mee virun allem och fir ganz vill Foussgänger, an datt och déi Foussgänger müssen déi Deviation huelen, déi ausgekennzeechent ass. An all Kéier wann et méiglech ass, da wäerte mer natierlech dee Wee fir souwuel Vëlo wéi Foussgänger opmaachen. An ech mengen domat wär ech op all Är Froen agaangen.

CLAUDE MARTINI (CSV): Villmools merci. Och dem Service Circulation e grouss Merci, datt e sou schnell reagéiert huet. D'Fro war knapps dobannen an zwee Deeg drop waren d'Deviatione scho gezeechent. A mir kruten och eng SMS. Alles wat gefrot gi war, ass zwee, dräi Deeg drop gemaach ginn. Villmools merci dofir. Ech hunn e bësselchen am Land nogefrot. Kënne mer, wa mer dat am Dossier Circulation behandeln, kann een do nach eng Kéier e Vott driwwer maachen? Dat wär e staarkt Zeechen no bausse fir d'Mobilitéit ze fërderen. Dass mer weisen, dass mer vill Wäert op d'Mobilité douce setzen, och wann dat net am Gesetz virgesinn ass. Ech weess, dass dat net d'Voirie publique ass. Wa mer z.B. eng Deviation proposéieren, dass mer doriwwer ofstëmmen am Gemengerot? Dat wär en Zeechen no baussen dass mer eis staark fir de Vëlosverkéier géifen interesséieren. Dat ass meng Zwëschefro.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Neen, dat ass dat, wat ech virdru gesot hunn. Wa mir e Circulationsreglement huelen, dann ass et u sech eppes wat reglementéiert ass. Dat heescht, wa mir lo soen, mir rappen an der Parkstrooss op fir Vëlosweeër, ech huele lo einfach e Beispill. Dann ass de Vëloswee jo Partie intégrante vum Circulationsreglement. An da steet dat och ëmmer dran. Dat muss souguer drastoen. Wa mer awer keen Circulationsreglement müssen huelen, da kënne mer och kee Vott huelen. Hei ass et wierklech e Problem gewiescht, well mer eis net sou richtig eens waren.

Dofir koum och d'Deviation méi spët. Mir waren eis net richtig eens, well s de awer muss e Stéck iwwert déi Gafelterstrooss fueren, an dat ass esou „lalilala“ fir deen een oder deen aneren. A mir hu laang am Service gekuckt, an och mat eisen Experten vu Komobile, ob mer net géifen eng aner Alternativ fannen, déi hu mer net fonnt, sou datt et elo awer deen dote Wee ass. A wéi gesot, all Kéiers wou et Partie intégrante ass vun iergendengem Chantier, an et läit e Vëloswee drop, musse mir souwisou e Reglement huelen. Mee dat anert ass einfach net méiglech.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): OK. Merci nach eng Kéier fir déi dote Fro an och d'Äntwert an d'Prézisioun. Da wäere mer lo zum Schluss vun eiser Seance publique ukomm.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Effektiv, de Kont sollt jo vum Ministère aus op Null gesat ginn. Dat heescht, déi Sue sinn transferéiert ginn. Bei eise Recette comptabiliséiert ginn déi Clienten, déi ausgemaach ginn, déi ze vill bezuelt hunn, fir en eventuelle Remboursement ze maachen. Dat ass d'Äntwert. D'Sue ginn zrëck an d'Recette. A vun do aus ginn d'Clienten identifizéiert, souwäit si nach um Territoire sinn a souwäit wéi mer se kënnen identifizéieren, ginn déi rembourséiert.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Lo kënne mer an de Huis clos eriwergoen.

Re-
Retour
de
Babel
17.09—
11.12.
2022

Centres d'Art
Nei Liicht &
Dominique Lang,
Dudelange


re-retourdebabel.lu

#DUDELANGE2022



CAMPAGNE DE L'ÉCLAIRAGE ET DES PNEUS

MERCREDI
2 NOVEMBRE



CONTRÔLE DE L'ÉCLAIRAGE ET DES PNEUS

LE MERCREDI 2 NOVEMBRE DE 10H30 À 18H00
(DUDELANGE, NEISCHMELZ – SITE « AL GARDE »)

SCHEINWERFER- UND REIFEN-CHECK

AM MITTWOCH, DEN 2. NOVEMBER VON 10.30 BIS 18.00 UHR
(DUDELANGE, NEISCHMELZ - STANDORT "AL GARDE")

Toutes les dates et sites de contrôles sur / Weitere Termine und Kontrollstationen auf

ACL.LU

AVEC UN **A** COMME ASSISTANCE